



nach eng Kéier ënnerstrach, den 1. Mee hunn d'Gewerkschaften nach eng Kéier ënnerstrach, ...

(Interruption)

... dass se eng Tripartite, eng national Tripartite fuerderen, well se der Meenung sinn, dass dat de Moment net gutt leeft, wéi et leeft. Dat ass keng Erfindung vun iergendengem. Dat sinn d'Aussoe vun den Éischt-Mee-Rieden och gewiescht vun de Gewerkschaftspräsidenten an et war och d'Ausso vum President vun der gréisster Staatsbeamte-gewerkschaft, deen dat och nach eng Kéier op der Antenn vu Radio Lëtzebuerg gesot hat, dass et wichteg wär, elo eng Tripartite anzeberuffen.

An ech bleiwen derbäi, Här Premierminister, et ass elo de Punkt, fir se anzeberuffen, fir zesummen unzefänken! Well wann een eréischt ufänkt, wann d'Kand am Pëtz läit, dann ass et ze spéit. An dofir nach eng Kéier mäin Appell. Mee ech hunn et verstanen, et wäert eemol méi 31:29 haut ausgoen, fir dass domadder eemol méi gesot gëtt: D'Opposition huet keng Alternativen. An: D'Opposition huet keng Iddien. Hei war just d'Iddi, dass Der Iech mat de Sozialpartner, mat de Forces vives de la nation zesummesetzt. Wann dat net erwünscht ass, huele mer dat zur Kenntnis. Mir bedauern dat. An ech mengen, mir sinn net déi Eenzeg!

Villmools merci.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, hei gëtt gesot, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert zréck un de Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, hei gëtt gesot, fir sech zesummenzesetze mat de Sozialpartner. Ech weess net, ob ech net kloer genuch war: iwwer 200 Reu-

niounen! Wéi wann dat näischt géif zielen! Et geet net drëms, e Sozialdialog just viru Kameraen ze féieren. Mir maachen dat all Dag!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Staatsminister. Mir kommen da lo zum Vott vun dëser Motioun.

Vote sur la motion

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 29 Jo-Stëmmen géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President?

(Brouhaha)

11. 7823 - Proposition de loi portant modification de

1. la loi électorale modifiée du 18 février 2003

2. la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques au registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux registres communaux des personnes physiques et portant modification de

1) l'article 104 du Code civil ;

2) la loi modifiée du 30 mars 1979 organisant l'identification numérique des personnes physiques et morales ;

3) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;

4) la loi électorale modifiée du 18 février 2003

et abrogeant

1) la loi modifiée du 22 décembre 1886 concernant les recensements de population à faire en exécution de la loi électorale et

2) l'arrêté grand-ducal du 30 août 1939 portant introduction de la carte d'identité obligatoire

Déclaration de recevabilité

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Präsidentekonferenz huet sech haut fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7823 iwwert d'Ofännerung vum Walgesetz, déi haut de Mëtte vum Här Sven Clement deponéiert gouf.

Schleisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz un, d'Proposition de loi 7823 als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

(La proposition de loi n° 7823 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

12. Ordre du jour (suite)

Mir sinn domadder um Schluss vun der Sitzung ...

(Interruptions)

Den Här Kartheiser freet nach d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech wollt just drun erënneren, Här President, datt den Här Fred Keup och nach eng Motioun haut agereecht huet. A mir wäre frou, wa mer vläicht de Freideg da kéinten iwwert déi diskutéieren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et ass nämlech gefrot ginn, fir déi Motioun an enger vun deenen nächste Sitzungen op den Ordre du jour ze huelen.

Mir sinn um Schluss vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt e Freideg, de 14. Mee, nees um zwou Auer zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.46 heures.)



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Déclaration de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

3. 7820 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises

- Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

- Discussion générale : M. Claude Wiseler (interventions de Mme la Ministre Paulette Lenert, M. Marc Baum et M. le Premier Ministre Xavier Bettel) (dépôt des motions 1-5) - M. Gilles Baum (interventions de M. André Bauler) - M. Georges Engel (interventions de

Mme Martine Hansen et M. Gilles Baum) - Mme Josée Lorsché - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Sven Clement - M. Marc Spautz

- Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de M. Claude Wiseler, Mme Martine Hansen et M. Georges Engel) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel - Mme Françoise Hetto-Gaasch (parole après ministre)

- Vote séparé sur l'article 10 du projet de loi 7820 (adopté)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (intervention de M. Claude Wiseler)

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

- Motion 2 : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - M. Georges Engel

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

- Motion 3 : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser - M. Claude Wiseler - M. Marc Baum - M. le Premier Ministre Xavier Bettel

- Vote sur la motion 3 (rejetée)

- Motion 4 : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - M. Claude Wiseler (retrait de la motion)

- Motion 5 : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - M. Sven Clement (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Baum - M. Claude Wiseler - M. Sven Clement - M. Claude Wiseler (intervention de M. Georges Engel)

- Vote sur la motion 5 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Une voix**.- Jo.

2. Déclaration de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Da géif ech direkt der Madamm Lenert d'Wuert ginn.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Et ass just fir eng kuerz Deklaratioun ze maachen.

Mir hunn opgrond vun deem Projet de loi, deen haut zur Debatt steet an och soll adoptéiert ginn - hoffentlech, dat ass eise Wonsch -, de Règlement grand-ducal iwwert d'Konditiounen, fir Tester ze maachen, nach eng Kéier adaptéiert. Dee muss aktualiséiert ginn, fir dass en esou kloer wéi méiglech ass. An dat ass haut de Moien nach eng Kéier geschitt vusäite vun der Regierung. Ech wollt lech dat matdeelen an deem Sënn, dass en Text, deen och de Moien an der Chamberskommissioun fir Diskussioun gesuergt huet, nämlech de Paragraph 4 vum Artikel 4, erausgeholl gëtt.

Konkreet: Wat bedeit dat? Dat heescht, dass Leit, déi doheem e Schnelltest maachen, keng Obligation réglementaire oder légale hunn, fir deen ze deklaréieren, mee just eng Recommandation forte hunn, fir dat ze maachen, esou wéi et bis haut ass. Dat ass eng Ännerung, déi mer iwwert d'Mëtteg-

stonn festgehalten hunn, an ech wollt lech dat just matdeelen.

Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Ministesch.

3. 7820 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises

Den eenzege Punkt vum Ordre du jour vun der Sitzung vun de Mëtten ass de Projet de loi 7820, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei vu Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Jeff Engelen, den Här Sven Clement an den Här Marc Spautz.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, wa mer beim Projet de loi fir d'Verlängerung vum État de crise ëm dräi Méint

virun eppes méi wéi engem Joer ufänken, an déi Gesetzesprojeten iwwert déi breet ugeluechten Tester matberücksichtegen, stinn ech haut fir déi 19. Kéier virun lech, fir iwwer e Gesetzesprojet am Kampf géint de Virus ze rapportéieren, ze berichten.

Wann Der kuckt, wéi d'Aktivitéit an dëser Chamber war, an Dir vergläicht dat mat enger Rei vu Länner ronderëm eis, esou hu mer et hei fäerdegbruecht, iwwer eng laang Streck a Rekordzäite Gesetzter ze preparéieren, ze diskutéieren, ze adoptéieren an ze publizéieren, während am Ausland ganz oft iwwer Dekreter gehandelt ginn ass.

Ech wëll ausdrécklech ënnersträichen, dass dat e wichtige Volet vum Lëtzebuurger Modell ass, well selten, selten huet e Gesetz d'Chamber esou verlooss wéi et eragaangen ass, a ganz oft konnt an de Kommissiounsarbechte fir Prezisiounen an och fir Adaptatioun gesuergt ginn. Esou stellen ech mer eng Teamaarbecht zwëschent der Exekutiv an der Legislativ an enger Krisenzäit vir.

An och wa mer a méi haarden Diskussiounen Divergenzen haten zwëschent Majoritéit an Opposition, esou mengen ech, dass mer eis awer alleguer eens sinn, dass dee gewielte Wee dee richtege war, och wann dee Wee déi kleng Ekippe bis zum Gehnichts-mehr belaascht. An duerfir, och wa sech emol eng Kéier e Feeler aschläicht, wannechgelift net direkt déi déckste Kanounen huelen, mee - esou wéi mir dat ëmmer maachen -, probéieren, déi Feeler auszemäerzen. Dat ass och déi richteg Aart a Weis an ech soen de Kollegen aus der Santéskommissioun, awer och aus anere Kommissiounen a ganz grouse Merci do derfir, an och der Regierung fir déi Flexibilitéit, déi se weist, virun allem awer och där klenger Ekippe hei ronderëm de Rapporteur an der Chambersadministratioun.



Manner positiv ass d’Zuel vun de Jonken, déi an d’Spidol mussen, gréisser Komplikatiounen no enger Covidinfektioun entwéckelen an dowéinst och Intensivfleeg brauchen. Duerfir bleift d’Zuel vun de Patienten op den Intensivstatiounen zwar stabil, mee awer weiderhin héich.

Weider Virsiicht ass also gebuede wéinst deene verschiddene Varianten, wou déi eng oder déi aner méi aggressiv sinn an hir Wierkung oder hir Gravitéit nach net an allen Detailer kann ageschat ginn.

All dat weist, dass mer um richtege Wee sinn, mee dass all Schrëtt zu méi Fräiheeten, zu méi Normalitéit muss begleet si vu Virsichtsmoosnamen, wéi mer se kennen, fir eng Reprise vun der Pandemie ze verhënneren.

Mat den Ännerungen a Moosspane vun dësem Gesetzesprojet gi mer weider an déi Richtung. Déi Neierlegung gëllen ab dem 16. Mee bis den 12. Juni nach mat. No den Terrassen an de leschte Woche ginn d’Restauranten an d’Caféen an de bannen nees op, mat maximal véier Persounen un engem Dësch oder méi, wann déi Persounen aus engem Stot kommen oder zesumme wunnen. Fir d’Consommation bannen ass en negativen Test obligatoresch. Méi Detailer dozou herno, well dat ee vun deene Schwéierpunkte vun eisen Diskussiounen war.

D’Éffnungszäite bannen a bausse ginn ab nächster Woch oder ab e Sonndeg vu 6.00 Auer moies bis 10.00 Auer owes, statt wéi bis elo bei den Terrassen nëmme vu 6.00 Auer bis 6.00 Auer. De Couvre-feu, d’Ausgangsspär gëtt no hanne geréckelt vun 11.00 Auer owes op Mëtternuecht, also ëm eng Stonn.

Weider Ouverturë gëtt et och bei de Rassemblementen: Doheem kann een an Zukunft maximal véier Persounen empfänken, och wa se aus verschiddene Menagé sinn, oder awer e ganzen anere Stot, egal wéi vill Persounen. Bis elo waren et zwou Persounen aus engem selwechte Stot.

Fir soss Rassemblementer gëllt dann d’Héchstgrenz 150 amplatz bis elo 100, awer mat Mask, Sëtzplazen an zwee Meter Distanz. An d’Méiglechkeet gëtt geschaaft, fir Rassemblementer vu maximal 1.000 Leit ze organiséiere mat engem spezielle sanitäre Konzept, dee vun der Santésdirektioun akzeptéiert gouf, mat op d’mannst grad esou héije Sécherheetsstandarde wéi déi generell Rassemblementsregelen.

Kultur a Sport kënnen nees ufänken, zwar ënner strenge Konditiounen, relativ normal ze fonctionéieren. Concerten a villes méi ginn nees méiglech.

Méi Fräiheet an e grouse Schrëtt a Richtung Normalitéit och am Sport: Bei de Sportsmanifestatiounen sinn nees Zuschauer, Spectateuren erlaabt ënnert den normale Rassemblementsreegele bis 150 Persounen.

D’Limitten an d’Distanciatiounsreegele ginn och am Sport gelackert: Bis véier gëlle keng speziell Reegelen; d’Distanz vun zwee Meter gëllt vu fënnef Sportler un - virdu war dat vun dräi Sportler un -, mat enger Ausnam fir d’Policeschoul, déi dofir awer en negative Coronatest mussen hunn.

Bei de Jonke bis 19 Joer, déi hire Sport an engem Club maachen, deen an enger Sportsfederatioun affiliéiert ass, sinn d’Reegelen opgehuewen.

An de Piscinnen ass déi streng Regel mat de Couloiren - sechs bei 50 Meter, dräi bei 25 Meter - opgehuewen. D’Distanz gëllt d’Reegel vun den zéng Meterkaree pro Schwëmmer, déi gemooss ginn op der Uewerfläch vum Waasser. Bon, net evident fir dat ze moossen, wann een amgang ass ze schwammen, mee bon, wat d’allgemeng zougeloussen Zuel ugeet, ass dat awer e Richtwärt. Ech hunn aus eegener Erfahrung gesinn - mee dat ass awer nëmmen eng eegener Erfahrung -, wann déi dote Limitt respektéiert gëtt, da gëtt et enk am Baseng. Mee ech mengen, dass dat, esou wéi an der Vergaangeneheet, bei de Piscinen scho wäert klappen - iwwregens beispillhaft organiséiert, mee dat eng kleng Eegebemierkung, well ech selwer zu deene Schwëmmer gehéieren: méi lues wéi verschidden anerer, awer duerfir méi laang.

An der Kultur gëlle fir Museksaktivitéite keng Distanciatiounsreegele bis véier Leit. Vu fënnef Persounen un a bis zu zéng Persounen mussen dann d’Distanz vun zwee Meter a Sëtzplazen agehale ginn. Bausse kënnen awer bis zu 40 Persounen zesumme Musek maachen, mat enger minimaler Distanz vun zwee Meter tëscht de Museker.

An der Educatioun gëtt an den ieweschte Lycéesklassen, Quatrième bis Deuxième, no der Päischtzkanz den Enseignement en alternance opgehuewen; fir d’Sécherheet soll zweemol d’Woch iwwert den Edutesting gesuergt ginn.

De Projet de loi gesäit och Verbesserung bei den Hëllef fir Entreprisë vir: D’Spezialhëllef fir Etablissementer aus dem Horeca-Beräich, déi duerch d’Gesetz gezwonge waren, zouzemaachen oder zouzebleiwen, gi fir de ganze Mount mee virugeféiert, an och d’Foraine falen ënnert d’Hëllefbestëmmunge fir Entreprisë mat enger Perte vu 75 % vun hirem Chiffre d’affaires. D’Sanktiounen ginn un déi nei Bestëmmungen a Reegelingen ugepasst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Verglach zu villen anere Länner woe mir also däitlech Schrëtt a Richtung méi Normalitéit, Fräiheet a Convivialitéit a ginn dem Horeca-Secteur, deen esou laang drop huet misse waarden, d’Méiglechkeet, erëm ze schaffen, wann och mat Oplagen. An dat si virun allem déi Tester, déi souzesoen als Entréesticket gëllen. Dës Tester sinn deemno Dréi- an Aangelpunkt vun den neie Bestëmmungen. Si stoungen duerfir och am Mëttelpunkt vun eisen Diskussiounen a verlaangen och no méi Explikatiounen.

D’Bestëmmunge fir déi obligatoresch Tester sinn no Diskussiounen an der Kommissioun an och op Recommendation vum Staatsrot fir all déi verschidde Situatiounen, déi am Gesetz virgesi sinn - Consommation bannent de Caféen an de Restauranten, Sportskompetitiounen, Sportsaktivitéiten am Kader vun der Policeformatioun -, harmoniséiert ginn. Dat ass richteg a logesch esou a wäert eis och hëllefen, mat deenen neien Obligatiounen eens ze ginn.

Et gëtt dräi Méiglechkeete fir dës obligatoresch Tester: entweder en negative PCR-Test - mir kennen déi, déi vun de Laboen -, deen net méi al ass wéi 72 Stonnen; oder en zertifizéierten negative Schnelltest, deen net méi al ass wéi 24 Stonnen; oder en negative Selbsttest, dee sur place, op der Plaz also, wou ee wëllt eragoen, gemaach gëtt an dann och nëmmen op där Plaz Gültigkeet huet.

Wa mer ronderëm eis kucken, da gëtt et eng Rei vun neien Initiativen, déi de Leit sollen d’Liewen erlichteren. An ech fanne perséinlech, wann ech mer dat erlaben däerf, wann dat ënner gudd Konditiounen geschitt, dass dat absolutt begrëssenswäert ass. Et ass virun allem wichteg, dass d’Leit getest a richtig getest ginn an et net zu Drauwe virun de Lokaler kënnt. Also all Initiativ, déi gutt kanaliséiert an akzeptéiert ass vun de Santéautoritéiten, ass eng gutt Initiativ. Ech wëll dat esou ënnersträichen. Dat ass och net als Concurrence déloyale fir deenen oder deen anere geduecht, mee dat ass complémentaire. Hei ass den Interêt vun de Leit a vun dem Secteur am Mëttelpunkt an net aner Interëten. Ech mengen, dat hu mir wäitgeeënd och esou an der Kommissioun gesinn.

Eng Rei vun Explikatiounen nach: Wichteg ass ze wëssen, dass och de Selbsttest eng Ënnerkategorie vun de Schnelltester, den Tests antigéniques rapides, ass an dass also e Selbsttest kann zertifizéiert ginn, wann deen Test a Presenz an ënnert der Opsiicht vun enger Persoun gemaach gëtt, déi dem Gesetz no autoriséiert ass, dat ze zertifizéieren.

D’Gesetz definéiert eng Lëscht vu Beruffer a Persounen, déi autoriséiert gi sinn, dës Resultater vun de Schnelltester ze zertifizéieren mat engem offiziellen Dokument, deem säi Format vum Direkter vun der Santé festgeluecht ass: Et sinn d’Dokteren an d’Apdikter - do gëtt et jo och elo eng offiziell Lëscht vun Apdikten, déi esou Selbsttester mat Zertifikatioun moyennant paiement ubidden - an eng Rei vu Gesondheetsberuffer, vun deenen d’Lëscht am Text vum Gesetz festgesat ass, ënner anerem Infirmieren, Infirmiëren, Aide-soignants, Aide-soignantëen, Kinéen, Osteopathen.

D’Gesetz gesäit och d’Méiglechkeet vir, dass den Direkter vun der Santé Fonctionnaires oder Employéen aus dem ëffentleche Secteur kann designéieren oder autoriséieren, dass déi déi Zertifikatioun kënnen maachen. Ech hu virdu gesot: Do gëtt et schonn eng Rei vun Initiativen an déi dote Richtung.

Wichteg ass dann och nach ze preziséieren, dass net all Persounen, déi per Règlement grand-ducal, ... deen iwwregens ugepasst ginn ass, a wann do an deem Règlement grand-ducal nach eng Interpretatiounsschwieregkeet sollt bleiwen, well dat ganz séier gaangen ass, dann ass e Règlement grand-ducal relativ séier ugepasst. Wichteg ass ze preziséieren, dass net all Persounen, déi per Règlement grand-ducal autoriséiert sinn, fir Tester un anere Persounen duerchzeféieren - do gëtt et Schnellformatiounen -, dat och kënnen zertifizéieren. Also net jiddwereen, deen autoriséiert ass, fir mat unzepakten, kann och zertifizéieren. Do si besonnesch am Sportberäich eng ganz Rei vu Leit an deene leschte Méint ausgebitt ginn.

Mailen, déi d’Eltere kréien a wou d’Testresultat drasteet, nodeems hiert Kand sech an der Schoul getest huet, dat ass keen zertifizéiert Resultat u sech. Dat ass laang a breet an der Kommissioun diskutéiert ginn an dat ass och déi Äntwert, déi mir kruten. De sougenannten Edutesting huet als eenzegt Zil, als Hauptzil, fir d’Ouverture an de Fonctionnement vun de Schoulen ënner séchere Konditiounen ze begleeden, net awer als Hauptzil, fir Zertifikater auszustellen, déi an anere Beräicher gëllen. Dat wëllt net heeschen, dass et do net kann zu enger Evolutioun kommen, nach muss een awer Leit fannen, déi da bereet sinn, déi doten Zertifikatioun ze maachen.

Während eisen Diskussiounen an der Kommissioun gouf och d’Fro gestallt no der Durée de validité vun den zertifizéierte Schnelltester - dat heescht, wéi laang se Entréeë kënnen ginn -, well d’Schnelltester jo awer e Stéck manner sensibel si wéi d’PCR-Tester a well d’Charge virale bei enger Infektioun bannent Stonne ka staark eropgoen, erofgoen. A well jo awer

ganz vill Ouverturen a Fräiheeten domat verbonne sinn, gouf decidéiert, bei de Schnelltester bei 24 Stonnen ze bleiwen, esou wéi de Conseil d’État et och suggeréiert hat.

Och déi geimpfte Persounen ënnerleie bis op Weideres ... - ech ënnersträichen: bis op Weideres, well do ass eng Diskussioun lancéiert, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee och am Ausland, wou een awer muss oppassen, dass mer net eng verkappten Impfflicht kréien an déi ethesch Froe mussen am Virfeld klären. Geimpfte Persounen mussen also bis op Weideres och déi Tester maachen.

D’Fro vun der praktescher Ëmsetzung vun de Selbsttester am Horesca ass an deene verschiddeenen Avisen vun de Chambres professionnelles an an der Diskussioun vun der Kommissioun opgeworf ginn. D’Modalitéiten, wéi dat soll ëmgesat ginn, si festgehalen an enger Guideline, déi zesumme mam Horeca-Secteur an dem Direkter vun der Santé ausgehandelt gouf.

Ech sot uganks, dass d’Sanktiounen un déi nei Mesuren ugepasst ginn. Wichteg ass ze wëssen, dass d’Fälschung vun Testresultater oder de Fait fir d’Testresultater vun enger anerer Persoun ze presentéieren, natierlech strofbar ass, nämlech net nëmmen opgrond vun enger Observatioun vum Conseil d’État, mee no de Bestëmmunge vun dem „usage de faux“ an dem „faux en écriture“, d’Notze vu falschen Nimm, wou se ënnert de Code pénal falen.

De Certificat vert numérique ass am Moment op EU-Niveau an der Diskussioun a gëtt fir Enn Juni ugekënnegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bleift nach just ganz kuerz ze soen, dass de Projet de 6. Mee, den Donneschdeg d’lescht Woch deponéiert gouf. Déi éischt Reunioun vun der Kommissioun mat Presentatioun vum Projet de loi war freides, de 7. Mee. Ech selwer sinn och als Rapporteur designéiert ginn. De leschte Méindeg koom eng Serie Amendementen. De Conseil d’État huet dënsches, den 11. Mee säin Avis publizéiert an deen ass och dee selwechten Dag analyséiert ginn. De Moien hate mer dann d’Sëtzung, fir de Rapport unzehuelen.

Dir gesitt also, deem heite Projet - deen net onkomplizéiert ass, dat wëll ech ënnersträichen! -, sinn och an der Chamberskommissioun ganz vill Stonne gewidmet ginn. An der Kommissioun gouf et eng Kuelebootsch vu Froen, déi opgeworf goufen. Vill konnte beäntwert ginn, anerer wäerten an der Praxis mat e bësse Pragmatismus eng Äntwert fannen. Anerer, do mussen mer vläicht nach an Zukunft nohaken.

Sécher ass nach net alles perfekt beim Oflaf vun der Testprozedur. Mee positiv ass de Fait, dass déi Tester eis erëm Dieren opmaachen zu Gewunnechten, déi mer an deene leschte Méint vermësst hunn an déi et engem wichtege Secteur fir eis Economie an eist Sozialliewen erlaaben, erëm ze schaffen.

Dat gesot, lauert de Virus nach ëmmer drop, dass mir eis un hie gewinnen an eis Ofwierhaltung vergiessen. Duerfir: Et gëtt nach kee Grond, manner virsiichteg ze sinn, wa mer wëllen an engem Mount e weidert Stéck Fräiheet an Normalitéit erëmkreien. An dann e perséinleche Wonsch, deen, mengen ech, awer och am Numm vun der Kommissioun ka formuléiert ginn: Dat nächst Gesetz, hoffe mer, dass et méi en einfacht Gesetz gëtt, wat nach méi einfach liesbar ass a wou een net esou vill Erklärungen brauch.

An deem Sënn soen ech lech en häerzleche Merci, Här President, an lech fir Är Gedold. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- An ech soen dem Här Rapportier Mars Di Bartolomeo villmools Merci a ginn d’Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Villmools merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech soen, dass d’CSV der Meinung ass, dass d’Richtung vun dësem Gesetz stëmmt. Mir mussen lues a lues opmaachen, mat Virsiicht opmaachen. Mir hunn eng Balance tëschent op där enger Säit den Infektiounszuelen an op där anerer Säit den Impfzuelen, déi et eis erlaabt, e puer Schrëtt, e puer virsiichteg Schrëtt an d’Richtung Ouverture ze goen.

An ech wëll dat och objektiv hei feststellen: Déi Infektiounen sinn zwar nach ëmmer zu Lëtzebuerg héich, mir sinn zwar manner héich wéi Frankräich an d’Belsch, mee mat 204 Infektiounen, wann een et op eng Millioun Awunner géif héichrechnen, fir ze vergläiche mat deenen anere Länner, leie mer nach méi héich wéi Däitschland, wéi Irland, wéi Portugal. Mee et ass kloer, dass et momentan par rapport zu deenen iwwer 1.000, déi mer alt haten an dem leschte Joer an de Méint September, November duerchaus aner Proportionen sinn.

A wann ech kucken, mat den Impfung geet et och besser virun, wéi dat am Ufank de Fall war, quitte datt een do och muss soen, datt Länner wéi sou-

wisou England, mee och Däitschland an d’Belsch licht virun eis leie mat 34 % respektiv 31 % vu Leit, déi mindestens schonn eng Impfung kritt hunn: Mir kommen op 29 %, Frankräich op 27 %, dat heescht, mir leien do par rapport zu deenen anere Länner an engem Peloton. Mir hätten natierlech selbstverständlech gär, datt et méi schnell soll goen, dat ass eng Evidenz. Mir wëssen awer och, datt eng Limitt no uewen an deem Sënn gesat ass, dass s de muss Impfstoff hunn, fir kënnen méi schnell ze maachen.

Mir gesinn och, datt d’Besetzungen an de Spideeler erofgaange sinn, och d’Besetzung vum den Intensivbetter an datt notament d’Mortalitéit weesentlech manner grouss ass wéi dat virun dräi, véier Méint nach de Fall war, soudatt een objektiv muss soen, datt bei wuessenden Impfzuele virsiichteg Éffnungen méiglech sinn. Éischte Constat.

Zweete Constat, deen ech wëll maachen, dat ass, datt mir als CSV, an d’ganz Opposition och mat eis, säit Februar, säit dräi Méint an aller Däitlechkeet froen, datt mer gär eng Exitstrategie vun der Regierung op den Dësch geluecht hätten, an aller Däitlechkeet froen, datt mer och gär eng Strategie vu Schnell- a vu Selbsttester ausgeschafft hätten. Dat froe mer säit Enn Januar ufangs Februar an aller Däitlechkeet.

Mir hunn et gefrot an all eise Rieden, souwuel d’Madamm Hansen wéi ech, well mer gesot hunn: „Et ass dréngend, datt mer elo schonn déi Virbereedungen maachen an datt mer se net eréischt dräi, véier, fënnef Deeg oder eng Woch virdu maachen, ier mer dann eppes mat Schnelltester an d’Praxis ëmsetze wëllen.“ Well mir woussten alleguer scho sengerzäit, datt Schnell- a Selbsttester ee Moyaen wären, fir lues a lues erëm Schrëtt an eng richteg Richtung, an d’Ouverture ze maachen.

Mir wëssen et säit dräi, véier Méint. Mir hunn déizäit gesot: „Maacht déi Virbereedungen elo, well wann Der se méi spéit maacht, gëtt erëm alles iwwert de Knéi gebrach an da gëtt erëm déi ganz Politik amateurhaft an net seriö duerschduecht.“ A mir stellen haut fest, datt et genau esou, wéi mer et sengerzäit gesot hunn, komm ass. Genau dat ass net gemaach ginn, wat mir virun dräi Méint gesot hunn, an dat ass geschitt, wat mer virun dräi Méint prophezeit hunn: datt mer haut erëm an aller Hetz mussen Saachen ëmsetzen, déi net duerschduecht sinn an déi hannen a vir net opginn.

Mir hu gefrot, datt eng Impfstrategie mat Schnell- a mat Selbsttester soll op den Dësch geluecht ginn, well déi fir Éffnungen wichteg ass - d’ailleurs net nëmmen am Horeca-Secteur, mee och am Horeca-Secteur -, mat der Virbereedung: wéi, wéini, wien, wat fir eng Formatiounen, wou, op wellech Aart a Weis sollen esou Tester gemaach ginn?

Elo krute mer virun zwee Deeg respektiv viru véier Deeg an deene Reuniounen, déi mer haten, gesot, datt déi Tester fir d’Ouverture vun dem Horeca dobannen natierlech géifen zielen, mee datt nach net all Detail bekannt war an datt dat eréischt elo mam Horeca géif ausgeschafft ginn. De Moie krute mer gesot, datt e Mëttwoch déi éischt Proposition un den Horeca gaangen ass, an datt den Direkter vun der Santé gëschter d’Äntwerten, kontradiktoresch Äntwerte kritt huet. An de Moien an der Kommissioun krute mer gesot, datt den Direkter vun der Santé sech dann, soubal eis Kommissioun fäerdeg wär, géif dohinner setzen, fir deen Text auszuschaffen an eis en dann - ech mengen ech krut en um hallwer zwielef -, zoukommen ze loossen.

Elo muss ech awer soen ... Mir froen et säit dräi Méint: „Schwätzt mat deene Leit!“ Mir froe säit dräi Méint: „Maacht déi Virbereedungen!“ An da kréie mer um hallwer zwielef, nodeem datt um zwou Auer scho laang bekannt ass, datt d’Gesetz gestëmmt gëtt, kréie mer dann déi wichteg Applikatiounsmodalitéiten do geschéckt.

A mir sinn net déi Eenzeg, déi dat gefrot hunn. Wann ech den Avis vun der Kommissioun vun den Droits de l’homme liesen, dee seet, datt haapt-sächlech net de Prinzip, mee d’Modalitéite vun deem, wéi déi Ouverturë géifen ëmgesat ginn, dat sinn, wat zielt. An ech soen lech hir Froen, fir datt Der gesitt, datt net nëmme mir als Opposition Froe stellen, och d’Mënschrechtskommissioun stellt déi Froen, déi mir gestallt hunn an deene Kommissiounen virdrun: « Qui sera en charge d’effectuer ces tests ? »

Bon, haut de Moien, an der Mëttesstonn si mer da gewuer ginn, datt dat en Employé vun dem Café oder vun dem Restaurant wär, deen en charge wär, fir dat ze maachen. Wou ginn déi effektuéiert? Am Règlement steet: an der Entrée. Wat heescht dat, an der Entrée vum Café, wann ee weess, wéi verschidden Dispositiounen an den eenzelne Caféen a Restaurants kënnen sinn?

Aner Fro - ech liesen d’Froen op Franséisch, well et deen Text ass, deen d’Commission des droits de l’homme en fin de compte op Franséisch geschriwwen huet: « Où est-ce que les personnes peuvent attendre le résultat de leur test ? », wëssend, datt nodeem een deen Test am Café oder virum Café oder an der Entrée vum Café gemaach huet, een eng Véierelstonn respektiv eng hallef Stonn muss



waarden. Wat mécht ee während där hallwer Stonn? Sëtz een dann an där hallwer Stonn hannert dem Paravent, deen do opgestallt ass, fir ze waarden? Oder muss een erausgoen? Alles dat ass net kloer!

« Que se passe-t-il si [...] un client est positif, quelle est la procédure mise en place ? » Och do steet eng Prozedur dran, déi a priori mat deenen Ännerungen, déi elo proposéiert gi sinn haut, just virun der Sëtzung, vun der Madamm Gesondheetsministesch, fir d'Obligatioun vun den Deklaratiounen dann ze maachen ... Wann een Autotest gemaach gëtt, sti Recommandatiounen dran, déi elo schonn net méi stëmmen, déi zwou Stonnen duerno net méi kënnen stëmmen!

« Quelles sont les mesures de précaution à prendre par les restaurateurs pour pouvoir administrer les tests aux clients ? » Froen, déi mer gestallt kréien - Äntwerte stinn net an deem Text, dee mer um zwielef Auer kritt hunn.

Bei den Test-en-pharmacië gëtt d'Fro gestallt vun der Droits-de-l'homme-Kommissioun: « [...] qui procèdera au contrôle de l'identité de celui-ci - sachant que les restaurateurs ne sont pas habilités à le faire ? » Eng weesentlech Fro! De Moie krute mer d'Äntwert: „Dat baséiert op der Confiance vun de Leit.“

« [...] qui prendra en charge les coûts financiers de ces différents tests : les clients, les établissements ou l'État [...] ? » Déi Äntwert hu mer och nach net. An déi Äntwert ass net onwichtig, well mer müssen natierlech och hei oppassen, bei deem Coût, deen déi Tester kënnen hunn, datt mer net eng Gesellschaft an zwou Vitessë kréien, wou déi eng sech déi Ouverture kënnen erlaben an déi aner sech déi Ouverturen net kënnen erlaben, well de Coût vun den Tester hinnen, wa se en all Dag ze maachen hunn, extreem deier gëtt. An da seet de President vun der Kommissioun - dee par ailleurs seng Aarbecht gutt gemaach huet - ganz léif, datt jo de Principal hei am Text géif stoen, mee den Accessoire net, an dee bräicht jo och net am Text ze stoen. Den Accessoire ass net bis den allerleschten Detail gekläert.

Genau, Här President, dat ass absolut richtig, mee ech soen lech awer grad esou kloer, datt mer säit dräi Méint froen, datt den Accessoire soll gekläert ginn an datt och déi Leit um Terrain, déi den Accessoire müssen applizéieren an an d'Realitéit ëmsetzen, och froen, datt e soll gekläert ginn.

A wann d'Madamm Lenert seet, et kéimen elo kloer Recommendatiounen bis e Freiden oder e Samschen eraus, wou all déi Leit aus dem Horeca-Secteur da wéissten, wéi se et solle maachen ... Wann ech awer liesen, wat ech an der Mëttegstonn vu Recommendatiounen kritt hunn, da bleiwe mir awer nach eng ganz Rei Froen op! An dat ass alles anescht wéi kloer Recommendatiounen, déi elo um Dësch leien.

Ech soen lech ganz kloer - well et déngt näischt, wann ee schéi grouss Zilsetzungen dohinner setzt, de Principal, an um Terrain da Gewulls entsteet an en net uerdentlech kann ëmgësat ginn -: Mir exigéieren am Fong, datt déi Saache vun der Politik uerdentlech virbereet ginn an net just mat selbstezfriddene generelle Mantraen d'Richtung ugi gëtt an de Rescht dann dem Zoufall iwwerlooss gëtt.

Zu den Tester wëll ech soen, datt och do déi Prozedur, déi mer an der Chamberskommissioun erlieft hunn, mer awer e weéneg problematesch war.

Fir d'éischt, deen éischten Text, dee mer kruten, do war eng kloer Differenz, wéi déi Selbst- an déi Autotester an dem Horeca-Secteur, am Sportssecteur géife behandelt ginn. Am Horeca-Secteur war e PCR-Test, deen 72 Stonne gültig ass, en Test antigénique, e Schnelltest vu 24 Stonnen, en Autotest vu 24 Stonnen. Dat huet eis logesch geschéngt. Am Sport war just e Schnelltest vun 72 Stonne virgesinn.

Mir hunn an der Kommissioun viru fënnef Deeg dorop opmierksam gemaach - d'ailleurs och d'Membere vun der Majoritéit hunn dorop opmierksam gemaach -, datt hei zwou verschidden Aart a Weise wäeren, fir mat den Tester ëmzegoen. Mir hu gesot, mir géifen dat net gutt fannen, well dat d'Leit géif duercherneebréngen. Déizäit huet de Sportsminister eis klipp a kloer geäntwert - an dat kënnt Der sécherlech am Procès-verbal noliesen -, datt seng kloer Präferenz fir Schnelltester wär an net fir Autoschnelltester. Dat war dee Moment d'Äntwert vun dem Här Kersch. Dat ass esou, dat wär esou an en huet eis erklärt, datt Sport jo souwisou eppes aneres wär, well hei géif et ëm Elittesport goen, do wäeren d'Zuele manner grouss an dat kéint een also absolutt justifizéieren an dat wär déi richtig Léisung. Ok.

Da liese mer beim Conseil d'État zwee Deeg duerno am Fong genau déi selwecht Argumentatioun, wéi déi, déi d'CSV an aner Oppositionsparteien an där éischter Kommissioun bruecht hunn. De Conseil d'État seet kloer: « aucune explication quant aux raisons qui les ont amenés à opérer une telle distinction. » géif een an dësem Text erëmfannen. Et géif iwwerhaupt keng Explikatioun ginn, firwat mer hei zwou Moosnamen hätten, an e seet, e kënnt zur Konklusioun: « le Conseil d'État estime qu'il y a lieu d'aligner non seulement les dispositions relatives

aux compétitions sportives et aux formations du cadre policier, tels que l'indiquent les auteurs, mais qu'il s'impose au contraire de retenir, en matière de tests, les mêmes règles pour les différentes situations visées par le projet de loi sous examen. »

Dat ass kloer, datt ass genau dat, wat mir an der Kommissioun gesot hunn. Dat ass genau dat selwecht, wat mer de 7. Mee als Opposition an der Kommissioun gesot hunn. An do hunn ech natierlech den 12. Mee gestaunt! Ech war och frou driwwer.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dat ass dach schéin.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Lauschtert, et ass ganz schéin, et ass effektiv ganz schéin, datt d'Situatioun déi ass. Wann d'Opposition eppes seet, da gëtt se fir domm gehalen, gëtt se heemgeschéckt, gëtt gesot: „Wat zielt Dir do?“ An da seet de Conseil d'État genau dat selwecht an da kënnt den Här Kersch dohinner an e seet eis: „Elo ass et gutt an elo ass et vill besser, datt wat de Conseil d'État proposéiert, wéi dat, wat ech hei presentéiert hunn.“ Ech muss lech éierlech soen, ech si frou, datt Dir dat och akzeptéiert, wann de Conseil d'État et seet, weinstens dat! Mee et weist awer net op d'Bonne foi vun der Regierung hin, datt wann d'Oppositionsparteie genau dat selwecht dräi Deeg virdru soen, datt et dann onméiglech ass an datt een et dann net kann akzeptéieren!

Et waart Dir d'ailleurs net, Madamm Lenert, et war den Här Kersch als Sportsminister, ganz kloer. Dat huet mech e weéneg geiergert, well ech awer d'Impressioun hunn, éierlech gesot, heiansdo fir domm gehalen ze ginn! Ech muss lech dat esou kloer an däitlech soen.

(*Brouhaha*)

An tant mieux wann d'Versioun vun dësem Text elo déi ass, déi de Conseil d'État an da sämtlech Oppositionsparteie proposéieren.

An zu Protokoll ginn ech dann nach eng kéier, datt mer als CSV gefrot hunn, datt dee Certificat vum Test antigénique soll kënnen 48 Stonne Dauer hunn, ganz einfach, well mer der Meenung sinn, datt dat an der Praxis weesentlech méi effikass ka sinn, datt een dee Risk, deen een domadder leeft, kann huelen an datt notamment all déi Weekendsfroen, déi sech awer fir vill Leit stellen, esou kënnen geléist ginn. Mir wäeren net déi Eenzeg, déi géifen op dee Wee goen, Däitschland huet genau dee selwechte Wee gewielt, an dofir fanne mer als CSV - ech ginn et just zu Protokoll -, datt mer dee Wee d'selwecht wéi an Däitschland och kéinte goen.

Mir kréie geäntwert: „D'ganz Regierung ass virsiichteg, dofir wëlle mir net op 48 Stonne goen. Mir bleiwe gären op 24 Stonne stoen.“ Dat kann ech jo dann och verstoen. Ech maachen awer just drop opmierksam, datt dee Mount virdru bei deem selwechten Test am Sport 72 Stonne gegëllt hunn an datt et do net onvirsiichteg war, ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... vill manner Leit!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... mee datt et do normal war. Et ware vill manner Leit, mee et war awer déi selwecht sanitär Fro! Et kann een ëmmer soen, et ware vill manner Leit, déi concernéiert waren. Ech stelle just fest, datt 24 Stonnen ..., datt Dir dat elo macht - mir sinn enger anerer Meenung -, mee datt Der virdrun am Sport mat 72 Stonnen äusserst zefridde waart, an de Sportsminister souguer virdru behaapt hutt, viru sechs Deeg, dat wär fir hien déi ideal Léisung gewiescht.

Mir haten dunn eng laang Diskussioun an der Chamber, wéi deen Text iwwert d'Tester ze interpretéieren ass. Ech sinn nach net sécher, ob ech dat elo alles richtig verstannen hunn, well et ass awer eng Aart a Weis gewiescht, wéi mer dee Problem gehandhaabt hunn, wéi ech se nach selten, dat muss ech awer och soen, nach selten erlieft hunn.

Ech hunn elo verstanen, datt de facto e Schnelltest dat selwecht ass wéi en Autotest, einfach vun dem Materiellen hier, datt deen eenzegen Ennerscheid dovunner ass, datt den Autotest autogekuckt gëtt an datt s de da selwer gesäis: „Ech sinn ...“

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dee mécht ee selwer an dat anert mécht en aneren.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... datt s de selwer gesäis ...

Nee, nee, eeben net. Et ass net, datt en aneren et mécht, ...

■ **Une voix.**- Nee.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... et ass, datt en aneren et zertifizéiert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Nee, dat ass nach eng aner Fro.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ma nee ... Voilà!

(*Hilarité*)

Elo si mer schonn erëm genau an der Diskussioun dran, déi mer de Moien an der Kommissioun haten. De Moien an der Kommissioun hunn ech extra

nogefrot. Ech hu gesot: „En Autotest ass dat selwecht wéi e Schnelltest, just datt de Schnelltest zertifizéiert gëtt vun engem Professionnel de la santé oder vun engem Fonctionnaire agréé, mee et ass dat selwecht Material. An de Schnelltest kann och déi Persoun selwer huelen.“

Dir hutt nämlech an der Kommissioun effektiv genau dat gesot, Madamm Minister, wat Der haut sot: „Nee, et muss nom Reglement gefuer ginn an och de Schnelltest muss a sech vun dem Professionnel de la santé prelevéiert ginn.“

Elo hutt Der eis awer haut e Reglement während der Kommissionssëtzung virgелеucht, wou de Contraire drasteet. An deem Reglement steet nämlech elo haut dran - wat nei ass, virun dräi Deeg war dat aalt Reglement nach gültig -, datt de Prelevement en fin de compte net brauch duerch e Professionnel de la santé gemaach ze ginn, mee datt de e kann selwer maachen. Dat Eenzezt, wat de Professionnel de la santé muss maachen, wann den Autotest soll e Schnelltest sinn, dat ass, datt en zerfizéiert gëtt vun engem Professionellen.

Wann dat net stëmmt, muss Der mer et soen! Well esou liesen ech awer ganz kloer an däitlech dat neit Reglement, wat do ass. Soss hätt Der et d'ailleurs och guer net brauchen ëmzeänneren, well dat anert Reglement huet dat gesot, wat Dir elo just gesot hutt.

Ech wär wierklech frou, eng kéier Clarificatioun driwwer ze kréien. An ech soen lech awer och ganz kloer: Wa mir heibannen no stonnelaangen Diskussiounen an der Kommissioun nach ëmmer net gemeinsam wëssen, wou mer dru sinn, wou sollen d'Leit dann dobausse verstoen, wat se solle maachen a wéi dat soll goen. Dat ass total onverständlech!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

(*Interruption*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- An da soen ech lech och nach: Déi Aart a Weis, wéi mer hei virgaange sinn ...! Mir hunn en Donneschdeg ... oder ech weess net méi, wéini et war ... Viru fënnef Deeg hate mer eng Reunioun, du krute mer da gesot: Dir musst ... Wéi ech gesot hunn: „Ech verstinn dee Gesetzestext hei net, well deen excluëiert verschidde Saachen, déi net dra stinn. Dee seet zum Beispill, datt just de Schnelltest muss zertifizéiert ginn an net prelevéiert ginn.“

Dunn hutt Der mer gesot - an ech hunn d'Zitat nach an den Oueren -: „Mee Dir musst dat natierlech liese mat deem Reglement zesummen.“ Dunn hunn ech lech gesot: „Mee et kann een awer net soen, wann et net am Gesetz steet: ‚Et ass d'Reglement, wat iwwert d'Gesetz prevaléiert.‘ “ Dunn ass gesot ginn: „Mee dat muss onbedéngt complémentaire gelies ginn!“ Bon, dunn hunn ech de Mond gehalen an dunn hunn ech gesot: „Bon, si müssen et jo wëssen. Dann ass et gutt.“

Elo komme mer haut dann um Ëmwee vun enger Fro vun der Madamm Lorsché, déi dann zoufälligerweis dat selwecht fret, wéi ech gefrot hunn: „Ech hunn et nach net verstanen, kënnt Der mer et dann nach eng kéier explizéieren?“ Ongeféier esou hutt Der d'Fro gestallt, Madamm Lorsché.

Ech hat mech net getraut se ze stellen. Dir hutt se gestallt. Du krut Der d'Äntwert vum Ministère de la Santé: „Jo, wësst Der, mir hunn elo d'Reglement geännert. Elo ass et anescht, well Dir hat am Fong Recht. An dofir hu mer d'Reglement elo missen adaptéieren.“ Dir waart net present an der Reunioun. Dat ass dat, wat mer de Moien an aller Däitlechheet vun Äre Representantë gesot kruten.

Dunn hunn ech da gesot: „Kënnen mer dat Reglement da wannechglift trotzdeem kréien? Mir müssen de Mëtteg e Gesetz stëmmen. Dann ass et awer normal, datt mer d'Exekutiounsreglement zumindest am Grapp hunn! Wann Der et dann och nach ännert véier Stonne virdrun, da gitt eis et zumindest véier Stonne virdrun!“

Du krute mer et da während der Kommissioun weidergeschéckt. Do liesen ech dat mat engem An a mat deem aneren hunn ech op den Ecran gekuckt. Da stelle mer do fest - den Artikel 4 -, datt mer elo dann an d'Reglement en Automatismus draschreien, wou jiddwereen, dee muss en Autotest doheem maachen, dann obligéiert gëtt, den Dag selwer dem Direkter vun der Santé e Bréif ze schreien, fir sech selwer ze mellen.

Ech kann et logesch verstoen, datt een dat mécht. Mee wann een dat awer wëllt maachen a wann een dat schonn an e Projet de règlement schreift, dann huet een awer besser, virdrun d'Leit ze informéieren an ze soen: „Passst op, dat kënnt! An à partir vun deem Datum maache mer dat.“

Esou, elo kommt Der de Mëtten heihinner virun der Reunioun a sot, Dir hätt dat elo erëm erausgeholl aus dem Reglement. Verstitt Der, ech ka jo mat villem liewen, mee esou kënnen mer awer net schafen!

Mir hunn haut e wichtigen Text ze stëmmen. Dir hutt elo dräimol während de Kommissionssëtzungen

d'Reglementer ... zweemol d'Reglementer ëmgeännert. Dir hutt eis virun enger Stonn oder zwou Stonnen d'Lëscht vun de Recommendatiounen geschéckt, déi mer lech scho laang gefrot hunn. Wou och par ailleurs nach eng Rei Kontradiktiounen elo drastinn!

Well ech wëll lech just soen: An deene Recommendatiounen vum Direkter vun der Santé stinn en fin de compte nämlech e puer Saachen dran. Do steet nämlech dran, datt en fin de compte ... Dir hutt den Artikel 4 jo elo virun der Sëtzung erausgeholl. Den Artikel 4 obligéiert deen, deem am Autotest positiv ass, sech selwer ze denoncéieren.

An de Recommendatiounen, déi den Direkter awer virun zwou Stonnen erausgeschéckt huet an eis ginn huet, do steet awer nach dran, datt deejéinegen, deen an engem Autotest am Café positiv getest gëtt, sech awer engagéiere muss, dat heescht, op Basis vun där Obligatioun, fir der Direction de la santé deen Test positif ze deklaréieren.

Dat heescht, den Direkter huet virun zwou Stonne Recommendatiounen erausgeschéckt op Basis vun deem Reglement, wat Der eis de Moie ginn hutt, wat Der awer elo de Mëtten hei virun der Reunioun schonn erëm ëmgeännert hutt, soudatt Är Recommendatiounen a mengen Ae schonn net méi stëmme par rapport zu deem, wat virun zwou Stonnen nach de Fall war.

Ech muss lech soen: Et ass wierklech, wierklech komplizéiert ze schaffen! An dat selwecht ass dann en fin de compte fir d'Schoulen de Fall. De Rapport, dee jo seng Aarbecht gutt mécht a seng Texter gutt liest, koom elo virun 20 oder virun 10 Minuten heihinner a seet eis, mir wäeren der Meenung, datt mer misste bei de Schoule kucken, ob déi Zertifikatiounen, déi an de Schoulen ausgestallt ginn, dann net och solle gëllen als Zertifikatiounen, fir duerno an enger zweeter Etapp an den Horeca ze goen. Dat ass dat, wat Der gesot hutt.

(*Interruption*)

Esou. An Dir hutt dunn hannendru gesot: „Dat kann een awer elo nach net maachen, well do müssen déi Leit nach agreeéiert ginn. Déi müssen d'accord sinn. Mir kënnen keen zwéngen an esou weider.“ Dat ass och alles dat, wat mer an der Kommissioun gezielt kritt hunn. Ok, ech sinn och 100%eg domat d'accord. Mir musse probéieren, datt mer déi Zertifikatiounen esou hikréien, datt se gesetzeskonform sinn. Esou!

Elo liesen ech awer just an der Recommendatioun, déi ech da virun zwou Stonne kritt hunn, déi den Direkter un d'Horeca-Betribler erausgeschéckt huet - ech liesen lech den Text vir -: « Par dérogation, pour les élèves et étudiants, le courrier électronique envoyé par l'Éducation nationale avec le résultat négatif d'un test réalisé à l'école est également accepté ».

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo. Do si mer haut zur Konklusioun komm ...

(*Interruptions diverses*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also, elo macht awer wierklech net de Geck mat mer! De Rapport huet nach virdru gesot, dat géif net goen, well Dir eis an der Kommissioun gesot hutt: „Dat hu mer elo nach net am Gesetz virgesinn. Mir müssen nach mat den Enseignanten schwätzen.“ An d'Gesetz seet d'ailleurs, datt déi Enseignantë müssen individuell agreeéiert sinn, wa se et wëlle maachen. Dir hutt déi Diskussiounen ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Da war ech net an der Kommissioun!

(*Interruptions*)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, serieusement. An Dir hätt awer gär, datt mir de Mëtten de Gesetzestext solle stëmmen!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dat ass en Detail vun der Exekutiv.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also en Detail vun der ... Ech hunn esou e Bréif hei, an deem et drëm geet, wéi dann a sech déi Auto-test-rapidë géife gemaach ginn.

(*Interruption par Mme Paulette Lenert*)

Do steet awer mat kengem Wuert drop ... Do steet just drop, datt an der Schoul esou en Test gemaach gëtt. Et steet awer net do, wien en zertifizéiert huet. Et steet awer net do, wéi en zertifizéiert ginn ass. All dat, wat Der als gesetzlech Obligatiounen hutt, wann esou en Test kënnt.

Hei steet awer en fin de compte drop, datt dee Courrier électronique envoyé par l'Éducation nationale - dat ass deen, deen ech hei am Grapp hunn - och géif zielen. An deem Courrier, deen ech hei am Grapp hu vun der Éducation nationale sinn awer net déi Saachen dran, déi Der am Gesetz festschreift, datt missten dra sinn, an zwar, datt en agreeéierte Certificateur et zertifizéiert. Ce n'est pas le cas!

Also, ech si jo der Meenung, datt et soll geschéien. Mee ech sinn awer der Meenung, datt et soll geschéien op eng Aart a Weis, wou et legal - a



mengen Aen - korrekt ass. Ech fannen, dat heiten ass amateurhaft behandelt. Dat ass déi eng Kéier dat eent gesot an déi aner Kéier dat anert gesot.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Mir klappen drop an da klappe mer op dat anert nach drop an dann ass ...

(Interruptions diverses)

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo. Also, elo lauschtert emol! Dir hat dräi Méint Zäit, fir dat dote virbereeden! Kommt net an dräi, véier Deeg a sot: „Elo schaffe mer schnell.“! Serieusement!

■ **Une voix**.- Virun engem Mount!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also, ech muss lech soen: Ech ka just staunen iwwert d'Aart a Weis, wéi hei mat de Gesetzestexter ëmgaange gëtt.

■ **Une voix**.- Dir hätt solle bis muer waarden. Da wäre mer ...

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Mir hunn dat ganz gutt gemengt, fir dat parallell domat ze maachen.

■ **Une voix**.- Här President?

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ben, also! Lauschtert emol ... Ech hunn awer nach selten en Text gesinn, wou Règlements d'exécution, déi mer gefrot hunn, da während der Sëtzung ...

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Awer an der Pandemie ...!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo, lauschtert emol!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Dir hutt dat selte gesinn, mee Dir waart nach ni an esou enger Situatioun! Et deet mer ganz Leed!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir sinn elo 18 Méint an esou enger Situatioun a mir hunn lech et virun dräi Méint gesot, datt déi Schnelltester géifen op eis zoukommen, datt d'Ouverturë vun de Schnelltester géifen ofhänken, datt een also besser hätt virun dräi Méint, déi Preparatiounen do ze maachen!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Et ass alles preparéiert.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et ass alles preparéiert, mee et ass näischt uerdentlech hei.

An da soen ech, den Direkter vun der Santé, dee soll dann déi Fonctionnaires agreéieren, déi kënnen hei esou Schnelltester maachen, awer trotzdeem: Sous welleche Konditiounen ginn dann déi Fonctionnaires agreéiert? Wie gëtt do agreéiert? Ech fannen, datt de Gesondheitsdirekter, deen ech par ailleurs ganz gär hunn a gutt ka leiden, awer mat dësem Gesetz en enorme Pouvoir kritt, deen net ageschränkt ass. Den Direkter kann iergend e Fonctionnaire agreéieren, Punkt!

Wien et och ëmmer ass, firwat en et och ëmmer ass, wéi en et och ëmmer mécht, wat fir eng Konditiounen dee muss hunn ... Mer wëssen et net. Et ass discretionnaire vum Direkter. Wéi gesot, ech trauen dem Här Schmit, an dat ass wierklech net dat, wat ech wëll soen. Mee ech fannen den Text misst awer notamment bei esou Saachen zumindest eng Rei Preconditiounen hunn, wie kann agreéiert ginn a fir wat e kann agreéiert ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- D'ailleurs ass meng Fro do och: Wann elo meng Fraktionspresidentin, d'Madamm Hansen, déi Fonctionnairin, zwar en re-traite spéciale, elo ass, freet, agreéiert ze gi bei dem Här Direkter vun der Santé, well se seet - si oder ech -: „Mir hätte gär, datt eis Fraktioun géif all moies getest ginn an ech ginn deene gär e Certificat, datt ech sécher sinn, datt all eis Reunioneen kënnen uerdentlech lafen.“ Kritt déi en Agreement? Kritt se keen Agreement? Ass dat justificéiert? Ass et net justificéiert?

Dat sinn awer Froen - bon, ech hunn elo dat do Beispill geholl, well et illustrativ ass -, mee wou et awer wichteg ass, datt mer einfach wëssen, och fir aner Administratiounen, wuer deen Zuch hifiert.

An da soen ech: Wa mer déi Ouverturen hei scho beim Horeca maachen, firwat maache mer net änlech Ouverturen, wann et da gutt virbereet wär, mat uerdentlechen Tester a mat uerdentlechen Diskussiounen mat de Secteuren an der Kultur oder an de sozialen Evenementer? Dat ass bei genügend Virbereedung och absolutt noutwendeg a logesch an eisen Aen.

D'ailleurs si mir net déi Eenzeg, déi dat esou gesinn. Och d'Mënscherechtskommissioun seet hei kloer an däitlech: « La CCDH se demande d'une manière générale pourquoi l'obligation de se faire tester s'appliquera uniquement [...] dans le secteur Horeca ». Se seet also genau dat selwecht wéi dat, wat mir soen.

Mee bleiwe mer nach emol bei deem, wou mer haut sinn. An den Apdikte kann ee sech teste loossen. Dat kascht dann eenzel iwwer 30 Euro; hu mer an den Zeitunge gelies. Dat kascht mech also, wann ech dat géif maache mat enger Famill vun dräi

Kanner, wann ech wëilt an e Restaurant goen, 150 Euro. An dann hunn ech nach kee Glas Waasser bestallt domadder.

Dofir, och am Restaurant, wann ech dann en Autotest wëilt maachen, dat kascht jo da manner, ass d'Fro: Wie bezilt et do? Ass dat gratis? Bezilt de Restaurant et? Bezilt de Client et? Wéi soll dat goen? Och dat fannen ech e wichtige Punkt, datt een et au préalable ganz kloer a ganz däitlech gesot huet.

Ech wëll just nach eppes derbäi soen, wat mer awer och wichteg schéngt. Ech hu jo dann haut gelies, datt elo amgaangen ass gekuckt ze ginn, well dat Ganzt jo an der Organisatioun extreem komplex wäert ginn, datt hei d'Gemeenge materugezu ginn, fir dann esou Testzentren ze entwéckelen. An do muss ech awer soen, do kann ech awer just staunen.

Ech fannen awer, wann een esou eng Politik en place setzt, dann ass et awer un der Regierung, entweder déi Testzentre selwer en place ze setze fir ze kucken, datt se disponibel si fir d'Leit. Oder wann d'Regierung wëllt déi Responsabilitéit verschiben op d'Gemengen, wat se hei amgaang ass ze maachen, dann hätt ech et awer och do e Minimum fonnt, wa se eng Woch, 14 Deeg, e Mount virdu bei d'Gemeenge gaange wär a mat de Gemeenge gekuckt hätt: Wéi kënnen mer dat zesumme maachen? A wéi solle mer elo déi Teststationen ëmsetzen? A wie bezilt wat? A wéi soll dat ausgesinn? A wie mécht et? A wou gëtt et gemaach?

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- All dat si jo awer Basissachen! Dir kënnt awer net zwee Deeg virdrun da mat de Gemengen diskutéieren. De Syvicol, deen huet elo nach iwwerhaupt net ... oder virun een, zwee Deeg Kontakt kritt, Äntwerte kritt, gëschter, mengen ech, oder virgëschter, vum Direkter vun der Santé, wéi dat soll goen! Do sinn elo 102 Gemengen, déi iergendzousch och nach riskéieren, a Rivalitéit eng par rapport zu där anerer ze geroen, net wëssen, wéi se dat sollen organiséieren, elo awer ënner Drock vun de Leit kommen, déi keng Informatioun kruten, fir dat do unzegoen. An ech fannen dat ass e Mangel u Virbereedung, dee fir mech äusserst, äusserst problematesch ass!

Ech fannen et richtig, datt et probéiert gëtt, mee et muss een et uerdentlech virbereeden, wann een et wëllt maachen. Dat heiten ass Hals iwwer Kapp eppes op d'Bee gesat, wou mer nach d'Realitéit net richtig erkennen. Et ass eng total Onpreparatioun! An ech soen nach eng Kéier: A mengen Ae misst de Staat déi Testzentre maachen oder mat de Gemengen uerdentlech virbereeden.

Ech verstinn och net richtig, Här Staatsminister - mir hu jo Testzentren en fin de compte -, firwat mer déi Testzentre vum LST, dee souwisou verschiddentlech jo ganz staark contestéiert gëtt, net deelweis elo ëmfonctionéieren als Schnelltest- an Zertifikationszentrum.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Fir mech ass et kloer, datt zumindest déi Reflexioun do muss schnell gemaach ginn, datt mer do eng Méiglechkeet hunn, datt mer do Capacitéiten hunn, fir dat ze maachen.

Da soen ech och hannendrun awer eppes: Wann et elo drëm geet, datt d'Gemeenge mussen schnell esou Testzentren ëmsetzen, dann hoffen ech awer, datt net erëm déi selwecht Diskussioun kënnt an datt do net erëm ouni ëffentlech Ausschreiwung, well elo alles muss schnell goen, déi selwecht Firmen agestallt ginn, déi scho beim LST ouni ëffentlech Ausschreiwung agestallt gi sinn, mat dem Argument, datt mer elo eng total Urgence hei hunn.

Ech soen lech: Et ass am Fong keng Urgence, well eng Urgence esou definéiert gëtt, datt se net selbstverschëlt ass! A mir fannen, datt dat hei, well ee scho laang wousst, datt een esou eppes hätt misseen en place setzen, eng selbstverschëlt Urgence ass, déi mer esou net kënnen akzeptéieren. Dofir soen ech lech ganz kloer, datt Der gutt musst oppassen, wéi Der dat doten elo organiséiert, datt mer do net a Schwierigkeete kommen.

Ech soen lech och nach, datt ech beim LST eng ganz Rei Saachen och net richtig verstinn. E klengt perséinlecht Beispill: Ech liesen an de Covidpublikatiounen, déi ech grouss an Zeitungen - „Lëtzebuerger Wort“ an anerer, gutt verdeelt do - liesen, datt all déi Leit, déi da getest si respektiv déi de Covid schonn haten, awer nach aus enger ganzer Rei Grënn gebiede sinn, sech an déi Testzentren ze begi fir ze kucken, ob se net awer nach positiv sinn.

Elo kann ech jo à la limite verstoen, datt dat gefrot gëtt, well ee jo nach ka Porteur si vum Virus an een do net sécher ass. Esou!

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Mee ech si jo domat d'accord.

Just, ech soen lech awer och - dat ass mäi perséinlecht Beispill an ech hoffen, datt Der elo kengem béis sidd -, mee wéi ech en Telefon kritt hunn, fir den Tracing ze maache vun ..., déi d'ailleurs immens léif, immens gentil an immens kompetent waren,

huet déi Madamm mer ganz gentil um Telefon gesot: „A gitt elo déi nächst Méint wannechgelift net méi an en Testzentrum, well Dir kënnt jo nach positiv getest ginn, well et kënnt ganz oft vir, datt een, och wann een net méi ustiechend ass, awer nach positiv getest gëtt! Maacht et also net, well soss mussen mer lech erëm zéng Deeg abunkeren!“ Do muss ech soen: So, wat maachen ech dann elo?!

(Interruption par M. Marc Baum)

An dat ass ... Jo, Här Baum, wann et lech geschitt ass, kënnt Der jo Äert Beispill duerno erzielen.

Wësst Der, a groussen Annoncé steet dat eent - ech kréien dat anert gesot. Elo weess ech nach à la limite, wien ech soll froen, fir wat ze maachen. Mee wa Leit, déi net esou am Coup do sinn, déi dann am Fong zwou kontradiktoreesch Äntwerte vun deem selwechte Ministère kréien, da kéint een awer emol llicht duerjernee geroen.

Mir hunn och eng Rei Nieiegkeete bei de Rassemblementen haut am Text.

Déi éischt Nieiegkeet, dat ass, datt d'Regierung insistéiert, fir de Couvre-feu bäizebehalen, obwuel se e reduzéiert, dat heescht eng Stonn no hanne schiibt. Mir hunn lech dat schonn d'leschte Kéier gesot: Mir fannen déi Moosssnam vum Couvre-feu weeder noutwendeg nach proportionell.

Mat all deene Restriktiounen, déi mer scho ronderëm hunn, Restriktiounen bei de Rassemblementen, Restriktiounen doheem, Restriktiounen vun Alkohol, deen net d'äerf op der Strooss verkaaft ginn, Restriktiounen bei der Fermetur vun de Restauranten, déi jo awer nach bis zéng Auer mindestens sinn, fanne mer, datt déi schwerwiegend Moosssnam net sënnvoll ass an an eisen Aen och net effikass ass. Ech soen dat kloer an däitlech hei!

De Premierminister huet eis d'leschte Kéier eng Rei Argumenten opgezielt, firwat dat fir hien, a mat verschiddenen Etüden, awer weesentlech a sënnvoll wär. Ech liesen dann awer den Avis vun der Mënscherechtskommissioun, deen eis kloer seet, an ech liesen e wierklech vir, well ech net wëll ..., wéi wann ech dat elo einfach géif erfannen: « Contrairement aux explications fournies par les auteurs du projet de loi », dat heescht an dësem Fall d'Regierung, « [...] cette étude demeure plus mitigée quant à l'efficacité d'une telle mesure. » Dat heescht, et ass guer net esou - ech hunn duerno och d'Etüd gelies - kloer an däitlech ausgedréckt, datt dee Couvre-feu effikass ass.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

An au contraire gëtt da gesot an aneren Etüden, datt « le couvre-feu n'a pas d'effets considérables si certaines autres mesures sanitaires sont déjà en place. », wat zu Lëtzebuerg nun einfach de Fall ass - Etüd vun der Uni Gießen. An de CCDH firt weider: « Par contre, il y a un consensus en ce qui concerne ses effets négatifs sur les droits humains des personnes qui se trouvent dans des situations de précarité. » A se zitt als Konklusioun: « la nécessité de conserver le couvre-feu ne peut pas être justifiée. » Dat ass kloer an däitlech als Ausso!

D'Mënscherechtskommissioun setzt sech dann och mam Argument vum Premierminister auserneen, deen d'leschte Kéier da gesot huet, datt de Couvre-feu méi effikass wär, wéi d'Schoulen zouzemaachen. Dofir géif hie léiwer e Couvre-feu bäizebehalen, wéi datt e misst d'Schoulen zoumaachen.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Elo seet en ... Jo, voilà!

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Dir sot emol einfach „Très bien!“. Just, de Problem ass, datt an deenen Etüden déi Ausso néierens nozevollzéien ass, datt d'Mënscherechtskommissioun lech seet, datt dee Rasonement net novollzéibar ass, datt Der dat einfach esou gesot hutt, esou seet d'Mënscherechtskommissioun, a freet nämlech genau d'Preziounen, wou Der dann op déi Ausso do kommt, fir dat do kënnen ze soen!

A se seet dann hannendrun - och do liesen ech et vir -: « En tout cas, elle incite le Gouvernement encore une fois à veiller à la transparence et à la qualité des informations communiquées au grand public. » An anere Wierder: Dat, wat Der sot an esou behaupt, muss een och kënnen novollzéien, mussst Der och kënnen beweisen! Op jidde Fall an deem doten Avis stellt d'Mënscherechtskommissioun déi Aussoe kloer an däitlech a Fro. A mir deelen déi Meinung vun der Mënscherechtskommissioun.

Deen zweete Punkt vun de Rassemblementen, dat ass deen, datt d'Zuel vun de Rassemblementen vun 100 op 150 an d'Luucht gesat gëtt. Domat kënnen mer liewen. Dat fanne mer sënnvoll an deem Stadium, an deem mer haut sinn. Do froe mer eis just: Wou komme mer op déi Zuel 150? Mee, do soen ech éierlech, wann Der elo 200 gesot hätt, hätt ee sech och kënnen déi Fro stellen. Dofir stellen ech déi Fro an do an ech erwaarde mer elo net onbedéngt eng Äntwert drop.

Par contre, op déi Geschicht vun 150 eropgoen op 1.000 Leit „sur décision du directeur de la santé“, ouni iergendwellech Indikatioun, do soen ech nach eng Kéier dat, wat ech virdu gesot hunn: Den Direkter vun der Santé ass en immens powerfulle Mann hei an dësem Land, kann hei discretionnaire Saachen decidéieren, notamment och déi heite Saachen decidéieren, wou mat kengem Wuert awer drasteet, wat dann elo d'Krittäre sinn, no wellechen esou eng Autorisatioun kéint geholl ginn, no welleche Krittären dann esou e Plang kéint akzeptéiert ginn.

An da steet dran, datt den Direkter vun der Santé awer obligéiert ass, eng Äntwert no zéng Deeg ze ginn, wat ech trotzdeem relativ kuerz fannen, wann et e seriöe Plan sanitaire soll sinn a wann en der e puer muss zesummen analyséieren a que le silence vaut accord. Dat heescht, wann en net zurzäit äntwert, boum, dann ass et esou!

Ech si mer net sécher ... also ech hoffen, datt d'Santé gutt genuch ekipéiert ass. Mee mir kréie jo oft vun eise President vun der Kommissioun gesot, datt déi puer Leit an der Santé vill, vill Aarbecht géife maachen an net ëmmer géifen nokomme mat der Aarbecht. Wann ech dat applizéieren op déi zéng Deeg, déi se hei brauchen, fir all déi Pläng ze applizéieren, da wënschen ech hinne bonne Chance, fir dat ze maachen. Ech hoffen, datt dat uerdentlech a seriö ka gemaach ginn, well dat muss uerdentlech a seriö gemaach ginn.

An da steet dran, datt Korrektiounen kënnen gemaach ginn. Mee ob dann do op déi Korrektiounen eng Reevaluatioun vum Ministère de la Santé oder vun der Direction de la santé muss gemaach ginn, dat steet net do dran. Dofir ass och an eisen Aen déi Partie vum Text hei net prezis an inkomplett. An ech wäert duerno och eng Motioun an deem Kontext deposéieren.

D'ailleurs, Här President, deposéieren ech duerno fënnf Motiounen. Ech ginn lech se elo net allkéiers, well ech se hei duerjerneen am Classeur hunn. Ech ginn lech se duerno als Pak zesummen, wann Der dat erlaabt.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Absolutt.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat ass léif vun lech.

Mir hu virun esou vill Méint och eng Exitstrategie gefrot, säit Februar en fin de compte. A mir hunn eng Exitstrategie gefrot, déi sech baséiert op deenen Diskussiounen, déi ronderëm de Green Certificate, deen an der Europäescher Union diskutéiert gëtt, opbaut.

Mir stellen elo fest, datt d'Regierung hir ganz Strategie just ronderëm d'Tester festsetzt an am Fong deen Triptyque, deen an der Europäescher Union als Triptyque d'ouverture consideréiert gëtt, wou op där enger Säit, déi Leit, déi schonn zweemol vaccinéiert sinn an 21 Deeg gewaart hunn, respektiv déi noutweislech kënnen staark Anticorpsen am Blut hunn, an déi, déi kënnen en Test virweisen, wou déi kënnen vun Ouverturë profitéieren.

Dofir versti mer net richtig, firwat d'Regierung sech hei just op déi Getest limitéiert, wou en fin de compte eng ganz Rei europäesch Länner - Däitschland, Griicheland, och Amerika - elo fir déi Vaccinéiert déi Ouverturë gemaach hunn, déi existéiere schonn, a wou den Zuch an Europa manifestement kloer an däitlech an déi Richtung geet.

Ech wëll lech awer soen ...

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Dat hat ech ...

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo.

Zwou Saache wëll ech lech dozou soen.

Dat Éischt, dat ass, datt d'Logik vun där ganzer Ouverture fir mech awer eng Logik ass, oder wéi se an Europa diskutéiert gëtt. ... Do gëtt gesot, datt déi Leit, déi vaccinéiert sinn, am Fong mussen vun Ouverturë profitéieren. An da gëtt hannendru gesot, an dat ass awer just de Complement: „Mee mir kënnen awer keng Diskriminatioun maache fir déi Leit, déi sech nach net konnte vaccinéiere loossen.“ Dat fannen ech och fundamental richtig.

Mee et ass just de Complement vun der europäescher Reflexioun: „Mir kënnen keng Diskriminatioun maache fir déi Leit, déi sech nach net konnte vaccinéiere loossen, an dofir loosse mer och d'Tester gëlle fir d'Ouverture ze maachen.“ Dat ass d'europäesch Logik. Mir dréinen déi Logik ëm: Mir huelen d'Vaccinen eraus a mir gi just op d'Tester. Dat fannen ech einfach falsch als Logik!

A wann Der da sot, wéi ech dann heiansdo gesot kréien: „Dir wëllt elo deenen, déi vaccinéiert sinn, enorm Privileegie schafen“, da muss ech soen: Dat ass awer e weéng verkannt, a wat fir enger Realitéit mer eis hei befannen. Déi Restriktiounen, déi mer elo hei hunn, dat si Restriktiounen, déi Grondfräiheete vun eiser Constitutioun aschränken, déi am Fong eppes zoumaachen, wat ni d'äerft zou sinn, mee wat just zou ass, well mer elo eng Pandemie hunn! Dat awer dann als Normalitéit ze consideréieren an ze soen: „Déi, déi elo déi Fräiheeten zrëckkréien, déi kréie Privileegien“, dat fannen ech am Fong en Émdréine vum politesche Rasonement.



Nee, déi kréien hir Normalitéit erëm. D'Grondfräiheet ass en individuellt Recht, wat jiddweree vun eis huet. A wann d'Regierung wëllt engem säin individuellt Grondrecht aschränken, da muss se Grënn dofir hunn. Ech fannen, hei sinn d'Grënn net méi proportionell, net méi necessaيرة.

Dir hutt hei verfassungsméisseg eng ganz Rei Diskussiounen. Dir gesitt och, datt genau déi selwecht Diskussioun leeft, wat d'Verfassungsrechtlechkeet vun deene Moossnamen an Däitschland ugeet, an datt do aner Decisiounen geholl gi wéi hei zu Lëtzebuerg.

Ech wëll, datt dat gerecht leeft. Ech wëll, datt d'Leit hir Fräiheeten esou schnell wéi méiglech zrëckkréien: déi, déi vaccinéiert sinn, an déi, déi, well se nach net vaccinéiert konnte ginn, sech dann den Tester ënnerleeën, bis se kënnen vaccinéiert ginn. Dat wär fir mech dee richtege Wee. Och do wäert ech eng Motioun duerno hannerleeën, wou mer dat an aller Däitlechkeet froen.

Dann hu mer natierlech eng Kategorie vu Leit, jonke Leit, déi zwëschent 18 an 29 Joer sinn, déi momentan an enger schwiereger Situatioun sinn. Well si sinn déi, déi sech weeder kënnen vaccinéiere loos-sen, wa se sech net op déi Präferenzlëschte vun AstraZeneca aschreiwen, an déi am Fong wierklech nach momentan an dësem Moment blockéiert sinn.

Dofir soe mir do ganz kloer, datt mer fir déi Leit an deem Fall, an där Politik, déi mir géife maachen, mindestens zwee Schnelltester d'Woch gratis an och gratis registrabel zur Verfügung stellen, fir si net a sech diskrimatoresch ze behandelen. Dat gëtt et och an anere Länner. Eistträich stellt der véier d'Woch zur Verfügung fir jonk Leit. Dat fannen ech sënnavoll, dat fannen ech machbar an dat fannen ech och logesch, fir hei net Diskriminatiounen ze schafen. Dofir kritt Der och do eng Motioun iwwerrecht dovunner, Här President.

An dat selwecht, dat ass, datt ech der Meenung sinn, datt mer och kënnen an där nächster Etapp, an deenen nächste Wochen déi Catégorie d'âge vun 18 bis 29 sech op déi Lëschte aschreiwe loos-sen, déi kënnen a Fro kommen, fir den AstraZeneca, wa se en da wëllen, preferentiell ze kréien.

Zu deene grouse Froen, déi ech elo behandelt hunn, kommen nach e puer kleng Froen derbäi. Net kleng Froen, mee Froen, déi elo net d'ganz Populatioun concernéieren, déi awer fir déijéineg Leit, déi concernéiert sinn, wichteg sinn. Zum Beispill déi, déi an dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires opgeworf ginn iwwer exposéiert Beruffer, wéi zum Beispill d'Polizei, mee och wéi aner Beruffer, wéi educativ Beruffer, ëm déi et sech handelt. Do gëtt oft, notamment bei der Polizei, en Asaz gemaach, dee Proximitéit nofreet an deen a sech d'Beamten obligéiert, sech an den Asaz ze beginn, wou se net laanscht Proximitéit mat anere Leit kommen.

An déi selwecht Fro stellt sech, wat d'Derogatiounen vun der Polizeischoul ugeet, déi a sech net mat den normale Schoulen, déi kënnen esou Derogatiounen kréien, vergläichbar ass. Well den Ënnerscheid mat der Polizeischoul, dat ass, datt do d'Obligatioun ass, fir taktesch oder technesch Saachen ze léieren, wou de „close“ oder de „full contact“ mat anere Leit eng absolutt Noutwendegkeet ass, wa se hire Programm wëllen absolvéieren. Soudatt een do wierklech muss en particulier kucken, wéi een et ka maachen, fir déi Leit ze schützen.

Mir hunn d'Direktioun vun der Polizei héieren. Déi seet, den Text wär ok esou, wéi e gebraucht gëtt. Mir hunn awer och de Leit um Terrain nogelauschtert. An den Echo vum Terrain ass, datt et do problematesch agestuift gëtt, wéi d'Sécherheet vun deene Beamten, déi um Terrain si respektiv déi an der Polizeischoul sinn, ze garantéieren ass. Do kann een den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires noliessen. Mir froen also do och eng Protection spécifique fir deen Typ vu Beruffer, déi mer absolutt brauchen. An dofir, Här President, kritt Der och do eng Motioun hannerluecht.

Mäin zweetleschte Punkt, dat ass deen iwwert d'Sanktiounen vu de Commerçanten. Ech wëll awer trotzdem do soen: Ech war frou de Moien, datt mer héieren hunn, an dat steet och relativ däitlech an dem Text vum Directeur de la santé, deen dat an de Recommandatiounen erausschëckt, datt d'Commerçante respektiv datt déi Leit aus dem Horeca-Betrieb an hir Employéen net kënnen Contrôle-d'identité maachen, datt dat hinne verbueden ass ... net verbueden, datt se et net autoriséiert kréien. Wat ech och logesch a richtege fannen, well dat kann net anescht sinn!

De Problem, deen awer dobäi ass, a mir hunn deen och de Moien an der Kommissioun diskutéiert, mee ech werfen en hei nach eng Kéier op, well ech awer net richtege weess, wéi een dee soll léisen. Do komme Leit an de Restaurant, déi hunn e Pabeier bei sech, wou da steet, datt se getest sinn. Do steet dann och en Numm drop, hiren Numm. Da muss de Restaurateur dat unhuelen. En däerf awer net verifiéieren, well e kee Contrôle d'identité ka maachen, ob dee Pabeier dann elo net vum Kolleeg geléint ginn ass, fir hei an de Restaurant ze kommen.

Mee da stinn awer an de Sanktiounen, wann et net klappt a wann et falsch ass, 4.000 Euro, 8.000 Euro Strof respektiv eng Suspensioun vun dräi Méint drop. Ech weess, datt dat alles net evident ass, mee ech muss awer soen: Zwëschent der Impossibilité de contrôle an deene schwéiere Sanktiounen, déi dann drop sinn, wann e Contrôle wär, do hunn ech awer e Problem fir déi Leit. Well wéi soll dat do an der Praxis exekutéiert ginn? A wat huet dat als Konsequenze fir déi Leit, wa se vu Clienté géifen erageluecht ginn?

Elo kann een d'Vertrauen ausschwätzen a soen: „Mir trauen a priori all de Leit.“ Mee de Problem ass, datt hei dee bestrooft gëtt, deen eventuell strictement net dofir kann. An domat hunn ech e Problem.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dat ass Fälschung!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, dat ass dann okay. Dat ass Fälschung, da kënn do och eng Strof drop an déi ass extrem zolidd. Dat ass och gutt an dat ass och richtege esou. Mee nach stinn och Strofe fir de Commerçant drop, deen awer net ka verifiéieren.

(Interruption)

Also, wann Der do eng Léisung bréngt, sinn ech dankbar dofir.

Dee leschte grouse Punkt, dat ass d'Widderhuele vun enger Demande, déi mer schonn an deene leschte Reuniónen hei gemaach hunn, déi vum Cordon sanitaire ronderëm vulnerabel Leit an de Strukture fir eeler Leit. Déi Proposition de loi, déi de Michel Wolter hei hannerluecht huet, déi ass jo och elo vum Conseil d'État aviséiert ginn.

Ech sinn och frou, datt de President vun der Kommissioun d'accord war, fir se direkt d'nächst Woch op den Ordre du jour vun eiser Kommissioun ze huelen. Fir eis ass nach wie vor wichteg, datt déi Leit, déi mat vulnerabele Leit a Strukture wéi Altersheimer a Geriatrien a Kontakt sinn, geschützt sinn, entweeder well se Antikierper hunn oder well se vaccinéiert sinn oder well se getest sinn.

An ech kréien dann oft gesot: „Mee firwat hätt Der dat gär? Well en fin de compte déi Leit, déi an den Altersheimer sinn, déi si jo all geimpft souwisou.“ Mee mir wëssen awer alleguer, datt haaptsächlech bei eelere Leit et net ëmmer garantéiert ass - haaptsächlech bei eelere Leit -, datt déi Impfung och uschléit an datt d'Immunisatioun duerch d'Impfung garantéiert ass.

An dofir eng zousätzlech Fro iwwert den LST: Wéi ass et mat deene gratis serologeschen Tester, déi och am LST a sech virgesi waren, dat heescht déi Tester, wou der eng Blutprouf maacht a wou der am Fong nokuckt, ob Antikierper do sinn? No wéi enge Krittäre ginn d'Invitatiounen verschéckt, fir deen Typ vun Tester ze maachen? An déi aner Fro: Wäre et net sënnavoll, fir systematesch fir eeler Leit an deenen Altersstrukturen och esou Tester virzegesinn, fir einfach ze kucken, ob hir Impfungen ugeschloen hunn oder net?

Ech hoffen, datt mäi Rasonement stëmmt. Mee wann et net stëmmt, da sot Der mer et jo dann duerno.

Als Konkusioun vun deem Ganze géif ech gären dat heite soen: D'Richtung vun deem Text stëmmt. Mir kënnen mat bal all deenen eenzele Moossnamen averstane sinn. Mee ech soe grad esou kloer: Mir si bei kenger Moosssnam mat der Aart a Weis d'accord, wéi d'Regierung se wëllt an d'Realitéit ëmsetzen, well mer empfangen, datt d'Aart a Weis net duerchduecht ass, datt se kaum applikabel ass an datt se an eisen Aen am Fong amateurhaft ass.

Déi Moossnamen, déi hei proposéiert ginn, déi hätte missen anescht preparéiert ginn, anescht duerchgeschwat ginn an am Detail duerchduecht ginn. Et geet net duer, eng Iddi op de Pabeier ze schreiwen, och wann d'Iddi richtege ass. Et muss een och wëssen, wéi ee se uerdentlech ëmsetzt. An dat ass de Grond, firwat mer bei dësem Gesetz wäerten Nee soen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Gilles Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Hei sinn nach d'Motiounen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant que l'article 4(5) du projet de loi n° 7820 modifiant la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 prévoit que les événements accueillant entre cent cinquante et mille personnes doivent faire l'objet d'un protocole sanitaire à accepter préalablement par la Direction de la santé ;

- estimant que les organisateurs d'événements accueillant plus de cent cinquante personnes doivent avoir un maximum de sécurité dans la planification et la préparation de telles manifestations ;

- estimant que le texte du projet de loi devrait fournir quelques indications sur le cadre de ce protocole sanitaire,

invite le Gouvernement

- à préciser les modalités pratiques du protocole sanitaire prévu à l'article 4 (5) du projet de loi n° 7820.

(s.) Claude Wiseler, Nancy Arendt épouse Kemp, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Marc Spautz.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que la pandémie liée au Covid-19 constitue toujours une urgence de santé publique ;

- constatant que selon l'avis d'experts le seul moyen qui permette d'envisager des assouplissements progressifs consiste en l'adoption d'une stratégie combinant aussi bien les vaccinations, les tests (PCR, tests antigéniques rapides et autotests) ainsi que le respect des règles sanitaires ;

- constatant qu'un usage systématique des tests antigéniques rapides et des tests autodiagnostiques complètent actuellement la stratégie de dépistage (PCR) afin de réaliser plus de tests et d'obtenir les résultats plus rapidement ;

- sachant que les tests autodiagnostiques à prélèvement nasopharyngé ou oropharyngé représentent un instrument indispensable à la stratégie d'ouverture progressive, en offrant aux personnes asymptomatiques une facilité complémentaire de dépistage afin de protéger leur environnement et d'interrompre les chaînes de transmission du virus le plus rapidement possible ;

- notant que l'article 1^{er} du « Projet de loi n°7820 modifiant: 1° la loi modifiée du 7 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19; 2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts » prévoit que la consommation à l'intérieur de l'établissement de restauration ou de débit de boissons est soumise à la présentation soit d'un test RT-PCR, soit d'un test antigénique rapide, soit d'un test autodiagnostique,

invite le Gouvernement

- à mettre gratuitement à disposition aux moins deux autotests certifiés par personne par semaine et surtout pour la tranche de la population âgée de 18 à 29 ans, afin d'éviter la discrimination pouvant résulter des coûts engendrés par les tests à faire.

(s.) Claude Wiseler, Nancy Arendt épouse Kemp, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Marc Spautz.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant que la vaccination est le moyen le plus efficace de prévenir les maladies infectieuses comme celle liée au Covid-19 ;

- constatant la répartition prioritaire des vaccins établie par le Gouvernement lors de la première phase de sa politique de vaccination, à savoir pour les professionnels de la santé et le personnel des établissements hospitaliers, de même que pour le personnel des structures d'hébergement pour personnes âgées et des réseaux d'aide et de soins, ainsi que pour les personnes résidant dans ces mêmes structures ;

- notant que la priorisation d'autres catégories professionnelles n'a jusqu'à ce jour pas été retenue dans le plan de déploiement des doses vaccinales ;

- considérant que dans son avis sur le projet de loi n°7820 « modifiant 1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises », la Chambre des fonctionnaires et employés publics considère essentielle une vaccination prioritaire du personnel de la Police grand-ducale ainsi que des administrations étatiques (Armée, Administration des douanes et accises, CGDIS, Administration pénitentiaire, Éducation nationale, etc.) pour le fonctionnement de la société ;

- sachant que certains secteurs professionnels ont un danger d'exposition élevé au Covid-19 lié à la nature de leurs tâches quotidiennes, et que leur vaccination prioritaire serait dans l'intérêt de notre société,

invite le Gouvernement

- à analyser la possibilité de considérer certaines professions, comme la Police grand-ducale ou le personnel enseignant et encadrant, comme professions exposées et à prioriser, dans l'étape de vaccination qui les concerne individuellement, les personnes en question.

(s.) Claude Wiseler, Nancy Arendt épouse Kemp, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Laurent Mosar.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- considérant que le vaccin Vaxzevria (AstraZeneca), indiqué pour l'immunisation active afin de prévenir la Covid-19 causée par le Sars-CoV-2 chez les adultes, a

obtenu une autorisation de mise sur le marché conditionnelle en Europe, le 29 janvier 2021 et que l'Agence européenne des médicaments (EMA) maintient sa recommandation sans réserve pour Vaxzevria ;

- constatant que les résidents âgés entre 30 et 54 ans ont actuellement la possibilité de s'inscrire en ligne sur une liste d'attente et y manifester leur intérêt de se faire vacciner volontairement contre la Covid-19 avec le vaccin Vaxzevria ;

- constatant que les adultes de moins de 30 ans n'ont actuellement pas le droit de s'inscrire sur la liste d'attente mise en place pour recevoir le vaccin Vaxzevria ;

- notant ainsi que la tranche de la population âgée de 18 à 29 ans n'a actuellement pas de visibilité concernant son tour de vaccination et donc ne peut anticiper un retour à plus de libertés ;

- constatant que l'Agence européenne des médicaments (EMA) souligne l'efficacité du vaccin Vaxzevria pour prévenir la Covid-19 chez les personnes âgées de 18 ans et plus,

invite le Gouvernement

- à élargir la cible, en prévoyant une liste d'attente pour la vaccination au Vaxzevria pour la catégorie d'âge de 18 à 29 ans.

(s.) Claude Wiseler, Nancy Arendt épouse Kemp, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Jean-Paul Schaaf.

Motion 5

La Chambre des Députés,

- considérant que la pandémie liée au Covid-19 domine toujours notre vie quotidienne ;

- constatant que selon l'avis d'experts le seul moyen qui permettrait d'envisager des assouplissements progressifs consisterait en l'adoption d'une stratégie combinant aussi bien les vaccinations, les tests (PCR, tests antigéniques rapides et autotests) ainsi que le respect des règles sanitaires ;

- constatant qu'un usage systématique des tests antigéniques et des autotests complète actuellement la stratégie de dépistage (PCR) afin de réaliser plus de tests et d'obtenir les résultats plus rapidement ;

- sachant que les autotests antigéniques à prélèvement nasopharyngé ou oropharyngé représentent un instrument indispensable à la stratégie d'ouverture progressive, en offrant aux personnes asymptomatiques une facilité complémentaire de dépistage afin de protéger leur environnement et d'interrompre les chaînes de transmission du virus le plus rapidement possible ;

- notant également l'importance d'enregistrer, de déclarer et de certifier les résultats des autotests pour des raisons de reconnaissance et de durée de validité ;

- considérant que le Gouvernement a annoncé de mettre gratuitement à disposition des tests antigéniques rapides aux écoles, aux infrastructures du secteur de soins, aux entreprises et indépendants du Luxembourg ;

- considérant également que dans le cadre d'une ouverture en matière de déplacements durant la pandémie de Covid-19, le Parlement européen s'est récemment prononcé en faveur d'un certificat sanitaire européen permettant à ses membres d'attester de leur vaccination contre le Covid-19, de leur soumission à un test PCR ou antigénique rapide se résultant négatif, ou encore de leur immunisation après avoir été infectés ;

- notant dans ce contexte que plusieurs pays ont déjà mis en place des dispositifs sanitaires similaires au futur certificat sanitaire européen accompagnant la réouverture sociale et économique d'un pays, à savoir notamment l'Allemagne où les personnes vaccinées ainsi que celles ayant des anticorps après contamination ne doivent plus effectuer des tests PCR ainsi qu'antigéniques rapides ou tests autodiagnostiques,

invite le Gouvernement

- à fixer la période de validité des tests antigéniques rapides à 48 heures indépendamment de la raison d'utilisation afin de créer l'efficacité nécessaire à l'adoption effective de cette mesure d'assouplissement progressif comme dans d'autres pays européens ;

- à s'engager à mettre à disposition les tests antigéniques rapides avant ou pour le 16 mai 2021, date d'ouverture des restaurants tant à l'intérieur qu'à l'extérieur ;

- à prendre la même direction que l'Allemagne, à savoir aligner sa stratégie à celle validée par l'Union européenne dans le cadre du « green certificate », et ainsi à ne pas soumettre les personnes ayant eu leur deuxième dose de vaccination au Covid-19 ainsi que celles ayant des anticorps après avoir été infectées par le Covid-19 à une obligation de tests de dépistage, de tests antigéniques rapide ainsi qu'autotests.

(s.) Claude Wiseler, Nancy Arendt épouse Kemp, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Jean-Paul Schaaf.



■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci.

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech krut Enn leschter Woch en E-Mail vun engem jonke Mënsch, ech mengen, Verschiddener heibannen hunn dee selwechten E-Mail kritt, dee sech duerfir asetzt, dass d'Premièren, an dësem Fall waren et d'Premièren aus dem Stater Kolléisch, kéinten en Ofschlossfest, e Premièresfest, organiséieren.

Dee jonke Mënsch war gutt informéiert. En huet sech dorop beruff, dass ee misst e Concept sanitaire virleeën an dass et méiglech wär, effektiv eppes ze organiséiere fir méi wéi 150 Leit. Well meng Duechter ongeféier am selwechten Alter ass wéi dee jonke Mënsch hei, muss ech soen, dass ech seng Argumentatioun absolutt kann novollzéien an dass ech weess, wéi wichteg et fir jonk Leit ass, fir kënnen no hirer Schoulzäit am Lycée sech vuneneen ze verabschieden, dat kënnen anstänneg ze feieren, hiren Diplom ze feieren. Ech konnt dat 100%eg novollzéien. Ech kann dat och deelen.

An deem Mail stoung awer och ganz kloer, wéi se sech géifen dee Concept sanitaire virstellen, nämlech jiddweree misst e PCR-Test matbréngen, sech awer och selwer op der Plaz nach eng Kéier testen ze loossen. Also, ech schwätzen hei vu ronn 250 Schüler. An en contrepartie hätte se natierlech gären dann am Kader vun deem Pilotprojet, dass se kéinten deen Owend ouni Maske verbréngen an op méi groussen Dëscher wéi nëmmen zu véier.

Mir kréie jo alleguerten eng ganz Rei E-Mailen, an ech muss soen: Dat huet mech beréiert! Ech hunn dat do immens fonnt. Ech soen lech, ech hunn dat do immens fonnt, well déi jonk Leit sech net nëmmen informéieren, mee si organiséiere sech. Si bréngen sech mat an a si verflichte sech jo quasi, fir un engem Pilotprojet deelzehuelen, wat, mengen ech, eis alleguer zeguttkënn. An ech mengen, dat verdéngt eise ganz, ganz déiwe Respekt. Et war e Message vun Optimismus. Et war e Message vun Hoffnung. Et war e Message vun Oprochsstëmmung. An ech mengen, et ass genau dat, wat mer zu dësem Moment brauchen.

Ech weess, herno gëtt erëm gesot: „De Gilles Baum, dee gesäit ëmmer alles positiv. De Gilles Baum, dee mécht sech vläicht net genuch Suergen oder net genuch Gedanken.“ Mee mir brauchen an dësen Zäite positiv Messagen. An duerfir ass et schued, dass ech där virdru bei der CSV weénege héieren hunn. Ech fannen dat schued.

■ **Plusieurs voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Mir als Land, mir sinn amgaangen, eis ze erkrabbelen. An doriwwer sollte mer eis freeën. Mir sollten eis freeën an ech hoffen och, dass d'CSV sech awer e bësse freet, dass et lues a lues Biergopgeet. Si brauche sech net ze freeë fir méi, guer net. Si brauche sech och net ze freeën, mengen ech, fir de Premierminister oder fir d'Koalitioun. Mee ech hoffen, dass d'CSV sech e bësse freet fir d'Leit dobaussen, déi elo méintelaang op d'Zänn gebass hunn, d'Reegelen agehalen hunn an haut mat dësem Text e Stéck vun hirer perséinlecher Fräiheet zrëckkréien.

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Kolleeginnen a Kolleegen, eis Zuele weisen an déi richteg Richtung, si weisen no ënnen, souwuel wat d'Infektione betrëfft wéi och d'Hospitalisatiounen. Mir hunn déi lescht Impfphas agelaut a mir komme gutt viru mat plus/minus 7.000 Leit, déi mer den Dag geimpft kréien.

Déi lescht dräi Wochen hu mer d'Inzidenz erofkritt vun 194 bei 54.000 Tester op 175 bei 51.000 Tester an erof op 147 déi lescht Woch bei 53.500 Tester. Den Taux de positivité geet erof vun 2,3 op 1,75, an op Ordonnance vu 6,2 op 3,9. Dat, mengen ech, sinn awer encourageant Zuelen an dat huet mäi Virriedner jo och esou gesot. De Reproduktiounstaux läit stabil bei 0,9 a souguer bei den Hospitalisatiounen an den normale Better wéi och an de Soins intensifs mierkt een eng Tendenz no ënnen.

Och der Regierung hir Entscheedung, fir den AstraZeneca op fräiwëlleger Basis weiderzeverimpfen, ass e Succès. Am grouse Ganze kéint een also soen, mir wären „on track“, mir sinn um gudden Wee. Dëst erlaabt eis et, haut weider kleng Schrëtt ze maachen.

D'DP ass der Meinung, dass ee soll ee Fouss virun deen anere setzen an näischt iwwerstieren.

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Mir begréissen et duerfir, dass ab dem 16. Mee nees véier Leit kënnen bei een heem kommen oder och ee Stot, wann do méi wéi zwee Kanner dra sinn, kann invitéiert ginn. A mir begréissen déi weider Ouverturen um kulturellen an um sportleche Plang.

Mir alleguer hunn et vermësst, u grouse Manifestatiounen deelzehuelen, vläicht och erëm e Live-Concert ze erliewen. An dëst Gesetz erlaabt et, mam Accord vun der Santé, Pilotprojeten ze organiséieren, woumadder Evenementer mat bis zu 1.000 Leit nees méiglech ginn.

D'Rockhal plangt esou e Concert ënner strengen Hygiènesmesuren. An dass dat méiglech ass, dass dat duerchféierbar ass, dat huet d'Ausland scho bewisen, do gëtt et d'Beispill vu Barcelona.

Besounesch freet eis natierlech och, dass d'Restauranten an d'Caféen nees dierfe méi Leit bei sech empfänken, méi Leit um Dësch an dass se och erëm kënnen bannen zerwéieren, also méi Leit souwuel banne wéi och baussen. D'Wieder zu Lëtzebuerg war déi lescht Deeg a Wochen extreem launesch an dowéinst ass et gutt, dass den Horeca sech net nëmme muss op hir Terrasse begrenzen. Bis 22.00 Auer kënnen se elo op hunn. Dat erlaabt et dann, och owes nach eng Kéier ze zerwéieren. Ech mengen, dat ass eng wichteg Ouverture fir ee Secteur, deen awer ganz vill matgemaach huet.

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Ganz ouni Aschränkunge geet et natierlech net. De Virus ass nach ëmmer do an déi verschidde Varianten, déi ëmmer nees optauchen an och kënnen méi infektiéis sinn, sinn a bleiwen e reelle Risiko, deen eis nach wäert eng Zäit an Otem halen.

Et ass jo schonn oft hei uewe gesot ginn, dass d'Schnelltester eng grouss Hëllef sinn, fir de Virus ënner Kontroll ze halen. Fir also dobannen an de Restauranten iessen se kënnen, wou d'Ventilatioun nun emol net esou gutt ass, wéi dat dobaussen de Fall ass, wäert also en negatiivt Testresultat obligatoresch sinn. Akzeptéiert gi PCR-Tester, Schnelltester, déi vu Gesondheetspersonal kënnen gemaach an zertifizéiert ginn, an d'Selbsttester, déi ee kann op der Plaz maachen.

De Minister Lex Delles huet dem Horeca-Secteur fir déi éischt dräi Wochen dann och 500.000 gratis Schnelltester zougesot, an dës Initiativ begréisst mer.

Et ass richteg, mir hunn dës Woch laang an awer och ganz interessant Diskussiounen an der Chamberskommissioun gehat, eebe grad iwwert d'Tester an iwwert d'Modalitéiten, wéi se anesetze sinn. De Moien ass eis e Règlement grand-ducal zougestallt ginn an och d'Recommandatiounen vum Horeca. Et ass vu verschiddene Säite gesot ginn, dat wär ze spéit. Dat dierf een esou gesinn. Ech wëll awer och drun erënneren, dass trotz Feierdag - trotz Feierdag! - vun allen implizéierte Leit ënner Héichdruck dru geschafft ginn ass, fir dësen Dispositif en place ze setzen.

An déi Leit aus dem Horeca-Secteur, mat deenen ech geschwat hunn, déi hu sech schonn am Virfeld Gedanke gemaach, wéi se sech kéinten organiséieren, wéi se dat kéinten duerchzéie fir d'Leit, déi wëlle bei si an de Restaurant kommen, wéi se dat kënnen organiséieren.

Ech stellen an deem Sënn fest, dass de Secteur proaktiv matgeschafft huet, dass de Secteur matdenkt an dass mir heibannen, éierlech gesot, an et ass de Moien an der Kommissioun ugeklongen, net kënnen bis an de leschten Detail, bis an den allerleschten Detail alles reegelen. A mir kënnen och net bis an den allerleschten Detail alles iwwerwaachen, et sief dann, mir géifen ee Polizist pro Dësch am Restaurant virgesinn.

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. André Bauler** (*DP*). - Ëm Gottes Willen!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Neen, et geet och ëm Vertrauen. Dat ass extreem wichteg. Et geet ëm Vertrauen an de Secteur. Et geet ëm de gudden Wëlle vun de Leit. An et ass, mengen ech, fir jiddwereen e Léierprozess. Mir ginn an eng nächst Phas vun der Strategie a mir wäerten hei Erfarunge sammelen, Erfarungen, déi eis et vläicht erlaben, et nach besser ze maachen oder et méi einfach ze maachen.

Kommt, mir ginn dach elo emol einfach mat Zouversiicht an déi nei Etapp eran! Ech si mer sécher, dass mer op e ganz kooperatiivt Verhale vun eise Matbierger dobaussen ziele kënnen.

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Kommt, mir ginn der Saach dach elo emol eng Chance!

■ **M. André Bauler** (*DP*). - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - 500.000 Tester fir den Horeca gratis a geliiwert. 5,7 Milliounen Tester fir eis Betriber, an dovunner sinn déi 80 gréisst Betriber hei am Land och beliiwert ginn. Tester an de Schoulen. Ech mengen, mat deem Dispositif, deen hei op d'Plaz gesat ginn ass, brauche mer eis bestëmmt net ze verstoppen. An ech hunn nach vu kengem Land héieren - vu kengem Land! -, dat an deem selwechte Mooss esou en Dispositif ubitt, fir d'Pandemie an de Grëff ze kréien.

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - A vun dëser Plaz wëll ech eng Kéier deene Merci soen, vun deenen ni geschwat gëtt, an zwar sinn dat alleguerten déi Leit, déi et logistescht méiglech maachen, dass mer esou en Dispositif ëmsetzen. Vun deene Leit gëtt ni geschwat an dofir vun dëser Plaz all deene Leit, déi do hëllefen a geholfen hunn, e ganz, ganz grouse Merci.

■ **Plusieurs voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Här President, och Persounen, déi scho geimpft goufen, mussen en negatiivt Testresultat virleeën, fir dobannen am Restaurant ze iessen. Vill Leit froe sech, ob déi Mesure wierklech néideg ass. Ënner anerem an Däitschland hu geimpfte Persounen jo verschidde Privileegien zougesprach kritt. Mee obwuel d'Impfungen hëllefen, an dat weisen d'Infektiounszuelen, virun allem bei eisen eelere Matbierger, ass et awer wichteg, sech weiderhin testen ze loossen.

Egal wéi gutt en Impfstoff ass, et besteet ëmmer e Reschtrisiko, sech an anerem nach ëmmer mam Virus unzestiechen. Nei Virusvariante kënnen ëmmer nees optrieden, soulaang net eng global Immunitéit erreecht ass. Et ass dowéinst déi richteg Entscheedung, och hei virsiichteg ze bleiwen a keng Ausname festzeleeën. Dat géif dem Virus just méi Dieren opmaachen.

Aus dësem Grond gesäit d'Demokratesch Partei Privileegie fir geimpfte Leit zum aktuellen Zäitpunkt net als dee richteg Wee, och well bis haut nach guer net jiddwereen d'Geleeënheet hat, sech impfen ze loossen, et krut emol nach net jiddwereen eng Invitatioun, wat jo och normal ass.

Vum Ratio vun de Leit, déi elo scho vollstänneg immuniséiert sinn, guer net ze schwätzen. Et sinn eréischt 10 % vun der Bevëlkerung, déi komplett geimpft goufen. Elo Ënnerscheeder ze maachen tëschent Leit, déi geimpft goufen a Leit, déi net geimpft goufen, well se nach net konnten, mengen ech, géif virun allem eis jonk Leit benodeelegen, an déi hu scho missten op viles verzichten.

Stellt lech emol vir, de Bopi, dee kéint nuets méi laang dobausse bleiwe wéi seng Enkelin vun 18 Joer, e kéint och vläicht mat sengen Alterskollegen e grousst Fest organiséieren ouni Geste-barrièren, seng Enkelin kéint awer zum Beispill hir 18 Joer net feieren. Ech fäerten, mir kréichen do onnéideg Sträit a Jalousien an d'Familien eran, an dat brauche mer elo wierklech net.

Dat, wat mer brauchen, ass och weider Solidaritéit tëschent de Generatiounen. Wat mer brauchen ass, dass mer weider een op deen aneren oppassen.

■ **Une voix**. - Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - Eng weider Ännerung am Gesetz betrëfft d'Ausgangsspär, déi jo elo op 12.00 Auer an der Nuecht verréckelt gëtt. Domadder komme mer virun allem den Ouverturen am Sport an am Kulturberäich entgéint. An ech wëll et hei kloer soen, mir hunn x-mol hei uewen driwwer debattéiert, an ech mengen, mir kéinten och nach y-mol driwwer debattéieren: Et gëtt einfach hei ënnerschiddlech Vuen an et gëtt ganz ënnerschiddlech Etüden. Déi eng soen: „Et bréngt eppes!“ Déi aner soen: „Et bréngt näischt!“

Eppes ass sécher: Déi Ausgangsspär kann nëmme gesi ginn am Package mat anere Mesuren. Wann een nämlech ganz genau wéisst, wat den Impakt wär, wann een dat kéint chiffréieren, da kéint ee jo soen: „Et bréngt eppes.“, oder: „Et bréngt näischt.“ Mee et bréngt nëmmen eppes am Package mat deenen anere Mesuren.

An ech weess, dass vill Leit heibannen net domat averstane sinn, déi Ausgangsspär iwwerhaapt bäizehlen. Mee a menger bescheidener Vue hëlleft se awer. Ech beruffe mech duerfir nach eng Kéier op d'Etüd vun Oxford, op déi ech hei schonn agaange sinn. D'Ausgangsspär wär zesumme mat anere Moossname méi sënnavoll wéi d'Schoulen zouzemaachen.

Ech brauch lech net ze soen, dass et mir als Liberale widderspéicht, fir Fräiheeten anzeschränken. Mee mir huelen d'Ausgangsspär a Kaf, wann et bedeit, dass mer am Géigenzuch eis Schoule méi laang kënnen oploossen. D'DP huet et ëmmer als besounesch Aufgab gesinn, dass d'Schoulen opbleiwen an dass d'Recht op Bildung garantéiert ass.

Aus der sanitärer Kris dierf keng Bildungskris ginn an et schéngt jo, wéi wann dat eis gelonge wär. D'Épreuves standardisées vum November d'lescht Joer weisen, dass d'Pandemie keen negativen Impakt op d'Resultater hat. An dat ass berouegend, well gefaart ginn ass, dass deen Impakt kéint extreem grouss sinn.

D'Enseignanten, d'Schüler an och d'Educateuren hunn an de leschte Méint e ganz, ganz grousst Engagement gewisen an derzou bäigedroen, dass et net zu enger Bildungskris kouw. An op dëser Plaz wëll ech hinneen och nach eng Kéier e ganz, ganz grouse Merci soen.

Fir dass dëst awer esou bleift, musse mer eis weiderhi beméien, d'Recht op Bildung fir jiddwereen ze garantéieren.

■ **Une voix**. - Ganz gutt!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*). - De Minister Claude Meisch huet dann och ugekënnegt, dass och dës Joer eng Summerschool wäert ugebuede ginn an och Léiermaterial online gesat gëtt. Dëst wäert derzou bäidroen, fir déi punktuell Léierretarde kënnen opzeschaffen.

D'Selbsttester, déi elo am Horeca-Secteur an den Asaz kommen, leeschten an der Schoul zënter Ouschteren e wichtige Bäitrag. 80 % vun de Schüler an den Enseignantë loosse sech reegelméisseg testen. Dat ass e gudden Taux, deen hëlleft, d'Infektione fréi ze erkennen an d'Infektiounsketten direkt ze ënnerbriechen. Fir een nach besseren Iwwerbléck an de Schoulen ze kréien, wäerten d'Schüler an d'Enseignanten ab dem 31. Mee d'Méiglechkeet kréien, sech zweemol testen ze loossen.

Och op anere Plaze kommen déi Tester elo verstärkt an den Asaz, souwuel an de Spideeler, an den Alters- a Flegeheimer, an der Fonction publique, op der Uni Lëtzebuerg.

Et wäerten och Tester un eng 20 Associatiounen aus dem soziale Beräich verdeelt ginn. Pensionnären a Chômeure kréien e Bong, fir sech eng Këscht Selbsttester kënnen sichen ze goen. Dat gëllt och fir Leit, déi eng Persoun am Stot agestallt hunn. Esou garantéiere mir déi gréisstméiglech Sécherheet fir jiddereen.

Ech hunn et scho gesot: Eis Zuele ginn erof, obwuel zanter engem Mount d'Terrasse vun de Restauranten an de Caféen nees op sinn. Dat läit zum engen un de Geste-barrièren, un déi sech eis Matbierger säit engem gudden Joer halen, zum anere läit dat awer och un den Impfungen.

Déi sechst Phas vun der Impfcampagne huet ugefaangen an et mierkt een, dass d'Leit nëmmen dorobber waarden, fir invitéiert ze ginn. Dat huet den Undrang op där fräiwëlleger Lëscht fir den AstraZeneca bewisen, wou sech a kierzester Zäit 30.000 Leit ageschriwwen hunn an och 20.000 Leit hu sech gemellt, fir kontaktéiert ze ginn, falls owes Impfungen iwwregbleiwen.

Souwuel dës fräiwëlleg Impflëscht wéi och d'Lëscht, fir déi iwwreggebliwene Impfdosen am Impfzentrum kënnen ze kréien, si wichteg Mesuren, fir wäertvoll Impfungen net ze verschwenden an d'Impfe bei der Bevëlkerung esou séier wéi et geet weiderzedriewen.

D'Impfung sinn eis grouss Chance aus dëser Kris heieraus an zrëck an d'Normalitéit, an déi Chance sollte mer net verpassen.

Ech wëilt net ofschléissen, ouni dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo Merci ze soen. An ech hunn et an der Kommissioun gesot: Ech hoffen, dass mer de Mars nach ganz oft hei uewe gesinn, awer hoffentlech net méi oft als Rapporteur vun engem Covidgesetz! An domat ginn ech lech den Accord vun der Fraktioun zu dësem Gesetz a soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**. - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Gilles Baum.

■ **M. André Bauler** (*DP*). - Ganz gutt esou!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*). - Merci, Här President. Dir kommen an Dir Hären, e grouse Merci, ier ech et vergiessen, dem Mars Di Bartolomeo fir säin x-ten - soen ech emol einfach, fir net déi falsch Zuel ze soen, 19 huet e gesot, mee ech si mer net esou sécher - schrëftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Gesetz. Jo, hie soll nach oft hei stoen, awer wa méiglech net méi oft fir e Covidgesetz.

Och wann een esou lues midd gëtt, ëmmer erëm iwwer Corona ze schwätzen, esou sinn ech dës Kéier awer frou, heiriwwer ze schwätzen, well et endlech e puer Éffnungen erëm gëtt, endlech e puer Éffnungen méiglech sinn an et a Richtung Normalitéit geet.

Et geet an déi richteg Richtung, mee mir mussen awer weider virsiichteg sinn. D'Zuelen am Zesummenhang mat der Coronapandemie weisen allgemeng no ënnen. D'Zuelen aus dem Rapport hebdomadaire, déi weisen dat. D'Inzidenz ass vun 176 op 147 erogaangen, den Taux de positivité vun 2,2 op 1,75, den R-Wäert läit ënner 1 bei 0,94 an och d'Zuel - wat extreem erfreeslech ass, obwuel et der nach ze vill sinn - vun den Doudegen ass erogaange vun 9 op 4.

Wichteg Indicateure sinn a bleiwen niewent der Spidolssituatioun an den deeglechen Neinfektiounen och d'Ofwaasseranalyse vun de Kläranlagen, déi op d'Presenz vum Virus an der Bevëlkerung hiweisen. An do sinn d'Valeuren elo erreecht, wéi mer se um Enn vum Summer haten.

Mee wat fundamental anescht ass wéi am leschte Summer, dat ass, dass elo Impfstoffer do sinn. Bis elo sinn hei am Land iwwer 70.000 Persounen schonn zweemol geimpft, iwwer 70.000 Leit, an am Ganze goufen iwwer 255.000 Impfungen gesprézt. Jo, am Ufank ass bemängelt ginn, dass d'Impfcam-



pagne lues un d'Rulle kéim, wat jo och net ganz falsch war. Dat louch awer manner un der Bereetschaft vun der Regierung oder vun deene Leit, déi an deem Beräich engagéiert sinn, mee dat louch méi un der Impfliwwerung, déi op sech waarde gelooss huet. Mee elo hu mer e gewëssene Rhythmus fonnt, e Rythme de croisière fonnt, an dobäi sinn nach net all d'Impfzentren op. Et besteet deemno d'Méiglechkeet, wann d'Impfliwwerungen et erlaben, nach méi séier virunzekommen an och hei weider eng Schëpp bäizeleeën.

Erfreelech ass och ze gesinn, wéi vill Leit dem Opruff nokomm sinn, fir sech fräiwëlleg mam AstraZeneca-Impfstoff impfen ze loossen. Dat weist fir mech ganz kloer, dass d'Leit bereet sinn, Deel vun der Léisung ze sinn. An dat ass wichtig, well nëmmen zesumme kënnen mer aus dëser Kris erausfannen. An dat weist awer och, dass, wann een d'Impfgéigner oder d'Coronaleugner héiert, da vläicht just, well si am haartste blären, awer definitiv net, well se zu esou vill sinn a well se d'Majoritéit an der Gesellschaft sinn.

Par contre bleift d'Situatioun, wat d'Beleëe vun den Intensivbetter ubelaangt, awer nach ëmmer ënner Drock, och wann den Alter vun de Patienten tendenziell erofgeet, wat net onbedéngt eng gutt Nouvelle ass, well och hei gëtt et mëttlerweil ëmmer méi jonk Leit, wou d'Krankheet schwiereg verleeft.

En Dënschdeg waren nach ëmmer 30 Persoune weinst Covid op der Intensivstatioun. Dat bleift eng héich Zuel an déi verlaangt och weiderhin e groussen Asaz vun eisem Gesondheetspersonal, deem een net genuch ka Merci soe fir dat, wat se bis elo geleescht hunn a wat se och an Zukunft nach musse leeschten.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dës héich Zuelen op den Intensivstatione si wuel op déi nei Virusvarianten zrëckzeféieren. Duerfir musse mer virsiichteg bleiwen. Et ass en Ofweien tëschent Öffnen, no deem mer alleguerten no engem Joer Pandemie striewen, an engem Risiko, deen awer däätlech nach ëmmer do ass. An och wann haut Öffnungen zur Debatt stinn, därfe mer net vergiessen, dass déi Pandemie nach net eriwwer ass, dass mer nach ëmmer an enger Pandemiesituatioun, an enger Pandemiekrise sinn an dass mer de Match géint de Virus nach net gewonnen hunn an dass mer och nach ëmmer musse séier kënnen reagéieren. Ech kommen herno nach eng kéier dorop zrëck.

An duerfir setze mer weider op eise Lëtzebuurger Wee, dee sech bis elo absolutt bewäert huet. Dat weist e Bléck an dat not Ausland, wann ee sech d'Situatioun vun der Gastronomie ukuckt zum Beispill, well ëm si geet et jo haut hei gréisstendeels. Et ass ganz vill iwwert d'Gastronomie geschwat ginn. Dobäi sinn awer nach eng ganz Rei vun aneren Öffnungen, déi méiglech sinn.

An der Belsch ginn d'Baren an d'Restaurants den 9. Juni erëm op. Sait dem 8. Mee därfe se Clienten op der Terrass empfänken. Si ware säit Mëtt Oktober zou, se waren insgesamt gutt néng Méint zou. Bei eis wäerten et elo manner wéi sechs Méint sinn. D'Restaurants hate jo hei am Land bekanntlech Enn November hir Diere missen zoumaachen.

A Frankräich, wéi och an der Belsch, sinn d'Restaurants säit Mëtt Oktober zou. Hei sollen d'Terrassen, ech betounen och, just d'Terrassen, d'nächst Woch, den 19. Mee opgoen, wat eng gutt Saach ass. Eng Öffnung vun de Banneberäicher vun de Restaurants ass do fir den 9. Juni virgesinn. Wann deen Datum dann och esou agehale gëtt, da wäert a Frankräich d'Restauratioun bal néng Méint, bal néng Méint och zou gewiescht sinn. Als Erënnerung nach eng kéier: hei zu Lëtzebuerg knapp sechs Méint.

An Däitschland hunn am Saarland bekanntlech d'Restaurants därferen hir Terrassen ufank Abrëll opmaachen, wouvunner ganz vill geschwat ginn ass, hei am Land, awer virun allem och an Däitschland, dëst och, well do Schnelltester zum Asaz komm sinn. Mee do sinn elo d'Restaurants am Banneberäich weiderhin zou, an och d'Terrassen, déi stinn nach ëmmer an der Méiglechkeet zouzemaachen. Déi hu jo déi Noutbrems, wann d'Inzidenzzuelen an déi falsch Richtung ginn, da musse se do erëm zoumaachen.

An Holland ass et änlech. Dir gesitt et, de Lëtzebuurger Wee bei aller verständlecher Ongedold an och bei aller verständlecher Kritik, virun allem awer, muss ech soen, klenglecher Detailkritik, bewäert sech. Duerch eis grouss ugeluechten Teststrategie mam Large-Scale-Testing sti mir elo besser wéi eis Nope ren do. Laut der Santé ass all Resident hei zu Lëtzebuerg am Duerchschnëtt 3,6-mol getest ginn. Wéi een anert Land kann dat da vu sech behaapten?

An elo gi mer mat eiser Strategie mat de Schnell-respektiv Autotester deen nächste Schratt; e Schratt, deen eis et erlaabt, d'Caféen an d'Restaurants ënner Bedéngungen dann erëm opzemaache bannen, soudass de Risiko vun enger Verbreedung vum Virus op e Minimum gesat gëtt.

Dat selwecht gëllt fir de Cuvre-feu, deen hei jo ëmmer erëm, an ech muss dat och soen, well et

mech och selwer nervt, net ganz zu Onrecht kritisiert gëtt. A mir sinn eis alleguerten heibannen zimlech eens: Dee Cuvre-feu wär am beschten esou séier wéi méiglech ofgeschafft. Weini dass dee Moment do ass, doriwwer scheide sech dann awer och d'Geeschter. Ech hunn et d'leschte kéier gesot, d'LSAP stoung a steet nach ëmmer op der Säit vun de Verrieder vun de fundamentale Rechter, a fir eis ass d'Ausgangsspär och eng grouss Aschränkung vun den individuelle Rechter.

Ech weess, dass och d'Meenungen iwwert d'Wierksamkeet vum Cuvre-feu auserneeginn. Och wann elo op Etüden higewise gëtt, déi a spezifesch Fäll de Géigendeel wëlle beweisen, ass et fir mech kloer, dass duerch de Fait, dass ee manner laang a virun allem manner spéit am Owend, wou d'Grenzen awer riskéieren ze falen, zesummen ass, de Cuvre-feu een Element ass, an de Gilles Baum huet et gesot, am Zesummespill niewent aneren Elementer, een Element, fir géint dës Pandemie virzegoen.

Et schéngt mer evident, wann ee verbitt, wat engem jo net liichtfält, dass d'Leit ab enger gewëssener Auerzäit sech därferen dobaussen ophalen, dass domadder d'Kontakter zwangsléifeg dann och erofginn. An dëse Virus mat sengen neie Variante verbreet sech nun emol iwwert den direkte Kontakt. Wann e keen Host huet, da kënn en net weider. Duerfir hu mir eis Responsabilitéit iwwerholl an dës Mesure geholl, och wa se eis net richtig schmaacht.

A kloer ass et och, dass mer de Cuvre-feu net méi laang wéi néideg solle bestoe loossen. An ech leeë meng ganz Hoffnung an dat nächst Gesetz, dass mer do kënnen hoffentlech Schrëtt an déi dote Richtung huelen. Interessant ass et, och do de Bléck eng kéier iwwert d'Grenz ze geheien. Jo, et stëmmt, dass an der Belsch de Cuvre-feu ufangs Mee ausgesat ginn ass. An a Frankräich wäert de Cuvre-feu awer eréischt ab dem 19. Mee erop oder erof - dat hänkt dovun of, wéi een et wëllt gesinn - op 21.00 Auer gesat ginn. Do ass et jo de Moment 19.00 Auer an et war souguer 18.00 Auer, wat emol eng kéier a Kraaft war. An an Däitschland gesäit déi sougenannten Noutbrems och e Cuvre-feu ab 22.00 Auer vir. Och do si mer méi wäit wéi eis Noperen, also elo mat deem neie Gesetz op Mëtternuecht.

An duerfir och hei, mir ginn eise Lëtzebuurger Wee. Mir ginn dee Wee, dee sech bewäert huet. An et ass ganz vill hei virdru vun de Schnell- respektiv Autotester geschwat ginn. An all Neierung, déi een esou erabrëngt an e Gesetz, déi ass natierlech mat Diskussiounen verbonnen, och mat Schwieregkeete verbonnen. An do kann een och net all Eventualitéit virgesinn.

An ech hunn heiansdo d'Impressioun, dass Verschiedener vum villen Detailkucken d'Vue globale verluer hunn, dass se net méi gesinn, wat awer hei vu Schrëtt an déi richtig Richtung gemaach ginn. An et kann ee sech natierlech mat deem Detail, deen och net onwichtig ass, ech wëll dat guer net soen, den Detail ass heiansdo och ganz wichtig. Et soll een awer net vergiessen, wat am Allgemengen do geschitt ass a wat dann awer hei vun Öffnungen gemaach ginn. An deen Detail, dee kënn, dat sinn Emsetzungsmanöveren oder Emsetzungskrittären, déi hei gemaach ginn.

Et soll een elo ... Ech hunn eng kéier e Sproch héieren, deen hutt Der bestëmmt och schonn héieren: „Besser ass den Doud wum Gutt.“ Also et soll een och net alles esou probéiere schlechtzerieden, dass ee seet: „Mir hätten et besser gemaach“, dann hätt een et warscheinlech och net gutt gemaach.

Bon, dat ass de Lëtzebuurger Wee aus der Kris eraus mat elo, dat ass jo vum Aarbechtsminister viru Kuerzem annoncéiert ginn, 5,7 Millioun Schnelltester, déi a Betriber wäerte verdeelt ginn. Et ginn der selbstverständlech och un den Horeca verdeelt. Déi si scho verdeelt, 500.000 Stéck. Natierlech kann een ëmmer bemängelen, dass et der net genuch sinn an dass dat awer e bësse kuerzfristeg ass. Mee ech gesinn hei e groussen Effort, deen och nëmme méiglech ass, well scho laang am Virfeld op déi Schnell- an Autotester gesat ginn ass. An déi Tester ..., et ass jo wéi bei allem, et ass wéi bei de Masken: Elo wëlle se alleguerten där Tester! Déi muss ee jo da laang am Virus scho bestallt hunn, fir der iwwerhaapt elo ze kréien. Gradesou war et jo och bei de Masken.

An ech hunn dann och an der Press, am „Tageblatt“, fir méi genau ze sinn, dëser Deeg gelies, dass, wat ee méi Autotester mécht, wat besser. Dat ass jo dann dee Wee, dee mer hei ginn. An duerfir hu mir eis fir eng Validitéit vun deenen Tester, fir an de Restaurant ze goen, vu 24 Stonnen dann och ausgeschat. Jee, dat mag wuel deen een oder aneren iergeren, dee vläicht zwee Deeg hannereneen an de Restaurant wëllt goen. Mee mir wësse jo mëttlerweil, dass ab enger Infektioun d'Virusaascht am Kierper no an no an d'Luucht geet. Do kënnen 24 Stonnen och e groussen Ënnerscheed maachen, ob ee sech dann ustécht oder net. An duerfir solle mer eis déi 15 Minuten, déi um Enn en Autotest brauch, dann och huelen. Esou vill Zäit muss dat eis dann awer fir eis Gesondheet scho wäert sinn.

Eis Gesellschaft huet och ganz gutt zesummegehale bis elo. An ech géif hei och dovir warnen, fir all Diskussioun a Richtung Splécke vun der Gesellschaft ze féieren. Mir sollen hei wierklech net déi Jonk mat deene manner Jonken, ee géint deen aneren ausspillen. D'Schnell- an d'Autotester, déi erlaben eis e wichtige Schratt a Richtung méi Normalitéit. Mee menger Meinung no misste mer och e Schratt a Richtung eis Jugend maachen. Leider kënnen déi Jonk ënner 16 Joer nach ëmmer net geimpft ginn, well d'Etüden nach net do sinn. An duerfir géif ech et begréissen, wa mer kéinten op dee Wee goen zum Beispill, dass een deene Jonke gratis Autotester zur Verfügung géif stellen. Ech denken, dat wär e klenge Gest, deen net vermoosse wär. Et wär e Gest, fir ze weisen, dass mir als Gesellschaft ...

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... hiren Effort an dëser schwéierier Zäit och géifen unerkennen an en ze schätze wëssen. Ech wollt dat der Regierung mat op de Wee ginn.

(*Interruption*)

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... dës kéier d'Motioun och matstëmmen ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Mir kucken emol, wéi eng Motioun dass mer ... Ech hunn d'Motioun nach net gesinn, Dir hutt se scho gesinn, Dir hutt se emol geschriwwen, ginn ech emol dovunner aus. Mir hu se nach net gesinn.

Wann ech scho bei de Jugendlecher da sinn, wollt ech och d'Schüler uschwätzen, well do gëtt et menger Meinung no eng Konfusioun. Sécher kommen do, wéi an Zukunft an de Restaurants, d'Autotester an den Asaz, mee d'Zil vun deenen Tester an der Schoul, dat ass et jo net, fir dass ee kann an de Restaurant goen, mee d'Zil ass do, fir dass ee kann a Presenzunterrecht, dass eis Schoule kënnen weider fonctionéieren.

Mir wësse mëttlerweil, wéi wichtig dat ass, a mir wëssen och, wéi an anere Länner d'Schwieregkeeten do sinn, wou d'Schoule méintelaang zou waren. Bei eis waren et ganzer zwou Wochen ëm Chrëschttag, wat e ganz groussen Effort vun eis bedéngt huet. War et méi laang, Här Baum?

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Nee, zwou Wochen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Et waren zwou Wochen, voilà. A wat mer wierklech gutt hikritt hunn, wou ech ganz frou sinn, dass dat esou geschitt ass.

A wann elo aus deem Test aus der Schoul kann en zertifizierten Test ginn, wat ech jo elo hei héieren hunn, a wann dat de Mëtten an der Mëttesstonn konnt realiséiert ginn, da fannen ech dat e Schratt an déi richtig Richtung, dass do séier geschafft ginn ass, do séier sech adaptéiert ginn ass. A jiddweree muss jo och et fir méiglech kënnen gemaach kréien, e Lernprozess ze maachen. A fir dass d'Leit sech dann och do kënnen organiséieren, fannen ech dat e Schratt an déi richtig Richtung.

Zum Schluss wollt ech nach op een Thema agoen, wat, wéi ech fannen, an dëser Debatt e bëssen ënnergaangen ass. Sécherlech, d'Ouverture vun de Restaurants an d'Strategie vun de Schnelltester, déi si wichtig, jo. Mee gradesou wichtig ass a mengen Aen och d'Méiglechkeet, fir sech elo kënnen dobaussen ze treffen, Musek ze maachen, dass et manner Restriktiounen gëtt, fir am kulturelle Beräich eppes ze maachen, an natierlech och d'Méiglechkeet fir déi manner wéi 19-Järeg, déi si elo erëm kréien, fir Sport an hire Veräiner ze maachen. Dat ass eng grouss Ouverture, déi hei getäteg gëtt an dat ass eng Ouverture, déi ganz wichtig ass.

An deene leschte Woche konnte vill Veräiner just mat klenge Gruppe schaffen, wat mat sech bruecht huet, dass d'Veräiner hir Jugendekippen oft an e puer Gruppen hu missen opdeelen, fir kënnen ze trainéieren. Kanner, déi dann zum Beispill zweemol d'Woch Training haten, konnten esou awer nëmmen eemol d'Woch trainéieren an dann och nach nëmme just mat engem Deel vun hire Kollegen. An do wëll ech heivunner profitéieren, e grousst Luef un déi Veräinsresponsabel an och un d'Traineren ze ginn, déi wierklech hei alles gemaach hunn, fir dass dat méiglech ass an déi hei e ganz groussen Engagement gewisen hunn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dat hei ass e Schratt an déi richtig Richtung an deen ass nëmme méiglech, well mir eis hei d'Méiglechkeet vun deene flächendeckenden Tester ginn. Et ass alt erëm eng kéier een Deel vum Lëtzebuurger Wee aus der Kris, e Wee, deen - ech soen et nach eng kéier - sech absolutt bewäert huet, wa mer dat am Verglach mat all deenen anere Länner ronderëm kucken.

An ech wéilt hei eppes ophuelen, wat de Gilles Baum och gesot huet: Et ass awer och e Wee vum Vertrauen, op dee mer bauen, e Vertrauen, dass d'Leit dobausse responsabel mat dëse Mesuren ëmginn, esou wéi se dat bis elo och gemaach hunn, e Vertrauen och, dass se dëse Wee mat eis an engem po-

sitive Geescht ginn. D'Leit dobausse gesinn dëst Lockeren am grouss Ganzen als extreem positiv a si freeë sech och dorop. An amplatz sech iwwer alles hei opzereegen, wat net zu 100 % am leschten Detail, an der leschter Komplexitéit vum Fall gereegelt ass, solle mer déi positiv Méiglechkeeten, déi mer vu muer un hei kréien, gesinn an déi och dann notzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An ech sinn der fielsefester Iwwerzeegung, dass de Gros vun de Leit, déi absolutt héich Prozentzuel vu sécherlech iwwer 70 % vu Leit, dat och esou dobausse gesinn. Déi gesinn déi positiv Säit vun dësem Gesetz an déi gesinn och déi positiv Säite vun dëse Méiglechkeeten, déi se hei erëm opgemaach kréien. An duerfir wäerte mir dëst Gesetz hei sécherlech matstëmmen.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Georges Engel. An nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zur Ofwiesslung geheien ech fir unzefänke kee Bléck op d'Infektiounszuelen, wéi dat bei de Covidriede jo esou üblech ass. Ech geheien e Bléck op eise Planéit, op deem 7,8 Milliarde Mënsche liewen an deenen hir Grondrechter zu engem groussen Deel beschnidde sinn. Vun deene 7,8 Milliarden hu 6,8 Milliarde mat Regierungen ze dinn, déi d'Grondrechter vun der Bevëlkerung massiv beschneiden, d'Biergerinnen an d'Bierger 24 Stonnen op 24 iwwerwaachen, der Press de Mond verbidden oder hir Kritiker drangsaléieren.

D'Pandemie huet dës Entwécklung an deene Länner nach verschäerft an deem Sënn, dass déi meesch Regierunge mat hire Covidmoosname wäit iwwert dat erausginn, wat een als verhältnisméisseg bezeechne kann.

Leif Kolleginnen a Kollegen, zu dësem Resultat kënn den däitschen „Atlas der Zivilgesellschaft“, dee kierzlech vum Hëllefswierk „Brot für die Welt“ zesumme mam Netzwierk fir Biergerbedeelegung CIVICUS publizéiert ginn ass. Den Atlas enthält eng detailléiert Analys vun de Fräiheitsaschränkungen a praktesch alle Länner vun der Welt. D'Analys ergëtt, dass just 3 % vun de Gesellschaften als oppen a fräi bezeechent kënnen ginn. Dat zielt fir 263 Millioune Mënschen. 9 % oder 719 Millioun Mënsche gi vun de Grondrechter hier als ageschränkt agestuft. De ganze Rescht vun der Weltbevëlkerung gëllt carrement als ënnerdréckt.

Datt Lëtzebuerg och an der Pandemie zu deenen 3 % oppenen a fräie Gesellschafte gerechent gëtt, zeechent d'Politik vun eise Land aus. An dës Klasséierung an der ieweschter Liga relativéiert och déi schaarf Kriticken un där enger oder anerer Moosnam, déi zu Lëtzebuerg a Kraaft ass an a Kraaft wäert bleiwen; Dir wësst, vu wat ech schwätzen.

Eise gudde Ranking am internationale Kontext vun de Grondrechter ännert awer natierlech näischt drun, dass mir eis no engem Joer Pandemie a méi bewosst muss bleiwen, dass liberticide Moosname weeder zur Gewunnecht därfe ginn nach verharmloosst därfe ginn. Duerfir si mer als Gréng wierklech frou, dass dës Haltung sech zu engem gudden Deel schonn an dësem Projet de loi zrëckspigelt, well e vill Hiewelen a Beweegung setzt a Richtung Fräiheet an a Richtung Grondrechter, ouni de Gesondheetsschutz ze afferen.

E wichtige Schlëssel zu der Fräiheet ass natierlech d'Impfbereetschaft vun der Bevëlkerung. Op d'mannst esou wichtig ass awer och den Impfrhythmus, deen an de leschte Woche wierklech beschleunegt konnt ginn - dass positiv - mat der Rekordwoch 18, déi elo bekannt ginn ass, wou mer op ganzer 40.717 Dose koumen a wou zanter März keng Woch vergaangen ass, ouni dass mindestens 10.000 Dose verimpft gi sinn.

Ech mengen, dass een och emol iwwert déi positiv Aspekter muss schwätzen. Dat hei ass een dovun. Datt dësen Tempo bäibehale ka ginn, gëtt Grond zur Hoffnung. Et werft awer och eng Rei Froen op am Hibleck op d'Zukunft, op déi ech dann och am Numm vun der grénger Fraktioun kuerz wéilt agoen.

Jo, effektiv si mer an der Impfcampagne an der leschter Phas, der Phas 6 ukomm. An et gesäit och duerno aus, dass déi grouss Majoritéit vun den Impfberechtigte bis virum Summer geimpft kënnen ginn. Natierlech beweegt dat haut scho vill Mënschen dozou, hoffnungsvoll op d'Summervakanz ze kucken a sech d'Fro ze stellen, ënner wéi enger Form en erhuelamen Tapétiwessel oder eng Rees bei d'Mier oder an d'Bierger iwwerhaapt wäert méiglech sinn, wuel wëssend, dass eng harmoniséiert europäesch Strategie nach ëmmer eng Illusioun bleift, leider.

Et ass grad an dëser Diskussioun, Dir Dammen an Dir Hären, mee och an aneren Diskussiounen ronderëm den Émgang mat Grondfräiheeten a Grond-



rechter, wou een net vergiessen däerf, datt eng ganz Alterskategorie net esou séier an de Genoss vun der Impfung ka kommen. Ech schwätze vun de Kanner a Jonke bis 16 Joer, enger Alterskategorie, déi scho vill Affer huet misse bréngen an der Pandemie an och bei der Impfung eng weider Kéier de Kierzeren zitt.

An Däitschland gëtt dës Diskussioun schonn intensiv geféiert a se schléit och schonn héich Wellen. De Grond ass, datt d'Bundesland Mecklenburg-Vorpommern decidéiert huet, den Tourismus just fir geimpfte Persounen opzemaachen. Famillje mat net geimpfte Kanner ginn deemno explizitt ausgeschloss.

Eng däitsch Journalistin schwätzt an deem Kontext vun engem Dammbroch vis-à-vis vun de Familljen. An et ass och richteg ze behaapten, datt grad d'Kanner, déi sech e Joer laang solidaresch gewisen hunn, heimat eng weider Kéier zu de Verléierer ginn. Esou eng Politik, Dir Dammen an Dir Hären, verdéngt zu Recht den Numm „kannerfeindlech“. Domat stelle mir als Gréng ganz sécher net a Fro, datt déi Jonk aus medezinnescher Virsuerger bis op Weideres nach net un den Tour kommen, fir geimpft ze ginn, an datt nach e wéineg Gedold och an de Familljen néideg ass, bis d'Zouloossung fir Kanner medezinnesch séchergestallt ka ginn.

Argumenter wéi Vakanzen an anerer däerfen an deem Sënn net als Argument gëllen, fir d'Zouloossung vum Vaccin fir Kanner iwwert de Knéi ze briechen an d'Gesondheet vun de Kanner a Gefor ze bréngen.

A wann de Vaccin da bis do ass, da mussen och do eethesch Krittäre gëllen an da musse Kanner mat schwéiere Virerkrankungen de Virtrëtt kréien. Dat ass dat eent.

Dat anert ass, datt déi jonk Generatioun schonn haut ganz kloer Perspektive brauch, Perspektiven um Niveau vun oppene Schoulen a vun der Bildung, mee och Perspektiven, fir esou ze liewen, wéi et hire Grondbedierfnisser entsprécht, wuel wëssend, datt psychesch Stéierungen an Opfällgkeete bei Kanner exponentiell gewuess sinn. Et ass dramatesch, emsou méi, well net genuch Servicer existéieren, fir se en charge ze huelen.

Dat Liewen, wat de Grondbedierfnisser vun de Kanner entsprécht, muss also och ouni Impfung méiglech gemaach ginn. An duerfir begrësse mer ausdrécklech, datt nees méi Kontakter ënnerhalb an ausserhalb vun de Famillje méiglech ginn, och inter-generationell, datt den alternative Wocherhythmus an ieweschten Zyklus vum Secondaire ofgeschaaft gëtt an datt déi Jonk op déi Manéier nees all Dag zesumme kënnen kommen an datt den organiséierte Sport fir Mannerjäreger mat dësem Projet de loi nees ouni Aschränkung erlaabt gëtt, zumindest op den Trainingsen.

De Wäert vun de Selbsttester an de Schoule gëtt domat eng weider Kéier ënnerstrach. Dës Tester déngen jo dann net nëmmen dozou, fir Infektiounen an de Schoulen ze detektéieren an de Schoulsektor um Dréien ze halen an hoffentlech och Premiëresfeieren zouzeloossen, wéi zum Beispill déi, déi mat engem gudden sanitäre Konzept vun de Premiëresschüler aus dem Stater Kolléisch ugefrot ginn ass. De Gilles Baum huet a senger Ried domat ugefaangen an d'Engagement vun deene Jonke gelueft. Ech ka mech deem Luef nëmmen unschléissen. Dee Mail war wierklech impressionnant.

D'Selbsttester, déi an de Schoule gemaach ginn, schützen och indirekt d'Familljen a maachen deene Jonken d'Dier nees op zum Sportstraining an de Veräiner, iwwert deen ech och e puer Wieder wéilt verléieren, well et eiser Meenung no eng ganz wichteg Ouverture ass. Och dat ass positiv. Mir sinn eis eens: Lëtzebuerg huet wierklech Efforte gemaach, fir d'Sportswelt och an der Pandemie eenegermoossen um Liewen ze halen. De Fokus louch allerdéngs beim Héichleeschtungssport, während et de Kanner a Jonken aus dem Breedessport während ville Méint souwuel u Beweegung wéi och u soziale Kontakter gefeelt huet.

Fakt ass awer, datt Jonker sech vu klengstem Alter u beweegen mussen, fir gesond ze bleiwen, an net ze knapp. An et steet och fest, datt schonn déi Jéngst vill Kontakter an hirem sozialen Ëmfeld brauchen, engersäits fir hir eege Perséinlechkeet opzebauen, anersäits awer och, fir sozial Kompetenzen ze entwéckelen. Am Fong geet béides mateneen.

Datt den organiséierte Sportstraining mat dësem Projet de loi fir Kanner a Jonker ouni Aschränkung opgeet, ënnerstëtze mer awer net just aus der Perspektiv vun der psychecher a kierperlecher Gesondheet vun der jonker Generatioun. Mir ënnerstëtzen dës Approche och aus dem Bléckwénkel vum Benevolat, wuel wëssend, datt vill éierenamtlech Mataarbechter a Mataarbechterinnen aus de Veräiner an der Pandemie u Kraaft verluer hunn, respektiv och d'Motivatioun verluer hunn, fir sech ze engagéieren.

Ginn dës Mënschen de Veräiner an de Federatiounen och am Endeffekt verluer, riskéiert den

organiséierte Sport an enger existenzieller Kris ze landen. An dozou däerf et zu Lëtzebuerg net kommen, Dir Dammen an Dir Hären, woubäi een ni däerf vergiessen, an et gëtt ëmmer op en Neits betount op dëser Plaz, datt de Sport och e wichtige Facteur vun Inklusioun a vu sozialem Zesummenhalt ass an eiser multikultureller Gesellschaft. An ech sinn och frou, datt mer deemnächst eng Debatt kënnen iwwer Inklusioun am Sport féieren.

A Veräiner, déi no un enger Grenz ugesidelt sinn, enger Landesgrenz, kënnent derbäi, datt net nëmme Lëtzebuerg Residenten aktiv sinn, mee och Sportler, déi op där anerer Säit vun der Grenz liewen. Een, deen dës Diversitéit vu Klengem un a sengem Veräin erlieft huet, weess, wéi positiv se vum mënschlechen a vum soziale Standpunkt hier ass, emol ganz onohängeg vum Sport. An dee weess dat dann och ze schätzen.

Fir der Sportswelt et méi einfach ze maachen, ass et an eisen Aen eebe grad wichteg a richteg, net nëmmen déi sophistiquéiert PCR- oder Schnelltester bei Kompetitiounen zouzeloossen, déi bis elo zouge-looss waren, mee och déi manner opwändeg Selbsttester. Dat ass wierklech wichteg. Am initialen Text waren dës jo just fir d'Schoulen an den Horeca-Secteur geméint.

Selbsttester erliichteren d'Organisatioun vu Kompetitiounen massiv, wuel wëssend, datt d'Kompetitiounen sech net op laang Dauer op den Héichleeschtungssport därfer limitéieren an op déi ieweschte Divisiounen wéi elo an och net op eng minimal Zuel vu Sportler, well do sinn der d'office vill ausgeschloss. Och am Breedessport si Kompetitiounen wichteg, well se d'Motivatioun erheijen, Sportler a Sportlerinnen aus ville Veräiner zesummebréngen, Talenter eraus-schuelen a Fairplay vermëttelen, natierlech ënnert der Konditioun, datt ab véier Sportler, wéi d'Gesetz et virgesäit, zwee Meter Distanz kënnen agehale ginn. Mir wëssen, datt geet net iwwerall, et ass net iwwerall méiglech. Mee do, wou et méiglech ass, do lount et sech. Hei kann ee soen, datt am Verhältnis vu Risiko a Benefiss de Benefiss ganz kloer iwwerweit.

Net anescht ass et bei der Decisioun, nees Zuschauer zouzeloossen. Dat gëllt natierlech och fir de Kultursektor, wou keng Kompetitiounen gekuckt ginn, duerfir awer kulturell Produktiounen a Concoursen, wuel wëssend beispillsweis, datt de Concours des jeunes solistes huet missen ofgebloose ginn an dëst Joer wäert nogeholl ginn, hoffentlech, mat enger wierdeger Zuel vun Zuschauer.

Beim Wuert Zuschauer am Sport denkt een natierlech direkt un déi grouss Fussball-, Handball- a Basketballmatcher, bei deenen d'Zuschauer fir Stëmmung a voll Keese suergen an den ieweschten Divisiounen. Déi ware jo méiglech.

Manner bekannt, awer net manner wichteg sinn d'Kompetitiounen fir Kanner a Jonker. Wann ee weess, mat wéi enger Begeeschterung dës Evenementer oflafen, da weess een och, wéi wichteg et ass, datt d'Elteren, d'Geschwëster a Frënn als Zuschauer derbäi kënnen sinn, och als ënnerstëtzend Zuschauer, virun allem bei deenen Allerjéngsten, woubäi ee sech muss froen, ob déi Allerjéngst iwwerhaupt un enger Kompetitioun wëllen deelhuele, wa se net vun hiren Elteren oder anere Besucherspersounen begleet däerfe ginn. An dobäi spille Kompetitiounen an der Entwécklung vun de Kanner keng onweesentlech Roll, jiddefalls soulaang wéi se net vu Leeschtungsdrock beherrscht ginn.

An engem Ëmfeld, wou een de Kanner genuch Réckhalt bitt, léiere se grad bei Kompetitiounen souguer ganz vill, virun allem léiere se, fair a respektvoll mat Nidderlagen ëmzegoen - et muss een net ëmmer gewannen -, mat Nidderlagen ëmzegoen, ouni hire Selbstwäert opzeginn. Dës Kompetenz brauch all Mënsch e Liewe laang, mee nach laang net all Mënsch huet dës Kompetenz geléiert!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - All dat ass ee Grond méi, fir d'Organisatioun vu Kompetitiounen onohängeg vun Alter, Leeschtung an Zuel duerch den Asaz vu Schnelltester ze vereinfachen an Zuschauer zouzeloossen, wéi gesot, ënnert de sanitäre Reegelen.

An deem Sënn wéilt ech och dem Staatsrot dann awer Merci soen, datt en a sengem Avis derfir plädéiert huet, Selbsttester net nëmmen am Horeca-Secteur anzesetzen, mee och am Sport. An en huet sech och derfir agesat, d'Gültgkeet vun deenen Tester ze harmoniséieren.

Vu datt de Versuch vun der Regierung, dat hu mer jo och virdu matkritt, den Ëmgang mat Schnell- a Selbsttester ze reegelen, an der Kommissioun zu ville Froen an Diskussiounen geféiert huet, wéilt ech och kuerz dorop zréckkommen.

Dee klengen Hickhack, wéi mer et dann nennen, mam Règlement grand-ducal an d'Interpretatiounsdivergenzen, déi drun händchen, schléissen ech elo emol aus, quitte datt déi Situatioun wierklech net ganz glécklech war. Et gëtt awer och eng Entschëllegung derfir: Et ass déi, datt ech wierklech iwwerzeegt sinn, datt jiddweree säi Bescht mécht, a mir wëssen

och all, datt vill Responsabelen an de Ministère souzesoen op de Felge fueren an dat schonn zanter Méint. An duerfir geet et mir haut drëms, no vir ze kucken.

Esou zum Beispill an dem Horeca-Secteur, wou sech beim Asaz vu Selbsttester nach eng Hellewull vun organisatoresche Froen stellen. Och dat ass scho gesot ginn. Natierlech mussen déi geleist ginn. Mir wëssen awer och, datt d'Zopp ni esou waarm giess gëtt, wéi se gekacht gëtt. E gewëssene Pragmatismus ass hei net vu Muttwëll.

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - An deem Zesummenhang drängt sech dann och fréier oder spéider ganz sécher d'Fro op, ob déi kontrolléiert Selbsttester net zumindest fir e puer Stonne kéinte gëllen, dëst am Fall eeben och, wou se mat Numm, Datum an Auerzäit vun der Duerchféierung gekennzeechent sinn. Dat ass eng Méiglechkeet. Oder dann awer och schonn am Laf vum Dag digital vum Schoulpersonal erfaasst gi sinn, wann et sech ëm Kanner handelt. Ech hu virduen eng Tendenz gesinn, déi dohi weist. Do besteet effektiv nach e gewëssene Klärungsbedarf, mee all Bedarf ka gekläert ginn.

Dat géif en onnéidegen a schwéierfälligen Cumul un Tester, mee och eng Verschwendung vu Ressourcë jiddefalls verhéieren. An duerfir ass dës Approche ganz sécher eng Diskussioun wäert. Wéi gesot, eis Hoffnung ass grouss.

Net manner komplex ass dann awer och d'Diskussioun, déi um europäeschen Niveau geféiert gëtt an déi an den nächste Wochen och zu Lëtzebuerg geféiert muss ginn. Et ass d'Diskussioun ronderëm dee „gréngen Impfpass“, wéi mer en dann nennen, dee kierzlech am Europaparlament och zur Diskussioun stoung an ëmmer méi konkret gëtt.

Als Gréng ënnerstëtze mir déi europäesch Approche, well et ëmmer méi kloer gëtt, datt d'EU-Parlament d'Wichtigkeet vun esou engem Impfpass unerkennt, ouni datt den Impfpass awer zu enger Diskriminierung vun Netgeimpfte féiert. Dowéinst ënnersträicht d'Parlament, datt niewent der Impfung och negativ Resultater vun zertifizéierten Tester an Informatiounen zu iwwerstanene Coronainfektione musse gëllen. Do muss nach iwwert den Zäitpunkt diskutéiert ginn, wéi laang dat da wäert gültig sinn.

Vun Ufank u war dat do eis Fuerderung, an de Marc Hansen huet sech och schonn dozou ausgedréckt; eise grénge Fraktiounskolleg, net de Minister. An dat ass fir eis och effektiv dee richteg Wee. Zum enge geet et jo ëm d'Hierstellung vun de fundamentele Grondrechter, vun de Mëscherechter, déi an enger Demokratie garantéiert musse ginn. An zum anere geet et awer och ëm d'Valoriséierung vun der Impfung bei all deene Leit, déi dovun Gebrauch kënnen maachen a solle maachen, ouni datt all déi aner benodelegt ginn. Spéitstens wann all impfberechtigt Persoun um Tour war, muss dës Diskussioun geféiert ginn an d'Froen musse beäntwert ginn.

D'Gefor, datt en Overkill vun obligatoresche Moossnamen - Impfen, Testen an aneres - d'Wichtigkeet vun der Impfung relativéiert, ass dobäi net esou ganz onwichtig. Am schlémmste Fall hält e Cumul vu Moossnamen d'Leit esouguer dovun of, sech iwwerhaupt impfen ze loosse, well se jo dovun ausginn, datt aner Moossnamen et och maachen.

Dat wier net nëmme kontraproduktiv, et géif déi ganz Impfstategie eigentlech carrement a Fro stellen an d'Fro och opwerfen, ob de Staat iwwerhaupt un d'Impfung gleewt. Do kommen ech dann zum amerikaneschen Zenter fir d'Kontroll a Preventioun vu Krankheeten, dem US CDC, dee souguer schonn anoncéiert huet, datt d'Maskepflicht fir Vollgeimpfter net méi recommandéiert ass. Dat just als Info am Hiléck op zukünftige Diskussiounen, wat net heescht, datt ech haut zu dësem Moment dës Fuerderung stellen. Ech wollt et just gesot hunn, fir datt ee weess, wéi an anere Länner domat ëmgaange gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, no dëser Zukunftsmusek kommen ech dann nees zréck bei dësem Projet de loi nach kuerz a wéilt der Regierung ofschléissend Merci soen, datt se heimat nei Weeër geet, virun allem well d'Schnelltester an d'Selbsttester méi wéi jee zum Droe kommen. No längerer Ufatzäit, dat muss ee wuel zouginn, fléisse ganzer 26 Milliounen Euro an d'Verdeelung vun esou Tester an domat an d'Grondrechter vun eiser Gesellschaft an och an hire Schutz, eng Approche, déi mir als Gréng vun Ufank u verteidegt hunn. Eleng dat ass e Paradigmewissel, et ass awer och gläichzäiteg en Deel vun der Léisung.

Deen aneren Deel vun der Léisung läit bei de Biergerinnen a Bierger, déi virun allem am Privatberäich ëmsou méi Eegeverantwortung mussen iwwerhuelen, wat méi Leit aus verschidde Famillje sech begéinen, wuel wëssend, datt déi Zuel mat dësem Projet de loi méi héich däerf ginn. Am Privatberäich gëtt et jo weeder en Organisateur nach soss eng iwwergeuerdent Instanz oder eng Persoun, déi am Eck sëtzt an oppasst, déi fir de Respekt vun de Reegelen oder d'Kontroll vun de Selbsttester zoustänneg ass.

Zoustänneg ass all eenzelne Mënsch, deen net dovun ausgoen däerf, datt de Virus sech just beim Noper ophält. De Virus ka sech och an der eegener Stuff breetmaachen an an der eegener Stuff stiechen. An deem Sënn hoffe mir als Gréng, datt d'Fräiheet, déi mat dësem Projet de loi och am Privatberäich méi grouss gëtt, ville Mënsche bewosst mécht, wat et geheescht huet an de leschte Méint, méintelaang och op dës Fräiheet ze verzichten.

A wann een da weess, datt iwwer 40 % vun den Infektiounen am Privatberäich stattfannen, da weess een och, datt et net nëmmen un der Regierung ass, fir de Wee an d'Fräiheet opzebauen. De Wee kann nëmmen zesummen entstoen, Dir Dammen an Dir Hären, andeems och all Eenzelne seng Verantwortung iwwerhëlt dobannen an dobaussen.

Ech kéim zum Schluss, natierlech mam Merci un de Mars Di Bartolomeo fir seng Gedold mat ongedellege Membere vun der Kommissioun, zu deenen ech mech dann och haut zielen. Merci awer och fir dee gudden Rapport, deen natierlech ganz vill Opschloss ginn huet, quitte datt nach e klengen Erklärungsbedarf iwwregbleift. Mee dat mécht d'Saach och méi spannend. An domat ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen der Madamm Lorsché villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken dem Här Mars Di Bartolomeo e Merci fir säi Rapport. En hat haut emol besser Neigkeete fir eis wéi all déi Wochen a Méint virduen. Duerfir soe mer him nach speziell Merci.

(Interruption)

D'Regierung huet eng Rei Lackerungen am Covidgesetz festgeluecht, déi mer begrëssen an zum Deel scho laang gefuerdert hunn. Virop wat den Horeca-Secteur-Betrieb ugeet, déi hir Dieren elo bis owes 22.00 Auer däerfen opmaachen. Do si mir frou, datt d'Regierung eis Fuerderung opgegraff huet, déi mer scho virun enger Zäit hei gestallt hunn. Ech erënnere un eng deementspriedend Motioun, déi mer agereecht haten an déi net ugeholl gouf, wéi esou dacks.

Mir hätten och vill léiwer gesinn, wann et am Horeca keng zäitlech Begrenzung méi géife ginn. Dat géif de Leit am Sektour et och méi licht maachen, fir hir finanziell Verloschter e bëssen ze limitéieren. Dat ass awer net deen eenzege Kritikpunkt. Wéi esou dacks kommen awer zesumme mat deene puer Lackerungen leider ëmmer nees Restriktiounen derbäi, wat sech zum Beispill haut am Horeca-Secteur ganz gutt weist.

De 16. Mee soll dee ganzen Horeca-Secteur jo nees kënnen opmaachen. D'Regierung huet d'Gastronomen iwwerdeems awer obligéiert, d'Clienten, déi net op enger Terrass sinn, nëmmen ze zerwéieren, wa se e rezenten an negativen Test kënnen virweisen.

Fir d'ADR feelt et dobäi erëm u Logik. Firwat gëtt dës Sektour mat esou enger Teststrategie geplot - oder schikanéiert, kann een och soen-? Dëst an Zäiten, wou d'Infektiounszuelen erofginn a mer all Dag méi Geimpfter hunn. Virun der kompletter Schléissung vum Horeca-Secteur hate mer bei méi Infektiounszuelen a keng Geimpfte manner streng Reegelen am Horeca-Secteur.

Och op anere Plazen, wou d'Leit a vill méi enkem Kontakt sinn, Schëller u Schëller quasi, dobäi nach mateneen eppes drénken oder eppes schneeken, do gëtt keen Test verlaangt. An do ass et dann egal, ob déi Leit aus engem Stot sinn, Bekannter oder a reegelméissegem Kontakt sinn oder sech vollkommefriem sinn.

Och d'praktesch Ëmsetzung ass e grouss Problem. Et sinn net zu Enn geduecht, onrealisteschen Approchen, mee hei leien och nach drënner juristeschen Onkloerheeten a Geforen. D'Testprozedur an d'Kontroll musse gutt organiséiert ginn a koordinéiert ginn. Schliisslech muss d'Testresultat vum Schnelltest no enger exakt bestëmmter Zäit ofgelies ginn, fir datt et net zu engem verfälschte Resultat kënn. A wat maachen d'Leit bis dohinner? Sti si da 15 oder 20 Minuten zesummen, fir op hiert Testresultat ze waarden? A wou, dobannen oder dobaussen?

Dobäi kënn nach, datt déi sougenannte Schnelltester ganz ëmstridde sinn, well si jo offiziell wéineg zouverlässeg sinn. An da stellt sech nach d'Fro vum Suivi bei engem positive Resultat. Hei musse Leit Virschrëften ëmsetzen, déi u sech keng Ermächtigung derfir hunn a keng legal Basis hu fir d'Exekutéiere vun esou Kontrollen, fir perséinlech a medezinnesch Donnéeën ze verlaangen an ze kontrolléieren.

Hei stelle sech esou vill Froen, déi hätte missen am Virus gekläert ginn. Wat ass déi legal Basis derfir? Mee d'Regierung mécht ewell méi dacks Virschrëften an zitt sech dann deals aus der Verantwortung



zréck. D'Verantwortung gëtt un anerer delegéiert, déi duerfir awer net outilléiert sinn.

Och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics begrüsst, datt den Horeca-Secteur nees opgeet. Mee och si hannerfreet déi praktesch Ëmsetzung vun deenen neie Bestëmmungen a stellt berechtegterweis d'Fro, ob d'Horeca-Personal iwwerhaupt ermächtegt ass, dës Missioun auszeféieren. An dann ass nach ze soen, datt, trotz dëser strenger extraer Reegelung fir den Horeca-Secteur, hei awer nach all déi aner Moossname gëllen. Dobäi kënn nach, datt och nëmmen därfe véier Leit un engem Dësch sëtzen. Géife si sech doheem treffen, fir a Gesellschaft zesummen ze iessen, dierften awer méi Leit zesummekommen an datouni Test.

Dobäi goufen an dësen Etablissementer jo souwiso scho vill Moossname geholl, wéi d'sozial Distanz, Plexiglas, Maskeflicht an eng limitéiert Unzuel vu Gäscht un engem Dësch an esou weider. Am Horeca-Secteur ass et hei am Land och ni zu enger Infektiounskette komm, wat d'Regierung jo schlisslech selwer scho virum Horeca-Lockdown gesot huet. Si huet dobäi souguer preziséiert, datt et keng wëssenschaftlech Basis fir déi drastesch Entschedungen géif ginn. Genau de Géigendeel gouf awer behaapt, wann et ëm Treffen a Besuch doheem gaangen ass. Et ass also reegelrecht de Geck mat de Leit gemaach ginn.

Och d'Horesca-Federatioun huet sech kritesch zu dëser Testpflicht geäussert an huet generell d'Logik vun där Mesure a Fro gestallt. Och d'berodend Mënscherechtskommissioun huet sech an hirem Avis ganz kritesch dozou geäussert. Genau wéi d'ADR versteet och si net, firwat den Horeca-Secteur am Verglach mat deenen anere Secteuren a Plazen, wou Mënschen zesummekommen, esou vill méi streng gereegelt gëtt an dann awer nach, trotz obligatoreschem Test, plus all déi aner virgeschriwwen Moossname maache muss an dann nach owes um 22.00 Auer d'Dieren zoumaache muss, woubäi d'Gäschtt jo nach éischter mussen erausgebiede ginn, fir dës Reegelung kënnen anzehalen.

De Secteur kritt dann emol fir den Ufank eng gewëssen Unzuel un Tester vun der Regierung gestallt. Wann dës awer bis opgebraucht sinn, wie kënn da fir d'Käschte vun dësen Tester, zu där d'Regierung si jo verflucht, op? Fir e Schnelltest bezitt een 30 bis 35 Euro. Da gëtt et eng deier Pizza oder en deiere Kaffi, wann een dësen net kann oder net wëllt op der Terrass drénken.

Et wär dann net fair, wann den Horeca-Secteur alt nees benodelegt géif an zousätzlech Käschtchen iwwerhuele misst, wat sech kloer op d'Rechnung vum Dagesgeschäft auswirkt. Wann d'Clienten dann d'Tester selwer musse bezuelen, féiert dëst zu Ongerechtegkeete géigeniwwer sozial schwach opgestallte Persounen, an dem Horeca-Secteur bleiwen dës Clienten emol ganz sécher aus.

Der Madamm Gesondheetsministesch hirer Ausso no ass d'Regierung der Meinung, datt d'Schnelltester zu enger Gewunnecht sollte ginn an datt eis dës Tester hëllefen, fir aus der Kris erauszekommen. A wann de Schnelltest agesat gëtt, da soll d'Regierung och op d'Acteure lauschteren.

De Syndikat vun de Lëtzebuerger Apdikter huet zum Beispill d'Fuerderung un d'Regierung, fir bei den zertifizierten Tester eng Gültgkeet vun 48 Stonne festzeleeën. Et huet nämlech de Virdeel, fir um Samschdeg en Test ze maachen, deen och nach sonndes gültg bleift.

Mir als ADR sinn awer net averstane mat der Regierung hirer Approche. Och ënnert dem Aspekt vun der Rechtsstaatlechkeet an dem Schutz vun de Perséinlechkeetsrechter ass dëst net ze verrieden.

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

Mat esou Obligatiounen a Moossname ginn de Patron an de Salarié zu engem staatlechen Agent, beoptraagt, fir de Bierger ze kontrolléieren, a kréien domat Zougang zu perséinlechen, medezinneschen Informatiounen, op déi se da reagéiere mussen. Fir d'ADR kann dat net dee richtege Wee sinn.

D'ADR seet kloer Neen zum obligatoreschen Test am Horeca-Secteur. Mir hätten déi Testpflicht ewechge-looss. Dëst ass och esou komplizéiert an onduerch-siichteg. Mir hunn an der Commissioun Stonnen iwwert dës Thematik kontrovers diskutéiert. A wéi sollen d'Leit dobausse sech an dësem Labyrinth erëmfannen? Dat wäerten nach vill Diskussiounen dobausse ginn.

A speziell déi méi kleng Restaurante wäerte sech net kënnen un dës Reegelung halen. Hei stellt sech d'Fro vun der Infrastruktur a vum Personal. An do derbäi hunn d'Leit aus dem Beruffsliewen, wat jo hir Clientë sinn, mëttes net all Zäit vun der Welt, wa se e Plat du jour wëllen iessen. An ech mengen, och am anere Fall muss jiddweree geschwënn, jee nodeem, wou en iesse geet, all zweeten, drëtten Dag en Test maachen. Och aner Beruffer hu jo net déi Zäit, fir sech all zweeten, drëtten Dag engem Test ze ënnerzéien.

Mir sinn awer selbstverständlech dermat averstane, wann d'Personal d'Méiglechkeet kritt, sech

reegelméisseg ze testen, wann d'Personal dat wëllt. D'Fräiwëllegkeet muss respektéiert ginn.

Da stellt sech nach d'Fro: Am Fall, wou e Gastronomiebetrib sech net kann un dës nei gesetzlech Bestëmmungen halen, huet en da weider Urecht op déi finanziell Hëllefen?

Nach ee Wuert zu de Schnelltester: Hei hat ech schonns den 18. Mäerz hei gefrot, datt misst un enger Prozedur geschafft ginn, wéi déi zum Asaz komme respektiv gehandhaabt ginn. Hätte mer esou eng Reegelung gehat, dann hätte mer elo net an engem Hauruckverfahren dëst missen iwwert de Knéi brieden.

Och an der Education stelle mer den Notze vun de Schnelltester staark a Fro. Zanter der Rentrée no der Ouschtervakanz mussen d'Schoukanner sech am Alldag engem Covidschnelltest ënnerwerfen. Vu datt déi Tester jo bekannterweis deels onzouverlësseg sinn an Zäit kaschten, hu si doriwwer eraus besonnesch Kanner mat engem falsche positive Resultat enger enormer psychologescher Belaaschtung ausgesat. E positiven Test bedeit fir de betraffene Schüler, fir seng Elteren, fir d'Léierpersonal an och fir d'Direktioun vum Gebai ëmmer eng zäitlech a psychologesche Zousazbelaaschtung.

D'Kanner gi kuerzfristeg am Fall vun engem positiven Test aus hirem Ëmfeld gerappt, d'Eltere mussen hir Aarbechtsplaz méiglecherweis kuerzfristeg verloossen an et ka kee soen, wéi schwéier de Krankheitsverlaf wäert ausfalen. Hei hu mer eng parlamentaresch Fro gestallt, wéi d'Regierung de Fait veräntwert, datt d'Leit an de Schoulen a besonnesch d'Kanner deem Stress elo nach potenziell duerch e falsche positiven Test kënnen ausgesat ginn. Hei kann ee sech froen, ob eng Ofwägung vum medezinneschen Nutzen an der psychescher Belaaschtung virgehoill ginn ass. Zousätzlech muss ee sech froen, ob d'Schnelltester iwwerhaupt géeeigent sinn, fir vu Kanner duerchgefouert ze ginn.

Ech kéim och nach gär op d'Problematik ze schwätzen, datt jee no Beräich ënnerschiedlech Reegele fir d'Covidtester gëllen. D'Gültgkeetsdauer vum Schnelltest gëtt fir Wettkampfsportler beispillswee anescht bewäert wéi fir Restaurantsgäschtt. Och gëtt de Selbsttest fir den Horeca-Secteur unerkannt, mee gouf net fir de Sport virgesinn.

Alles an allem ass et eng eenzeg Usammlung vu Reegelen, déi inkohärent an onlogesch sinn. Esou huet d'CHFEP och ganz Recht, wa si nieft den Onkloerheeten a Problemer fir den Horeca-Secteur och déi widersprénglech Haltung vun der Regierung hannerfreet, déi si ënner anerem bei de Polizebeamten anhëlt.

D'Regierung ass net gewëllt, de Policebeamten d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech prioritär impfen ze loossen, wa si dat wëllen. Op där anerer Säit wäicht d'Regierung bei der Policeschoul vun den allgemenge Moossnamen awer of. Esou sollen dës Reegelunge bei sportlechen Aktivitéiten am Kader vun der polizeilecher Grondausbildung a fir déi vun der Policeschoul ugebuede Weiterbildung net beuecht ginn. D'Policeschüler an der Ausbildung mussen en negativen Test virweise kënnen, fir un den Übunge vun der Policeschoul deelzehuelen. Hei gëllt d'Fräiwëllegkeet also net!

Emol dovunner ofgesinn, datt déi Tester an eisen Ae keng Obligatioun därfe sinn, wat geschitt, wann e Policestagiaire sech net wëllt teste loossen? Däerf dee seng Ausbildung dann net maachen?

E weidere Punkt, dee fir d'ADR vun Ufank un net akzeptabel an net ze rechtfertige war, ass d'Ausgangsspär. Wat d'Ausgangsspär ugeet, déi mir ofschafe wëllen, déi awer am Gesetzestext bäibehale gëtt, an elo vun Hallefnuecht bis moies fréi gëllt, do bleiwe mir derbäi, datt de Couvre-feu en Agrëff an eis Beweegungsfräiheet duerstellt an domadder en elementaart Grondrecht vun eiser Verfassung verletz.

Dovun emol ofgesinn, kënn et ëmmer erëm vir, datt e Member vun der Famill oder Frënn kuerzfristeg Bästend brauchen. Wat mécht een, wann een engem Hëllef wëllt an net virum Ufank vun der Ausgangsspär doheem ass? Oder wann déi Hëllefstellung geschitt während der Ausgangsspär? D'berodend Mënscherechtskommissioun ass ganz op eiser Linn, wa si an hirem Avis den Ofbau vu Restriktiounen begrüsst, awer kritiséiert, datt et sech ëmmer nach ëm e staarken Agrëff an déi individuell Fräiheeten an d'Mënscherechter handelt, deen dozou och nach net genuch begrënnt ass.

Grad wéi d'ADR schwätzt si sech och géint d'Ausgangsspär aus a weist drop hin, datt dës besonnesch op Mënschen an Noutsituatiounen negativ Auswierkungen huet.

Dann nach e Wuert zum Alkoholverbuet am öffentliche Raum. Grad bei deenen neie Reegelungen, de klammenden Zuele vu Geimpften a vun de falenden Zuele vu positiv Getesten, mécht dës Verbuet eiser Meinung no kee Sënn a misst opgehewe ginn. Schlussendlech ass dat jo och en Agrëff an déi perséinlech Fräiheeten. Natierlech muss dat geschéien ënnert dem Respekt vun de sanitäre Reegelen.

D'Regierung vermëttelt ëmmer nees, datt hir Entscheedung an hir Moossname Friichten droen, sech positiv op d'Covidzuelen auswirken an erfolgeräich sinn. Mir gesinn en Hin an Hier a vill widder-sprénglech an onlogesch Moossnamen. Iwwerzeegend ass dat net! Doriwwer eraus kritt een ëmmer méi d'Gefill, datt ee sech un esou abstrus Virschreften op Dauer och nach gewinne soll.

Mir als ADR bleiwen derbäi, datt d'Restriktiounen ze wäit ginn an datt d'Aschränkunge vun de Grondrechter mussen opgehewe ginn.

Mir ënnerstëtzen als ADR déi fräiwëlleg Impfung géint de Covid a freeën eis, datt déi Impfungen elo méi séier virugi wéi am Ufank. Mir verlaangen awer och eng komplett Transparenz am Beräich vun den Niewewierkungen. Eist Zil ass a bleift, fir dat normalt Liewen hei am Land nees hierzustellen, soubal dat sanitär méiglech ass.

Mir därferen eis net un den Ausnamezoustand gewinnen. D'Leit ginn déi Restriktiounen ëmmer méi midd an eis Gesellschaft an eis Ekonomie hunn enorm gelidden. Zum normale Liewe gehéiert och de Sport inklusiv de Mannschaftssport an och weider Erliichterunge fir d'Museks- a kulturell Veräiner. Dorobber wëll ech awer elo net agoen, soss leeft meng Zäit mer fort.

Mir erënneren och drun, datt eiser Iwwerzeegung no all d'Hëllef u Betriber mussen esou laang ausbezueelt ginn, wéi de Staat de Betrib drun hënnert, fir ënner normale Konditiounen ze schaffen an ze fonctionéieren.

Här President, mir als ADR bleiwen der Linn trei, déi mer vun Ufank un haten. Mir si géint d'Aschränkunge vu Grondrechter a bleiwen dowéinst bei eise Neen zu dësem Covidgesetz. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Villmools merci, Här Engelen.

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- O!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Guer kee Problem. An als nächsten ageschriwwene Riedner ass et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. Ech hunn am Géigesaz zu all menge Virriedner e ganz grouse Privileeg. Et ass nämlech deen, datt ech dës Kéier fir d'lescht iwwert d'Covidgesetz schwätze muss. Ech fäerten, datt dat e Privileeg ass, deen net vu jiddwerengem heibanne ka gedeelt ginn, net nëmmen, well ee 14-, 15-, 16-mol iwwer awer en änlechen Text schwätzt, deen ufänkt, sech selwer ze widderhuelen a manner originell ze ginn, mee well och déi Kriticken, déi een dann äussert, och riskéieren, sech ze widderhuelen.

Ech wéilt awer ufänke mat engem Merci, net onbedéngt un de Rapport, well wann een dem Rapport Merci seet fir säin exzellente Rapport, da mengt een eigentlech d'Chambersverwaltung. An der Chambersverwaltung, mengen ech, gehéiert och an deenen allerallermeeschte Fäll dee grouse Merci zougeschwat.

Ech wéilt awer vill méi dem President vun der Santéskommissioun Merci soe fir déi Aart a Weis, wéi en an deene leschte 15 Méint dës Commissioun geleet huet a wéi en et fäerdegbruecht huet, opgrond vun oder trotz deene wierklech divergente Point-de-vuen, déi mer op ville Froen haten, d'Diskussioun ze leeden a se esou ze leeden, datt et éierbar war an datt och d'Opposition d'Méiglechkeet hat, zumindest eenzel Punkten och, bei deene se net averstane war, kënnen anzebréngen. An ech mengen, wann dat net déi Persoun gewiescht wier, datt der Regierung nach esou munch Texter ëm d'Ouere geflu wieren.

Madamm Presidentin, mir hunn hei en Text, dee lichter Ouverturen a verschiddene Beräicher proposéiert opgrond vun enger Situatioun, déi sech effektiv lichter verbessert huet an deene leschte Wochen.

Op där enger Säit hu mer Neiinfektiounen, déi konstant weider erofginn, déi mat Ausnam vun e puer Deeg am Januar esou niddreg si wéi zënter dem Enn vum Summer net méi. Mir hu Resultater vum Ofwaasser, déi éischter positiv sinn. D'Situatioun an de Spideeler ass zwar nach ëmmer ugepaant, och grad doduerjer, datt méi Jonker elo am Spidol si respektiv eng Intensivbehandlung brauchen, mee mer sinn awer och an de Spideeler an enger Situatioun, déi zumindest nach gerabel ass. A virun allem komme mer awer bei engem leschten a wichtige Punkt gutt virun, nämlech beim Impfen. 30 % vun der Populatioun hunn hir éischt Impfung kritt a ronn 12 %, dat heescht all aachte Mënsch hei zu Lëtzebuerg, huet eng komplett Impfung kritt. An dat, wat am Moment vun Zuele virläit fir déi nächst Wochen, léisst och drop schléissen, datt effektiv jiddereen hei zu Lëtzebuerg virun der grousser Vakanz kann zumindest eng éischt Impfung kréien.

A mer mierken och un den Zuelen, datt impfen hëlleft an impfe wirkt. Den Taux (veuillez lire: Den Taux d'infection) vun deene Leit iwwer 60, also déi, déi jo dann entweder eng komplett Impfung hunn oder awer schonn zënter längerer Zäit eng éischt

Impfung hunn, geet konstant zréck. An dat kann een deeglech quasi un de Rapporte vun der Santé mierken. An och duerfir, mengen ech, ass et wichteg, datt de Message weidergeet, datt déi Impfung wierklech ee vun den Haaptbestanddeeler vun der Sortie de crise ass.

Dat heescht, mir hunn eng Tendenz an dësem Gesetz vu liichten Ouverturen, a mir begrüssen dat. Dat muss ee soen. Mir begrüssen d'Ouverturen am Horeca-Beräich, Sport, Kultur. Mir begrüssen och d'Ouverturen am Privaten. De Couvre-feu ass net ofgeschaaft, e gëtt méi kuerz. Mee et kann ee soen, et ass eng Tendenz, déi no méi Oppenheet jäizt, an dat ass och richtig esou. An dee Prinzip begrüesse mer.

Mee wa mer dann awer an den Detail ginn, dann héiert een och vu Majoritéitsverrieder wéi dem Rapport, eng Kuelebootesch Froe géife sech stellen. Dat Wuert „Kuelebootesch“ hunn ech virdrun net kannt, dat ass mer nei. Ech ka mer awer ongeféier virstellen, wat domadder gemengt ass. D'Verriederin vun de Gréngen huet et „Hickhack“ genannt, an ech mengen, datt do och ee vun de gréisste Problemer bei dësem Text läit, nämlech datt nach ëmmer de Package vun deene verschiddene Mesuren, déi sollen aneneegräifen, net stëmmt, net kohärent ass, firwat mer dësen Text och net wäerte matstëmmen.

Dat heescht, dee Spagat tëschent d'grondleegend Fräiheetsrechter ze garantéieren oder esou mann wéi méiglech anzeschränken op där enger Säit an op där anerer Säit d'Grondrecht op Gesondheet, dee Spagat, menge mer, datt deen an deem Package, dee mer virleien hunn, nach ëmmer net gewarreescht ass op eng Aart a Weis, déi fir eis als Lénk zefriddestellend wier.

Duerfir wëll ech elo am Gesetz op virun allem zwee Punkten agoen; zwee Punkten, iwwert déi an deene leschten Deeg ganz vill geschwat, geschriwwen an och nogedeucht gouf; zwee Punkten, déi och, mengen ech, déi Haaptpunkte sinn an dem Avis vun der Mënscherechtskonventioun, dee schonn e puermol virdrun zu Recht zitéiert ginn ass.

Éischtens, d'Ouverturen am Horeca-Beräich, wou et vun zwee op véier Leit eropgeet dobaussen, wat relativ onproblematesch ass. A méi problematesch gëtt déi Reegelung, déi fonnt ginn ass fir véier Leit dobannen. Dat geet nämlech just ënner Konditiounen, nämlech entweder e PCR-Test, deen ee virweise muss, oder awer e Schnelltest a sengen zwou Formen, entweder een, deen een an der Apdik maache gelooss huet an deen engem zertifizéiert gëtt, oder eeben en Autotest, deen een en présence vum Wiert oder vum Salarié vum Wiert da virun oder an der Entrée vum Bistro oder Restaurant maache soll.

An ech soen et net gär, mee de Claude Wiseler huet mer virdu wierklech zum Deel aus dem Häerz geschwat, well effektiv deen Hickhack, dee mir haut an deene leschte Stonnen erlieft hunn, ech muss lech soen, ech ka mech net erënneren un eppes, wat comparabel gewiescht wier, an dëst awer am Mount 15 vun der Pandemie.

Haut de Moien hu mer en neie Règlement grand-ducal geschéckt kritt géint néng Auer. Doropshin hu mer da géint hallwer zwielef Recommandatiounen fir den Horeca-Beräich geschéckt kritt, déi mer eigentlech awer scho fir moies hätte solle kréien, versprach kruten. A kuerz virun der Sëtzung ass dann nach eng Kéier aus deem Règlement grand-ducal ee wichtegt Element erausgeholl ginn, soudatt déi Recommandatiounen, opgrond vun deenen den Horeca-Beräich dann elo iwwermuer soll opmaachen, eigentlech och caduc sinn an d'Tënt, de Pabeier net méi Wäert sinn, op deem se geschriwwen ginn sinn. À tel point, datt esouguer dee vu mir virdrun esou gelouefene Rapport Mars Di Bartolomeo a sengem Rapport Saache gesot huet, déi einfach net méi stëmmen. À tel point, datt deen alen Hues mat der erofgeloossener Box dostoung, een Ubléck, dee sécherlech net schéi war.

(Interruptions)

D'Fro stellt sech natierlech vun der Responsabilitéit, der Responsabilitéit, déi de jeeweilegen ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *rapporteur*.- Du has Punkte guttgemaach, mee déi hues de alleguer erëm verluer.

(Hilarité)

■ **M. Marc Baum** (déi Lénk).- D'Fro stellt sech vun der Responsabilitéit vum Wiert respektiv vum Salarié, well opgrond vun deenen Tester ..., respektiv wann een déi Tester net gemaach huet an et zerweiert een awer een am Restaurant oder am Bistro, riskéiert een eng zimlech hefteg Strof. Do si ganz vill Froen, déi, mengen ech, nach net gekläert sinn.

An d'Fro oder dat, wat ech schlëmm fannen, ass net, datt, wann een esou Mesuren ergräift, net bis an dat allerleschten Detail vu Vireran alles ka gekläert sinn. Mee dat, wat mech awer erféiert, ass, datt mer zënter dräi Méint driwwer schwätzen, datt mer eng Schnellteststrategie brauchen. A wann een déi Strategie dann huet, a menger Meinung no hätt een déi



virun engem, zwee Méint scho missen hunn, zumindest wëssen, wouhinner et geet, da muss ee kënnen iwwert d'Ëmsetzung schwätzen. Wéi setze mer dat ëm? An net Stonne respektiv Minutte virum Vott an der Chamber. Dat ass net seriö geschafft. Dat ass aus der Héft geschoss, wéi mer esou dacks an dëser Pandemie et scho vun dëser Regierung erlieft hunn. An dat ass a mengen Ae ganz einfach net seriö. An dee Virwurf, dee musst Der lech einfach gefale loosseen, well dat hu mer alleguer haut de Moien erlieft.

Ech erënneren drun, viru sechs Wochen - an esou vill zu aus der Héft schéissen - huet et nach geheescht, datt den Horeca-Beräich soll e Regëster féiere vun deene Leit, déi sech dann androe mussen. Och do hate mer schonn dee geschriwwenen Text doleien, 24, 48 Stonnen drop ass komplett drop verzicht ginn. Dat heescht, datt ass real erliefenen Hickhack ronderëm Ouverturen, mat deene mer am Prinzip averstane sinn a wou een awer feststellt, datt se finalement net duerchduecht sinn oder eréischt op den allerallerleschte Stëppel duerchduecht ginn.

Scho virun zwielef Méint hunn ech hei op der Tribün gesot, datt onofhängeg dovunner, wéi eng Mesuren ee wëllt ergräifen, d'Regierung elo scho mat der Chamber zesumme soll kucken, fir d'Mesuren ze benennen a se le moment venu, wa mer se brauchen, da kënnen aus dem Tirang ze huelen an ze applizéiere mat där gréisstméiglecher Rechtssécherheet. Ech bedauern, datt dat bis Stand haut net vun der Regierung gemaach ginn ass.

En zweete Punkt, iwwert deen och ganz vill geschwat ginn ass an dësem Gesetz, ass d'Verréckele vum Couvre-feu vun eelef op zwielef Auer. D'Mënscherechtskonventionen ..., an ech ginn net méi op deen Avis an, well do steet eigentlech alles dran, wat ee soe muss.

Wat mech awer wirklech an deene leschten Deeg nach eng Kéier erfieert huet, dat ass, wéi ech mech drun erënnert hunn, wéi de Premierminister virun dräi Wochen hei stoung an eis aus der Oxford-Etüd net zitiiert huet, mee paraphraséiert huet, dat wat verschidden däitsch Politiker och gemaach hunn, nämlech ënner anerem, datt de Couvre-feu méi effikass wier wéi Schoulschleissungen an hie wier géint Schoulschleissung an déi, déi de Couvre-feu a Fro stellen ..., quasi domadder suggeréiert, wéi wann déi da fir Schoulschleissunge wieren. Wat falsch ass.

Elo ass et awer esou, datt d'Auteure vun där Oxford-Etüd sech zu Wuert gemellt hunn a sech verwieren a verbidde géint déi politesch Interpretatioun, datt nämlech de Couvre-feu effikass wier. Dogéint wiere se sech! An ech fannen dat awer scho remarkabel, datt grad déi Etüd, wou d'Auteure sech elo géint déi politesch Interpretatioun wieren, hei nach ëmmer zitiiert gëtt.

Par contre gëtt et awer eng Etüd vun enger hessescher Universitéit vu Gießen, déi éischters vill méi no bei eis ass, mee déi dee grouse Virdeel huet, datt se Landkreiser, Dierfer, déi quasi niewentenee leien, matenee verglach huet. Déi eng haten de Couvre-feu, déi aner net. An déi kommen zur Konklusioun, datt den Impakt vum Couvre-feu nuets op d'Neiinfektione quasi null ass, op jidde Fall géint null tendéiert. Ech mengen, datt dat awer och eng wichteg Donnée ass, wann et ëm esou eppes Essentielles wéi Grondfräiheete geet.

En plus ass et esou, wann een de Couvre-feu méi kuerz mécht, wat och säi potenzielle sanitären Impakt manner grouss gëtt. Dat heescht, d'Absurditéit vum Couvre-feu gëtt méi grouss, wat een d'Zäit méi kleng mécht, op jidde Fall als sanitär Mesure.

An ech mengen nach ëmmer, datt dat eng vun deene fundamentale Grondfräiheeten ass, datt e Mënsch sech kann ouni Ugab vu Grënn fräi beweegen.

Dat, wat mech och schockéiert huet ronderëm dee Couvre-feu, ass, datt een d'Gefill net lassgëtt, grad-esou wéi bei enger anerer Measure, dem Alkoholverbuet am öffentleche Raum, datt et ganz wéineg ëm eng sanitär Measure geet, mee datt et ganz vill ëm Aussepolitik geet. A wa Grondrechter op eemol zum Negociationsspillball vun Aussepolitik ginn, da sténken d'Lompen, mengen ech, gewalteg!

Madamm Presidentin, meng Zäit leeft mer nach méi séier dovunner, wéi ech scho geduecht hunn, duerfir wëll ech just nach op dräi Aspekter awer vläicht kuerz agoen. Dat Éischt ass d'Impfen. Do hunn ech en Desaccord mam Claude Wiseler. Och dat gëtt et. Ech mengen nämlech net, datt opgrond vun der Impfung iergendeng Form vun ënnerschiedlecher Behandlung fir d'Leit därëf doraus entstoen. An do ënnerstëtzen ech d'Positioun, déi d'Regierung bis elo op jidde Fall nach ëmmer hat. An ech hoffen, datt se déi och bäibehält.

Et dierfe keng Privileegie vu kenger Natur fir déi Leit entstoen. Ech mengen ..., an ech soen dat als een, dee sech fräiwëlleg mat AstraZeneca och impfe gelooss huet, an ech mengen och, datt d'Impfe wichteg ass a wahrscheinlech deen effikassste Wee fir erauskommen. Ech mengen awer, datt d'Grondrechter, am Géigesaz zu deem, wat de Claude Wiseler gesot huet, d'Grondrechter applizéiere sech individuell, mee et si Kollektivrechter. Si sinn net deelbar.

Grondrechter si keng Grondrechter, wa se just fir eng Kategorie vu Leit sinn. Grondrechter gëlle fir all Mënsch.

An duerfir mengen ech, wa mer alleguer aus der Kris wëllen erauskommen, musse mer och déi selwecht Bedingunge fir alleguer d'Leit hunn an net Privileegien oder méi Rechter fir déi eng Zort vu Leit a manner Rechter fir déi aner. Ech mengen, datt dat net geet, besonnesch, besonnesch wann ee weess, datt mer nach ëmmer an enger Mangelsituatioun sinn. Mir hunn net genuch Impfstoff, fir d'Leit alleguer ze impfen! A wie géif ënner esou enger Situatioun am meeschte benodeelegt ginn? Dat wieren déi, déi bis elo am meeschte verzicht hunn, nämlech déi Jonk, déi als Allerlescht drukomme beim Impfen, woubäi souguer ënnert deenen ënner 16-Järee bis elo och nach net 100%eg gekläert ass, ob se wäerten drukommen, op jidde Fall zu enger rasonabler Zäit wäerten drukommen.

An ech mengen, si sinn déi, déi am meeschte verzicht hunn. Ech weess net, wéi et lech gaangen ass, mee déi Zäit, wéi ech 17 war bis 22, dat ware meng flottste Joren. Do hunn ech déi flottste Saachen erlieft, mënschlech Erfarunge gemaach vun aller Zort, libidinéis Erfarungen, déi wonnerbar waren. An alles dat ..., dorobber hu Jonker misse verzichten. An dat, mengen ech, verdéngt och eise grouse Respekt. A mir sollen net dividéieren tëscht Leit, déi geimpft sinn, a Leit, déi net geimpft sinn, respektiv Leit, déi sech nach net hu kënnen impfen.

Madamm Presidentin, ech hunn nach dräi Säiten Text, ech maachen dat awer net. Et wier nämlech e bëssen e Versuch gewiescht, en Ausbléck ze maachen op déi nächst Méint, an e Versuch vun engem Réckbléck op déi lescht 15 Méint. An Der aant et schonn, dat géif wahrscheinlech méi laang daueren, duerfir wëll ech zum Schluss vläicht just ee Gedanken nach developpéieren.

Mir wäerten dee Coronavirus net lassginn. Dorunner gleewen ech net. Bon, d'Wourecht wäert eis herno an een, zwee Joren weisen, ob ech Recht hunn oder net. Mir wäerte mat em liewe mussen. Et wäerten och an Zukunft warscheinlech nach Leit um Coronavirus och zu Lëtzebuerg stierwen. An ech mengen, datt mer eis ganz gutt, d'Chamber sech ganz gutt iwwerleeë soll, wéi mer eng strukturéiert Sortie kréien aus all deene Coronamesuren, wëssend, datt de Virus net verschwanne wäert.

Déi Geste-barriären, un déi mer eis halen an och hale sollen an déi wichteg sinn, och déi musse mer iergendwann eng Kéier kënnen opginn. Dat gëtt e ganz, ganz schwéieren Exercice, deen net evident ass, dee fir kee Mënsch, mengen ech, wäert evident sinn, fir keng Regierung an och fir kee Parlament.

Ech mengen awer, datt mer dat mussen denken. An ech géif wirklech d'Chamber invitéieren, an deenen nächste Wochen a Méint sech genau doriwwer Gedanken ze maachen, well dat ass d'Grundlag derfir, datt mer erëm eng Kéier kënnen zu enger gewëssener Normalitéit zrëckkommen.

Merci.

■ **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Très bien!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Här Baum, erlaabt mer, lech haut e besonnesche Merci ze soe fir dës Ried. A mir hu ganz gären déi puer Minutte méi laang nogelauschtert. Merci fir Äre leschte Message a merci fir déi engagéiert Rieden hei zu deene leschte Covidgesetzter.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Als nächsten ageschriwwene Riedner - en ass scho prett - ass et um honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, ech ginn lech d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt e grouse Merci un de Rapporteur, de Mars Di Bartolomeo, an natierlech, esou wéi de Marc Baum dat virdu gesot huet, och un d'Chamberpersonal, wat de Mars Di Bartolomeo dobäi ënnerstëtzt huet fir dee Rapport, dee wirklech mat waarmor Nol gestréckt guff, well nach de Moien déi lescht Ännerungen awer dru virgeholl goufen. An do si mer dann och schonn dobäi.

D'epidemiologesch Situatioun verbessert sech an d'Mënsche sollen eng Rei Fräiheeten zrëckkréien. Eng éischt Measure, déi eis ganz besonnesch freet, ass d'Eropsetze vun der maximaler Liwuel vun de Persounen, déi sech am Privaten dierfen treffen. Net méi zwou, mee véier Persoune kënnen invitéiert ginn. A falls et een eenzege Menage ass, deen op Besuch kennt, och emol méi. Dat war e wichtige Schrétt. Mir soten et schliisslech hei och schonn e puermol: D'Limitatioun, déi bis elo gegollt huet an et de Leit just erlaabt huet, maximal zwou Persoune bei sech ze empfänken, dat war eng Limitatioun, déi virun allem d'Famillje mat klenge Kanner disproportional getraff huet.

Duerfir begréisste mer elo, datt déi nei Reegel d'Kompositioun vun den Haushalter berücksichtegt,

esou datt Familljen oder Frënn, déi zesumme liewen an dowéinst dann och sech zesumme wëlle gesinn, kënnen eng gemeinsam Visitt maachen, och wa se zu méi wéi véier sinn.

Mir freeën eis och, datt et Lackerunge fir d'Rassemblementer gëtt an d'Leit esou d'Méiglechkeet kréien, nees u méi groussen Evenementer deelzehuelen, wann et dann ee vun der Santé akzeptéierte Protocole sanitaire gëtt. Esou wéi et jo och scho fir d'Grande-surfaces obligatoresch war, mussen dann elo d'Organisateure vu gröisseren Evenementer sech e kloert Konzept iwwerleeën, wéi si d'Sécherheet vun de Visiteuren oder de Clientë wëlle garantéieren. An d'Santé iwwerpréift dann, ob dëse Konzept esou fonctionéiere kann an ob en adequat ass. Dat ass an eisen Aen en exzellente System.

An duerfir hate mer jo och eng Proposition de loi agereecht, déi virgesinn hätt, dee selwechte System fir d'Altersheemer ze etabléieren, fir esou ze garantéieren, datt grad déi Vulnerabelst aus de Strukturen an dëser Pandemie esou gutt wéi méiglech geschützt sinn. Leider war d'Familljeministesch an domat och d'Majoritéit net bereet, dës Proposition zäitno am Covidgesetz ënnerzebréngen, huet awer glécklecherweis, dat muss een da luewend erwänen, zougestëmmt, eng entspreechend Dispositioun am kommende Gesetz iwwert d'Assistance et soins am Beräich vum Drëtten Alter anzebauen.

Dat freet eis natierlech. Mee wann ee sech ukuckt, wéi laang dat Gesetz wuel nach brauchen wäert, bis et da gestëmmt ka ginn, bis et a Kraaft triede kann, muss ee sech froen, firwat an dëser Pandemie Jonker, déi e Concert besichen, oder Clienten aus enger Shoppingmall duerch vun der Santé aviséiert Hygiënesprotokoller geschützt ginn, während bei de Strukture fir eeler Leit keng esou Mesuré geholl ginn an domadder d'Prestatairë mat der Verantwortung e bëssen eleng gelooss ginn.

E Bedreiwier vun engem Akafszenter huet nämlech d'Gewëssheet, datt en, wann en alles esou mécht, wéi et am Protokoll festgehal war, alles gemaach huet, wat a senger Muecht stoung, fir esou seng Clienten ze schützen. En Direkter vun engem Altersheem kritt dës Sécherheet net.

Hei fäert d'Politik warscheinlech, sech d'Fangeren ze verbrennen, an aviséiert duerfir einfach keng Prozeduren. Wann dann eppes schifgeet, kann d'Regierung ëmmer nach d'Schold op den Terrain ofdrécken. Datt et awer d'Regierung war, déi duerch feelend Obligatiounen d'Haiser am Stach gelooss huet, soll dann am beschte vergiess ginn. Dat ass eng Politik, déi sech an éischer Linn un eegenen Interessen orientéiert an net um Wuel vun de vulnerabele Leit.

D'Regierung reegelt duerfir wuel léiwer déi Beräicher, déi net esou komplizéiert sinn, an deenen d'Leit net esou vulnerabel sinn, mee déi duerfir dann awer ganz, ganz am Detail.

D'Altersheemer kënnen kucken, datt se eleng eens ginn, mee ob zwee Jonker op enger Bänk en alkoholescht Gedränk konsuméieren dierfen, dat muss gesetzlech gereegelt sinn. Obwuel et op den Terrassen elo erlaabt ass, sech zu véier aus véier verschiddene Stéit ze treffen an Alkohol ze drénken ouni Schnelltester, ass dat selwecht fir zwou Persounen, déi d'Suen net hunn, fir sech de Luxus vun enger Terrass ze leeschten, weiderhin am öffentleche Raum verbueden.

Allgemeng muss ee sech bei där neier Teststrategie, déi fir d'Restaurante virgesinn ass, froen, wéi et da mat der sozialer Gerechtegkeet ausgesäit. Jo, et wäerten eng Rei gratis Tester verdeelt ginn. Mee ab wéini a wéi laang?

De 16. Mee trëtt dat heite Gesetz wuel a Kraaft, mee bis dohinner wäerten net all d'Betribier hir Liwwerungen an Tester erhalen hunn. D'Restauranten an d'Cafëe wäerten also elo direkt och Tester musse selwer finanzéieren oder hire Clienten a Rechnung stellen, déi dann awer vläicht net wëlle kommen. An dann, ab engem gewëssene Moment, wäerten déi gratis Tester jo och opgebraucht sinn - dat hu schonn e puer vun de Virriedner gesot -, well de Staat wäert sech et net leeschte kënnen, dës éiweg weider ze finanzéieren. A wat ass dann?

Et ass gewosst, datt dës Pandemie an domat de Virus mat all senge Varianten eis warscheinlech nach laang, vill ze laang begleede wäert. An duerfir musse Weeër fonnt ginn, fir den Zougang zu de Selbsttester sozial gerecht ze gestalten. De virleienden Text seet zu dësem Punkt awer leider nääscht.

E Besuch an engem Restaurant ass e Luxus, dee vill Leit sech nëmmen ee- bis zweemol am Mount oder leider och guer net leeschte kënnen. Ech sot et schonns a vergaangene Covidrieden: Fir vill ze vill Mënsche war de Besuch am Kino oder am Restaurant net eréischt säit de Covidrestriktiounen onméiglech. Wa mer eis also elo freeën, datt d'Mënsche gewësse Fräiheeten zrëckkréien, da musse mer eis awer bewosst sinn, datt virun allem déi Leit Fräiheete gewannen, déi sech et och finanziell leeschte kënnen, genau dës Fräiheeten auszeliewen. Duerfir ass et wichteg, e Wee ze fannen, d'Selbsttester sozial gerecht ze verdeelen, fir och

deenen, déi manner Suen hunn, en Zougang ze erméiglechen. Déi zertifizéiert Tester, déi zum Beispill vun den Apdikter kënnen gemaach ginn a 24 Stonne gültig sinn, si méi deier wéi Selbsttester, déi een eleng mécht.

An duerfir sollt een doriwwer nodenken, ob déi Tester, déi zum Beispill an de Restaurante gemaach ginn, net och änlech wéi am Ausland kéinte fir eng gewëssen Dauer zertifizéiert ginn. Esou géif ee verhënnern, datt Persounen innerhalb vun engem Dag méi wéi ee Schnelltest bezuele mussen, a gläichzäiteg kéint ee Ressourcë schounen a Müll verhënnern.

Et dierf ee schliisslech net vergiessen, wéi vill zousätzlechen Dreck dës Pandemie verursaacht: reegelméisseg Maske wiesselen, elo Schnelltester, déi ganz Desinfektionsmëttelen. Bref, et ass fir eis Sécherheet, mee dat heescht net, datt mer net sollte Müll esou gutt et geet verhënnern a ressourcëschounend mat eisem Planéit ëmgoen.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

An ech fannen et gutt - och wann ech et schued fannen, wéi et gemaach gouf -, datt mer beim Testing an iwwert d'Zertifikatiounen vun den Tester, datt dat nach en oppenen Debat ass. Mee et ass awer dach e bësse kokass, hei an der Chamber ze stoen, wou en neit Gesetz soll gestëmmt ginn, wou Dispositiounen sollen drastoen, déi solle kloer sinn, déi solle kënnen um Terrain applikabel sinn ab deem Moment, wou d'Gesetz gestëmmt ass, a souguer Riedner vun de Majoritéitsparteien heihikommen a soen: „Et bliewen nach Froen op.“

Mee dat erënnert mech e bëssen un déi Situatioun an Amerika, wéi jiddweree sech iwwert d'Amerikaner lëschtteg gemaach huet, well se an hirem Haushaltsgesetz d'lescht Joer nach a leschter Minutt mam Bläistëft a mam Bic Notizen an d'Ränner gekritzelt hunn, fir dat nach séier an de Gesetzter ënnerzebréngen. E bëssen esou hunn ech mech de Moie gefillt, wéi ech dunn nach eng Kéier nei Texter geschéckt krut.

Gesetzter musse kloer sinn. Se dierfen net ze vill Interpretatiounsraum loosseen, well wann et ze vill Interpretatiounsraum gëtt, da gi se ongläich applizéiert. An e Gesetz soll kloer sinn, fir datt et gläichméisseg applizéiert ka ginn.

En anere Problem, dee sech bei den Tester awer stellt, ass deen, wéi a vu wem an de Restaurante soll getest ginn. Well ee vum Personal den Test soll iwwerwaachen a begleeden, stelle sech fir d'Restauranten a Cafëen eng Rei Froen. Léisst de Personalschlüssel et zou, e Mataarbechter am Service manner ze hunn, fir Tester ze assuréieren? Muss vläicht en zousätzlechen Employé duerfir bezuelt ginn? A falls jo, sinn d'Suen do? A léisst sech iwwerhaupt Personal fannen? A wéi kann den Employé während dem Iwwerwaache vun den Tester protegéiert ginn?

U sech wësse mer jo alleguerten, datt bei Tester Aerosolle fräigesat ginn. An déi geteste Persoune kënnen forcement kee Mask unhu während dem Test. D'Testsituatioun ass domat eng Situatioun mat engem potenziell héijen Infektionsrisiko, souguer wann d'Persounen den Test selwer duerchféieren, an dat virun allem fir déi Persoun, déi den Test iwwerwaacht, mee eventuell och fir déi Persounen, déi sech duerno testen, wann de Raum net richtig gebotzt gouf an dee virdu sech vläicht während dem Teste mat den Hänn an d'Gesicht gaangen ass an duerno Objeten oder Surfacen ugepaakt huet. Mir wësse jo awer, datt et hei ëm wirklech kritisches Hygiënesreegele geet.

Warscheinlech huet kee Restaurant e Personalschlüssel, deen et erlaabt, einfach een Employé de ganzen Owend oder Mëtteg just fir d'Iwwerwaache vun Tester a fir d'Botzen op d'Säit ze stellen.

Déi nei Hygiënesmesurë kënnen also zu enger zousätzlecher finanzieller Belaaschtung fir d'Restaurateure ginn, déi vun der aktueller Pandemie an den domat verbonnene Restriktiounen jo souwisou scho staark a Matleedeschaft gezu goufen.

Ech ënnerstëtzen duerfir voll a ganz, datt entscheet gouf, gläichzäiteg zum Covidgesetz och d'Dispositiounen iwwert d'Aidë fir d'Entreprises unzepasen. Et felt bei de Betreffene schliisslech un all Eck. An do ass finanziell Ënnerstëtzung immens wichteg. Mee d'Reouverture vum Horeca dierf och iwwert de Mount Mee eraus net mat engem Ewechfale vun den Aiden anhiergoen. Datt d'Dieren erëm op sinn, heescht nämlech net, datt den normale Betrib nees méiglech ass.

Et sinn ëmmer nach vill Betribier am Homeoffice, wat sech grad bei de Restauranten an de Stied bemierkbar mécht. An déi nei sanitär Reegele sinn, wéi gesot, mat zousätzleche Käschte verbonnen. An da kennt derbäi, an dat hunn de Moie Verrieder aus dem Horeca-Secteur jo och nach eng Kéier gesot, datt zum Beispill verschidden Avantagen, déi u sech dem Horeca sollen zegutt kommen, wéi Chèque-repasen, hautdesdaags leider net ëmmer do ukommen, wou se geduecht sinn, mee datt u sech e Steieravantage, deen explizitt sollt dem Horeca zegutt



kommen, mëttlerweil och nach Tankstellen, Super-marchéen an anere Betriber zegutt kënn, déi während där ganzer Kris konnten opbleiwen.

Dat heescht, hei misst ee vläicht nach eng Kéier e Rappel maachen, an dat dann och duerchsetzen, well et ass grad elo, wou eisen Horeca all Cent vun hire Clientë brauch.

A wann ech virdu gesot hunn, mir missten e Wee fannen, d'Käschte vun den Tester sozial gerecht ze verdeelen, dann hunn ech domat natierlech och gemengt, datt et net dierf sinn, datt d'Betriber aus dem Horeca duerno eleng d'Käschte mussen droen. Mir mussen oppassen, datt d'Reouverturen net just zugonschte vun deene sinn, deenen et bis elo scho souwisou am beschte gOUNg. Et däréf net sinn, datt just déi Glécklech, déi trotz der Kris genuch Suen hunn, fir op den Terrassen d'Sonn an an de Restauranten e gutt lessen ze genéissen, elo eng Verbesserung vun hirer Liewenssituatioun erliewen, während déi, déi de Rimm vu Mount zu Mount méi enk hu misse schnallen, net profitéiere kënnen oder finanziell souguer nach méi belaascht ginn, well se elo och nach d'Tester musse bezuelen.

Mir brauchen eng sozial gerecht Sortie aus de Restriktiounen. Mee déi gesinn ech an dësem Text leider net.

Ganz am Contraire gesinn ech en Text, deen de Bessergestallten et erlaabt, schéi Momenter ze genéissen, während en deene Mënschen, déi am mannsten hunn, d'Liewe weider schwéiermécht. E Grond heifir, deen ech mer bis elo opgespuert hunn, fir de ganze Rescht vu menger Riedezäit dann dorops ze verwenden ze kënnen, ass d'Ausgangsspär.

D'Ausgangsspär gëtt Schrëtt fir Schrëtt no hanne verréckelt, soudatt mëttlerweil jo kee méi gleewe kann, datt se nach eng Wierkung op d'epidemiologesch Situatioun huet. An awer gëtt se einfach net ofgeschafft.

D'Ausgangsspär erënnert mech e bëssen esou un en Zombie. Kee wëllt se, kee fënnst se sympathesch, d'Wierkung dovun ass méi wéi doutéis. D'Wëssenschaft seet: „U sech brauche mer se net.“ Respektiv: „Mir kënnen net beweisen, datt se eppes bréngt.“ Mee se wëllt net stierwen. Weider a weider gëtt dës Ausgangsspär verlängert, et gëtt e bëssen dru gefréckelt, mee um Enn vum Dag ginn domadder eis alleguerten d'Grondrechter beschnidden!

Dobäi mécht se grad deene Schwächsten an der Gesellschaft d'Liewe schwéier, deenen, déi kee fest Doheem hunn, deenen, déi Gewaltsituatiounen erliewe während der Nuecht a sech net trauen, Hëllef ze sichen, an och deenen, déi a prekäre Secteure schaffen. D'Ausgangsspär ass eng esou déifgräifend Grondrechtsaschränkung, datt se nëmmen an absoluten Ausnamen dierft zum Asaz kommen an opgehuewe misst ginn, soubal et méiglech ass.

Eng Ausgangsspär oprechtzeerhalen an Zäiten, an deene gläichzäiteg de ganze Commerce an d'Restauratioun nees opginn an och Evenementer nees mat bis zu 1.000 Persounen erlaabt sinn, ass e Schlag an d'Gesicht fir all déi, déi all Dag ënner hir leiden.

Dësen Text erlaabt méi Fräiheeten do, wou se enger Spaassgesellschaft nützlich sinn, a limitéiert gläichzäiteg fundamental Grondrechter, déi fir eng demokratesch Gesellschaft eigentlech essentiell sollte sinn, an dat mat engem Verweis op eng wëssenschaftlech Basis, déi d'Spuer net hält. Während déi Liberal an Däitschland weinst der Ausgangsspär op d'Gericht ginn, fir se ze verhënneren, halen eis Liberal un dëser Grondrechtsverletzung fest. Dat ass alles anescht wéi liberal. Dat kënnen mir Piraten net akzeptéieren an duerfir wäerte mir dësse Projet haut selbstverständlech och net matstëmmen.

Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, méi wéi ee Joer Pandemie strapaziéiert och déi Robust an déi Gedëlleg. An déi eng sinn e bësse méi robust an déi aner sinn e bësse méi gedëlleg, mee awer hu mer es alleguerte genuch mat deem Virus. A mir wëssen awer, dass et nach wäert virugoen an dass d'Impfung am Fong de Schlëssel an d'Normalitéit ass, dass, wa mer bis alleguerte geimpft sinn, mer dann eng Chance hunn, erëm en normaalt Liewen ze féieren. Wat mer awer net wëssen, dat ass, ob de Virus net weider mutéiert an ob net no där éischter respektiv och nach dem Rappel, där zweeter, nach weider Impfung musse kommen, well de Virus mutéiert.

Schonns laang waarde mir op Lackerungen. Schonns laang waarde mir erëm op eis Fräiheeten. Ech wëll awer a menger kuerzer Interventioun virun allem op een Artikel agoen, iwwert deen haut de Mëtteg weider kee sech geäussert huet, an dat ass den Artikel 10 vun dësem Gesetz, wou et drëm geet: Wat geschitt mat de Betribshëllefen?

Bis elo war et ëmmer üblech, dass mer e Projet hatten an der Santé an dass en anere Projet komm ass iwwert d'Classes moyennes, wou dann ënnert dem Virsëtz vun der Madamm Beissel d'Classe-moyennes-Kommissioun sech domadder beschäftegt huet. Dës Kéier gëtt eng Verlängerung an eng Ännerung vu verschidde Mesuren am Artikel 10 vun dësem Gesetz mat gereegelt. A wéi mäi Kolleeg, de Claude Wiseler, drop opmierksam gemaach huet, hu mir e Problem mat deem Gesetz. Ech wëll awer soen, dass mer kee Problem hu mam Artikel 10. An duerfir géif ech gären den Här President, esou wéi d'Verfassung et virgesäit am Artikel 65 (2) an och d'Reglement vun der Chamber am Artikel 48, bieten, e Vote séparé ze maache fir den Artikel 10. Wannechgelift, Här President.

(*M. Marc Spautz dépose une demande de vote séparé sur l'article 10 du projet de loi 7820.*)

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Well do d'CSV där Meinung ass, dass déi Hëllef fir d'Betriber musse kommen, och wann ee sech nach vill aner Hëllef ka virstellen. Mee et ass awer elo e falsche Moment, fir déi Hëllefen ze stoppen.

Wa mer vun de Betribshëllef schwätzen, da musse mer och vun der Situatioun allgemeng schwätzen. Net méi spéit wéi haut de Moien hu mer alleguerten, déi déi gréissten Dageszeitung vum Land hunn, och d'Chambersblietchen oder d'Chambersblatt matverdeelt kritt. Do dran ass et ëm d'Debatten an der Chamber de 15. Oktober 2020 gaangen. De 15. Oktober 2020, dat war bei der Rentrée. Do ass driwwer geschwat ginn, „Débat de la nation“ (veuillez lire: Débat sur la politique générale sur l'état de la nation) huet dat geheescht. Do ass och geschwat ginn iwwert d'Hëllef fir d'Betriber. Et ass geschwat ginn iwwert d'Situatioun, déi mer hei am Land hunn opgrond vun deene Restriktiounen, déi dee Moment virlouchen.

An ech géif verschiddene Leit heibannen uroden, emol eng Kéier ze liesen, wat se deemools gesot hunn, a wéi dann op eemol souwuel hir Aussoe wéi och d'Iddien, déi hannendru stoungen, déi eng oder déi aner Iddie sech entwéckelt hunn. Do ass rieds gaange vun enger Steuerreform, déi séier misst kommen. Ech hunn elo dës Deeg aner Saachen héieren, mee säitdem si schonn erëm eng Kéier sechs Méint vergaangen. Mee all dat ass dofir vläicht interessant, wa verschidde Leit hir Rieden emol nach eng Kéier liesen, déi se dee Moment gehalen hunn.

Mir hunn eis och deemools iwwert déi Vulnerabel ënnerhalen, wou jo eng Initiativ geholl ginn ass och vu mengem Frënd, dem Michel Wolter, wou eng Proposition de loi komm ass, déi jo nächsten Dëschdeg och an der zoustänneger Kommissioun wäert diskutéiert ginn, wou et drëm gaangen ass, och ze kucken, wat mer kënnen maache fir déi vulnerabel Leit, fir déi Leit, déi ausgeschloss waren dee Moment, well do emol nach net vun Impfung geschwat gi war an do war et an den Alters- a Fleegeheimer nach méi schwéier, wéi et elo ass.

Mir hunn och driwwer geschwat, wat mer mat der Jugend géife maachen, wéi et bei deene Jonke wier. An do, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, et ass scho vu verschiddene Kolleegen ugedeit ginn, och do ass et wichteg, dass mer eppes ënnerhuelen. Et ass hei geschwat gi vun deene bis 16 Joer. Mee mir mussen och vun deene schwätze vu 16 bis 30. Déi 16- bis 30-Järeg, déi wëllen och wëssen, wéi et virugeet. An deenen hir Pespektiv, bis se geimpft ginn, ass nach méi laang, well si sinn déi lescht op der Skala vun deenen, déi solle geimpft ginn, a si wëssen nach net, si hu keng Perspektiv oder si hunn nach keng Matdeelung kritt, weéni et dann un hinnen ass. Ass dat nach virum 15. Juli? Oder ass dat nom 15. Juli?

Och déi Leit, déi scho souwisou ..., déi Jonk, déi jo eis Zukunft duerstellen, déi alles wäerte musse maache fir dat, wat mir alleguerten elo, ech soen elo, vu Scholde maachen, wat mir elo vu sozialen Decisiounen huelen. Et si jo si, déi Jonk, déi dat herno musse mat zréckbezuelen, an et ass och un hinnen ze wëssen, wéi hir beruflech an hir sozial Karriär virugeet. A mir sinn eis jo alleguerten eens, am Schiet vun dëser Pandemie si jo och aner Problemer amgaang ze kommen, déi ee virun allem am schouleschen an am berufleche Beräich wäert feststellen. Well et wäert net erëm alles sinn op eemol, wéi dat virun dem Ausbruch vun der Pandemie war mat all deene Perspektiven.

An duerfir ass et och wichteg, dass mer deene Jonke Perspektive ginn a Perspektive schafen. An duerfir géife mer och als CSV eng Interpellatioun ufroen, fir en Debat iwwert d'Konsequenze vun der Pandemie Covid-19 op déi Jonk ze féieren. Wéi ass et mat hirer schoulescher Perspektiv? Wéi ass et mat hirer Berufsperspektiv? Wéi geet et weider mam Jugendchômage? Wat fir eng Chancen hunn déi Jonk um Aarbechtsmaart? Wat gëtt gemaach, fir Startuppen ze grënnen, dass si och do d'Méiglechkeet hunn? Wéi ass et mat de Famillen, déi Kanner hunn? Do gëtt d'Prekaritéit méi grouss. An duerfir géif ech

och dem Här President eng Demande hei eraginn - wannechgelift, Här President -, fir eng Interpellatioun ze féieren iwwert d'Situatioun an der Pandemie vun deene Jonken hei zu Lëtzebuerg.

(*M. Marc Spautz dépose une demande d'interpellation.*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

■ **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Léif Frëndinnen a Frënn, mir sinn eis all eens, dass mer déi Pandemie nach laang net gepackt hunn. Mir sinn eis och alleguerten eens, dass mer alles musse maachen, fir de Leit eng Hoffnung ze ginn. Et ass och geschwat ginn haut de Mëtteg vun der Situatioun an der Restauratioun. Mäi Kolleeg, de Claude Wiseler, ass do am Numm vun eiser Fraktioun méi laang drop agaangen.

Et gëtt geschwat vun Ouverturen am Sport, déi elo kommen. Et gëtt eis och eppes am Text iwwert d'Ouverturen an der Kultur gesot. Ech wëll lech soen, ech hu mech mat Jonken, déi och an der Musekszeen dobäi sinn, doriwwer ënnerhalen. Déi hu gesot: „Mat zwee Meter Distanz ze spillen, dat ass relativ schwie-reg.“ Plazeweis ass d'Fro vun der Plaz, fir sech kënnen zu 40 op zwee Meter Distanz opzustellen. Mee doriwwer eraus - an entschëllegt, wann ech elo vläicht eng falsch Prononciatioun maachen, mee ech hunn zwar véier Museker doheem setzen, mee ech hunn iwwerhaupt keng Anung -, wann een do awer muss oppassen, dass een och héiert, wat den Noper spillt oder wat dat anert Instrument fir en Asaz bréngt, an dat allkéiers mat zwee Meter Distanz, ass dat anscheinend nach laang net esou einfach, an dat ass och nach net onbedéngt d'Léisung vum Problem.

Op alle Fall ass et fir eis wichteg, dass mer alles ënnerhuelen, fir de Leit eng Perspektiv ze ginn, fir de Leit eng Chance ze ginn, fir de Leit eng Hoffnung ze ginn. A virun allem bei deene Jonken ass et och wichteg, dass mer déi an all deenen Iwwerleeungen net vergiessen. Mir hunn och do Leit, déi psychesch a mental Problemer hunn. A wann Der mat de Leit vum Secteur schwätzt, stellt Der fest, dass ëmmer méi Problemer do entstinn an dass mer do och mussen drop hischaffan, fir deene kënnen ze hëllefen.

An duerfir schwätzen ech och d'Madamm Minister un, awer do mat hirer anerer Kap, als Ministesch vun der Sécurité sociale oder Ministre déléguée vun der Sécurité sociale. Do wär et och bluttnoutwendeg, wann endlech déi Fraise géifen en charge geholl ginn an dass mer och endlech do eng Léisung an der Nomenclature géife fannen.

Villmools merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Spautz.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

Prises de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Merci, Här President. Fir d'éischt erlaabt mer, fir d'19. Kéier - a mäi klenge Fanger seet mer net, dass keng 20. Kéier wäert kommen - dem Här Di Bartolomeo Merci ze soe fir säi Rapport.

Erlaabt mer, lech just d'Situatioun ze presentéieren, ech hunn elo just nämlech d'Zuele kritt, déi och den Owend wäerten diffuséiert ginn, dass mer haut keen Décès hunn, dass mer an de Spideeler den 11. 54 Leit hatten an de Soins normaux, an de Soin-intensif-fen 30, den 12. 45 an de Soins normaux, 30 an de Soin-intensif-fen an haut an de Soins normaux 38 an an de Soin-intensif-fen 29 - dat heescht, 16 Leit manner an de Soins normaux an 1 Persoun manner an de Soin-intensif-fen.

Ech muss lech soen, dass déi Zuelen, wa mer d'Positivitéit kucken - gëschter war jo en Dag, wou méi Leit iwwer Ordonnancé getest gi sinn -, encourageant Zuele sinn. Mee d'Kris ass nach net fäerdeg. Dir gesitt, dass an de Soin-intensif-fen mat 29 d'Zuel ganz lues erofgeet. Mir gesinn awer, dass d'Zuel bei de Soins normaux hei méi staark erofgaangen ass, an dass am Fong - an ech sinn elo net hei, fir de Pronostic ze maachen, wéi et déi nächst Wochen a Méint weidergeet - mer awer eng Tendenz hunn, déi wierklech positiv ass. An ech erlabe mer, déi och kuerz ze vergläichen.

Virun engem Mount, do hate mer d'Moyenne journalière vun 203. Mir sinn am Moment, op dem 10. Mee, bei enger Moyenne vun 149. Den Taux de positivité war den 12. Abrëll bei 2,09 %, mir sinn elo bei 1,54 %. An den Taux de positivité, an ech mengen, den honorabelen Här Baum ass och virun drop agaangen, ass zum Beispill bei de Leit tëschent 60 an 69 vun 1,1 % d'Woch vum 22. Februar op 0,5 % erofgaangen, vu 70 bis 79 vun 0,9 % op 0,4 % erofgaangen an iwwer 80 vun 1,6 % op 0,2 % erofgaangen, wou ee wierklech gesäit, dass den Impfstoff d'Léisung ass, fir aus der Situatioun ze kommen, soss hätte mer och déi doten Zuelen net. Dat heescht, dat sinn Zuelen, déi engem éischter Freed maachen. Ech sinn net hei, fir ...

Bon. Mir sinn elo bal iwwer e Joer schonn alleguerten hei zesummekomm, wou déi eng soen: „Et ass alles gutt!“, déi aner soen: „Et ass alles schlecht!“ Déi eng soen: „Et kéint besser goen!“ Déi aner soen: „Et kéint net méi schlecht goen!“

Also, de Fait ass, dass mer hei zu Lëtzebuerg et fäerdegbruecht hunn, an alleguerten déi, déi elo do-bausse sinn, hunn et elo gesinn, elo kënn e Schluet, da lafen d'Leit fort: Mee mir liewen zu Lëtzebuerg, mir liewen zu Lëtzebuerg! Mir hunn et fäerdegbruecht, während deene leschten zwielef Méint ze probéieren, wierklech den Equiliber ze fannen tëschent Restriktiounen an tëschent de Libertéiten. An do si Phase gewiescht! Et ass näischt perfekt gewiescht.

Wa mer elo just d'Beispill vun den Terrassen huelen. Ech wëll just drun erënneren, dass bei eisen Nopeschlänner ganz weíneg Terrasse schonn ophunn, ausser an der Belsch am Moment, a Frankräich, an Däitschland, sauf erreur de ma part, si se net op. A Frankräich maache se elo op d'nächst Woch. An ech wëllt just drun erënneren, mat 50 %. 50 %! Dat heescht, net wéi bei eis, wou se hei mat de Plexien oder mat deenen zwee Meter awer méi wéi 50 % kënnen maachen.

Elo gëtt gesot: „Bannen opmaachen.“ Dat ass awer komplizéiert. Ass dat richtig? Ass dat net richtig? Sinn nach Restriktiounen? Mir sinn dat eenzegt Land hei, wou een ab den nächsten Deeg ka bannen iessen. A wann een heibanne mengt, dass een dat soll maachen ouni Tester, ouni Konditiounen, einfach normal, wéi wann de Virus net méi do wier, ass dat net responsabel. Well ech gesinn awer déi selwecht Leit, déi haut soen: „Et dierfte keng Restriktiounen kommen.“, a wann an der nächster Woch oder an zwou Wochen d'Zuele géifen an d'Luucht goen, da soen: „Gesitt Der, d'Restaurante sinn do schëlleg!“ An da musse mer d'Restauratioun nees zoumaachen. Déi Leit brauche Reegelen, déi kloer sinn.

Mir wëssen, dass hei mat den Tester verschidde Leit scho soen: „Mir wëlle keng Tester!“ Et muss keen an de Restaurant goe bannen, et muss keen eragoen. Mee wann e wëllt eragoen, dann ass et eeben och e Gest vu Solidaritéit, sech un déi Reegelen ze halen, fir dass déi aner Leit, déi dobanne sinn, och déi néideg Garantien hu vis-à-vis vum Noper.

Just zu den Zuele vun de Liwwerungen: Mir wäerte bis Enn Juni nach eng 221.130 Dose Pfizer kréien, vu Moderna 33.600 bis Enn Juni, vun AstraZeneca krute mer bis de 24. Mee der 4.600 versprach a vu Johnson hu mer iwwerhaupt näischt versprach kritt. Dës Liwwerungen erlaben eis et, nach eng 129.000 Leit ze impfen. Mee et feelen déi vun Johnson a vun AstraZeneca. Duerfir, mir hoffen, dass déi och hiert Engagement respektéieren, fir dass mer bis Ufank Juli och 70 % vun de Leit kënnen impfen. Wa se sech drun halen, ass dat och de Fall.

Hei si jo och Leit, déi sech fräiwëlleg op déi Lëscht ageschriwwen hu vun AstraZeneca, well d'Fro vum Här Spautz ass scho komm: Weéni kënnen déi 18-Järeg oder 20-Järeg oder 30-Järeg geimpft ginn? An dann erlaabt mer do schonn, pardon, d'Madamm Gesondheitsministesch ze empitéieren op där Fro. Am Moment seet och de CSMI (ndlr: Conseil supérieur des maladies infectieuses), dass mer keng Leit ënner 30 Joer kënnen mam AstraZeneca impfen. Dofir déi Fräiwëllegelëscht vum AstraZeneca tëschent 30 a 55. An déi Leit, déi sech dorop gemellt hunn - an hei si jo och eng Rëtsch vun Députéierten -, erlaben am Fong, dass dann de Pfizer oder de Moderna kënnen benotzt gi fir Leit, déi méi jonk sinn, déi soss iwwerhaupt keng Chance kréien, well fir déi sinn et just déi zwee Impfstoffe, déi se kënnen tëschent 18 an 30 Joer am Moment gesprézt kréien, an déi aner sinn eebe fir déi iwwer 30 Joer reservéiert.

An duerfir ass et a mengen Aen och immens wichtig, dass mer do weider Efforte maachen. An déi Leit, déi mam AstraZeneca elo geimpft gi sinn, ginn am Fong och deene méi jonke Generationen eng Chance, fir méi séier geimpft ze ginn.

Et ass haut onméiglech, Här Spautz, lech kënnen ze soen, weéni wie geimpft gëtt. Ech hunn haut nach keng Zuele vum AstraZeneca. Ech hunn lech elo just gesot: Mir hunn null vun Johnson confirméiert kritt! Dat ass säit Wochen a Méint esou. An ech sinn och ganz frou an ech weess, dass Är Partei net midd ginn ass, fir eis ëmmer ze froen: „Weéni gëtt wie geimpft?“ Mir kënnen dat net soen. Mir kënnen dat net soen, well bei de Commandë wierklech, ausser där vu Pfizer, mer net wëssen, weéni mer déi kréien. An déi vu Moderna wësse mer och.

Zu de Vaccinatiounen: D'nächst Woch wäert e Mëttwoch och de Kierchbiere opgoen, well mer normalerweise an den nächsten Deeg och grouss Liwwerunge solle kréien, wou vill Invitatiounen wäerte verschéckt ginn. Dee wäert ab e Mëttwoch da kënnen opgoen, de Kierchbiere. Mee, ech soen et och direkt, eebe just e puer Deeg. Mee well mer vill Impfstoff hunn, wëlle mer deen och direkt kënnen benotzen, duerfir wäert de Kierchbiere opgoen. Mee et ass méiglech, dass en no e puer Deeg nees muss zoumaachen, well mer dann awer nees eng Chute hu bei de Livraisounen, an dass en dann nees no e puer Deeg kann opgoen. Mee wa mer eng déck Liwwer-



rung kréien, solle mer déi och esou séier wéi méiglech verimpfen. An duerfir wäert den nächste Mëttwoch, wéi gesot, de Kierchbierg opgoen.

D'Madamm Gesondheetsministesch huet och an der leschter Pressekonferenz d'Teststrategie am Detail erkläert. Mir sinn der Meenung, dass d'Teststrategie e wichtegen Deel ass vun der Sortie, dass se Méiglechkeete gëtt. An do der Santé e grouse Merci, well et muss ee wëssen, mat wéi enge Moyene se schaffen. An och dem HCPN (ndlr: Haut-Commissaire à la protection nationale), fir dass mer mat deenen Tester och dee ganze Suivi kënnen maachen, wou d'Leit sech kënnen mellen, wa se e positiven Test hunn, dass se e PCR kënnen maachen, mee dass se sech awer och kënnen preventiv emol isoléieren. Well wa se e positiven Autotest hunn, si se awer eng Gefor fir déi aner, och wa se mengen, dass se dann näischt géife riskéieren.

D'Iddi vun deenen Autotester, déi kënnen gemaach ginn, oder deene Schnelltester, déi och kënnen an enger Apdik mat gemaach ginn, oder de PCR, dee ka gewise ginn - d'Madamm Gesondheetsministesch wäert méi an den Detail goen iwwer dee grénge Certificat, wou mer jo och nach weider dru schaffen -, ass am Moment, dass deen Autotest am Fong déi Garantie ass, dass, wann een op iergendeng Plaz geet, een awer dann, soen ech, de Maximum u Garantie kritt, dass do den Noper och net positiv ass.

Mir kënnen net verlaangen, dass jiddwereen e PCR-Test mécht. Mir wëssen de Präis vun engem PCR-Test. An ech géif dat och net an der Rei fannen, wann ee 75-80 Euro oder 50 Euro géif froen, fir e PCR-Test ze kréien, fir kënnen eppes iessen ze goen. Duerfir d'Iddi vum Schnelltest, deen een elo an der Grande-surface kritt tëschent 2 an 3 Euro. Et kann ee jo säi Schnelltest souguer matbréngen, also säin Autotest kann ee jo matbréngen an da sur place maachen. Dat heescht, et kascht 2 oder 3 Euro an et geet een dohinner.

Mir sinn och der Meenung - an ech hunn eng Rëtsch vu Gemengen, déi mech kontaktéiert hunn déi lescht Deeg, an ech soen deenen och Merci -, dass mer hei kucken, wéi mer pragmatesch no Léisunge kënnen sichen.

An ech wëll lech och matdeelen, dass ab muer beim CGDIS zu Lëntgen d'Gemengen d'Méiglechkeete kréien, déi, déi wëllen eppes organiséieren, déi, déi wëllen op hirem Territoire déi Méiglechkeet hunn - well ee kann, an dat steet jo och am Text, duerch e Gemeindebeamten eng Zertifikatioun kréien -, dass déi, déi dat da wëllen organiséieren, kënnen fir 20 % - dat ass de Prorata - vun hirer Populatioun där Tester siche goen, ab muer. Se solle sech beim CGDIS mellen a soen: „Meng Gemeng mécht do mat, mir si bereet, déi doten Tester sichen ze goen.“ An da kënnen se déi och siche goen. An dat ass scho fir muer! Muer de Mëttag kënnen se se siche goen an e Sonndeg de Moie kënnen se se siche goen, fir déi, déi schonn e Sonndeg esou eng Initiativ huelen.

A mir wäerte fir 20 % vun hirer Populatioun hinnen déi Tester gratis zur Verfügung stellen, fir dass se eebe kënnen och an der Restauratioun eng Facilitéit offréieren vun deem Ganzen. Et sinn Diskussiounen säit Deeg gewiescht mat verschidde Gemengen. Hei geet et wierklech drëms, dass mer zesumme schaffen an net een deem aneren d'Schold ginn: „Hei, d'Stad wëllt et net maachen, et ass d'Regierung, déi dat soll maachen.“ „Nee, d'Gemeng soll et maachen.“ Nee. Hei geet et drëms, dass mer pragmatesch kucken, wéi een do Léisunge ka sichen.

Mir hu gekuckt, wéi mer kéinten tëschent dem HCPN, tëschent dem CGDIS, tëschent de Gemengen déi dote Méiglechkeet schafen. D'Gemenge kënnen sech da mellen an ab muer de Mëttchen och där Schnelltester siche goen. Mir wäerten där dann also e bësse méi wéi 200.000 zur Verfügung stelle fir d'Gemengen, déi dat dote wëlle maachen. Et ass keen obligéiert, dat ze maachen - keen, keen ass obligéiert, et ze maachen. Dir kënnt Ären Autotest mat an de Restaurant huelen. Dir kënnt Ären Autotest sur place maachen. Et gëtt esou vill verschidde Méiglechkeeten. Mee wann eng Gemeng der Meenung ass: „Mir wëllen eise Leit et facilitéieren!“ a se kréien et do zertificiert fir 24 Stonnen, besteet déi Méiglechkeet dann och. A wou d'Regierung dann am Fong, wat ech mer erlaben, de Starterkit ze nennen - esou, wéi mer et och an de Betreiber gemaach hunn, esou, wéi mer et och bei de Leit doheem maachen -, kann zur Verfügung stellen.

Voilà, Här President, ech hunn der Madamm Gesondheetsministesch versprochen, ech géif net ze laang schwätzen. Ech wëll just den Deputéierte Merci soe fir d'Zoustëmmung hei an dass mer et fäerdegbréngen, awer hei nees Schrëtt an d'Normalitéit ze kréien, méi Fräiheeten ze bréngen. A gleefft mer et, d'Leit brauchen et. D'Leit brauchen nees Hoffnung. D'Zuele ginn an déi richteg Richtung. Also, wann ech dobausse kucken, a wann ech d'Zuele kucken, mengen ech, dass mer net alles esou falsch gemaach hunn déi lescht 12, 13 Méint, wéi dat verschidde Leit probéieren, de Leit dobaussen ze erklären.

Ech fannen et just ëmmer schued, dass een et net fäerdegbréngt, méi e breede Konsensus ze fannen.

Hei freet den Här Spautz e Vote séparé fir ee Punkt. Den Här Wiseler seet, e wier mat esou villen anere Punkten och averstan. Et hätt mer Freed gemaach, wa se dann och e Vote séparé bei all deenen anere Punkte gefrot hätten, fir ze weisen, wou se dann eeben averstane wieren. Dat ass elo net de Fall.

Ech soen op jidde Fall dann deenen Deputéierte Merci, déi d'Regierung ënnerstëtzt hunn op deem Wee, deen heiansdo e riskéierte Wee war, awer wou mer gekuckt hunn, e séchere Wee mat heiansdo e bësse Risk ze sichen, e Wee tëschent Fräiheet a Restriktiounen ze fannen, andeems mer de Bierger awer mat responsabel gehalen hunn.

An ech sinn och frou, dass net alles iwwer Gesetzer hei gereegelt gëtt zu Lëtzebuerg, esou wéi den honorabelen Här Baum et och gesot huet. Dass een dem Bierger hei zu Lëtzebuerg ka vertrauen. Well wa mer esou Resultater hunn, ass et och, well de Bierger dee Wee matgaangen ass, an ech soen deem och e grouse Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Staatsminister. An ech ginn d'Wuert weider un d'Gesondheetsministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Et ass gesot ginn: D'Situatioun ass op enger gudder Trajectoire! Et fänt un, lues a lues besser ze ginn. Mir sinn nach liicht héich insgesamt. Am Verglach mat anere Länner si mer bei enger Inzidenz, wou nach d'Noutbrems géif gezu ginn an aner strikt Mesuren en place wäeren. Bei eis ass et relativ gesinn op engem gudden Wee mat gudder Resultater. Dat ass confirméiert net nëmmen um Niveau vun der Santé, mee och um Niveau vun der Taskforce Covid-19, déi eis jo mat engem wéchentleche Rapport säit Wochen a Méint ëmmer begleet, dat an Zesummenaarbecht mat eiser Direktioun.

Fakt ass, dass d'Situatioun nach ëmmer aussergewéinlech ass, och wa se sech scho laang zitt. Dat ass richtig, dat ass e puermol ervirgestrach ginn. 15 Méint si mer ënnerwee. Den Trugschluss ass just, dass een no 15 Méint Pandemie nach ëmmer keng Routine huet. Et ass all Dag eppes Neies, a virun allem - an dat ass mer wichteg ze ënnersträichen - ass een no 15 Méint net besser a Form, mee einfach just nach midd an nëmmen nach midd a vill méi midd wéi am Ufank. Et ass extreem laang an et ass net, well et laang dauert, dass mer dofir besser a Form wäeren, fir dat Ganzt ze stäipen. Et ass net vill Paus, déi eis gegénnt ass.

Eis Strategie am Émgang mam Covid ass vun Ufank un, vum éischten Dag un, eng Exitstrategie. Et war vun Ufank un eist Bestriewen, déi Situatioun, déi eis hei getraff huet, esou schnell wéi méiglech hannert eis ze kréien. Dat hu mer flexibel gemaach. Mir hunn eng éischt Zensur kritt am November d'lescht Joer vun der OECD, wou mer ganz gutt ofgeschnidden hunn am Health at a Glance. Dat ass e Rapport, dee gemaach gëtt, wou Lëtzebuerg wierklech gutt ofgeschnidden huet bei der éischter Evaluatioun; en Tëschebilan, dee gezu ginn ass. Mir hunn deemools op Flexibilitéit gesat an dat maache mer och haut nach.

Deemools ware mer Virreider. Haut gi mer vill suivéiert. Vill Länner, déi Rigiditéit haten, kucken haut op eis, kommen och elo op méi Indicateuren, mat deene se schaffen, kommen op méi Flexibilitéit. Mir sinn do konstant gewiescht. Dat ass déi Approche, déi mer haten. Mir waren och „first mover“ beim Testen, Tracen an Isoléieren. Vill Saachen, déi haut imitéiert ginn, déi hate mir ganz fréi en place.

Mir hunn ons och ganz bewusst, dat ass richtig, net fir e figéierte Stufeplang entscheet. Et ass ëmmer erëm gesot ginn. Dat war net eis Iwwerzeugung. Mir hunn där gekuckt am Detail. Dat huet ons ni iwwerzeegt an et iwwerzeegt eis och haut net.

Et ass richtig, den Här Wiseler huet drun erënnert, dat war den 1. Abrëll, ech hunn dat nach ganz gutt an Erënnung, do hutt Der eis hei ermaant, Dir hutt op Irland verweisen a gesot: „Kuckt emol, wéi einfach, do ass e Stufeplang. Firwat kritt Dir dat net hin?“ Dir kënnt dat nolauscheren, do war en echaufféierten Echange derzou. Et ass verwise ginn op e Stufeplang, deen dach „sécherlech seng Effikassitéit hat“. Dat waren Är Wieder. Ben, ech héieren haut net méi ganz vill vun deem iresche Stufeplang.

Ech hat d'leschte Kéier gesot: Wa mer wëllen transparent sinn, da muss een de Leit awer och soen, wat dat bedeit. Wann ee fir e Stufeplang plädéiert, muss een hei zu Lëtzebuerg de Leit dat awer och soen. A wat hätt dat dann hei zu Lëtzebuerg bedeit, wa mer dee Stufeplang applizéiert hätten, deen esou kloer war? Et hätt ganz drastesch Mesurë bedeit mat engem Resultat, wat, wann een haut kuckt, net besser wär, definitiv net besser!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat ass zwar net richtig, ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- A wann ech soen drastesch, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... well d'Resultat fir d'Irlänner ass vill méi déif, souwuel an den Neiinfektiounen wéi an deem aneren.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Ech kommen op d'Resultat. Ech hunn d'Zifferen hei, Här Wiseler. Dir kënnt se gäre kommentéieren.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hu se och hei. Ech kann lech se och virlesen, wann Der wëllt.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Ma da loosst mech meng fir d'éischt virlesen, ech hu jo elo d'Wuert. Ech wollt vläicht eng Kéier just déi Mesuren erwänen, déi en place gewiescht wäeren.

Irland hat véier Méint laang en drastesch Lockdown. Dat steet an deem franséische Rapport vum Conseil supérieur, vun hirem Covid-Conseil scientifique vum 6. Mee, déi hu sech mat ville Modeller befaasst, och mat der Expérience irlandaise. Also, wéi gesot, méi wéi véier Méint. Wéi eng Reegele waren do applikabel?

Éischtens: d'Obligatioun, fir doheem ze bleiwen, ganz kategorieesch. Zweetens: eng Limite de cinq kilomètres pour le déplacement. Drëttens: kee Visiteur doheem, véier Méint laang. Véiertens: d'Fermeture vun de Commerces non essentiels. Kultur, Salles de sport, alles zou. Den Transport public ass op 25 % erofgebrach.

Ab dem 1. Mäerz ass zaghaft d'Schoul erëm opgaangen, ganz lues. Si war ganz laang zou. Dann ass et den 12. Abrëll eriwergaange vu 5 Kilometer, wou ee sech huet därengen deplacéieren, op 20 Kilometer. Ab deem Moment huet een och därengen ee Foyer gesinn, awer wannechgelift bei sech am Gaart dobaussen, net dobannen.

Dann ass den 10. Mee de Moment gewiescht, wou de „click and collect“ opgaangen ass, fir mat engem Geschäft e Rendez-vous ze maachen, wann een eppes wollt kafen. Och den 10. Mee sinn d'Coifferen erëm opgaangen.

Dann: « L'ouverture des bars et restaurants n'est pas envisagée avant le mois de juin 2021. ». Dat ass déi Situatioun, dat sinn déi Mesuren, déi do en place waren, véier Méint laang!

Da komme mer zur Situatioun vum Sport, wéi gesot, am Juni soll dat nees ugoen, awer och dobaussen an ouni Public, Juni eventuell, et ass nach net ganz festgeluecht.

Da kucke mer d'Situatioun. Gutt, Dir sot vläicht: „Är Mesurë si manner streng.“ Dir wësst, et gëtt en Objektiv, en Indicateur, dat ass d'Oxford-Universität, déi mécht säit der ganzer Pandemie eng Evaluatioun vun de Mesuren, déi en place sinn, wéi streng se sinn oder net. Lëtzebuerg, wann ech elo déi lescht Méint kucken, vu Januar bis elo, huet do e Ranking vun 53. Ganz streng ass 100. Irland ass bei 85. Dat ass 32 % méi streng an de Reegelen. Schweeden iwwregens, wat ëmmer zitéiert gëtt, ass och 15 % méi streng wéi Lëtzebuerg, wa mer et kucken op de Januar zréck.

Da kann ee soen: „Wéi huet et sech op den Intensivstationen?“ Och do si mer sécherlech net méi schlecht, mir si souguer liicht besser: 4,1 fir Lëtzebuerg an der Moyenne op déi lescht véier Méint gekuckt, 4,5 fir Irland.

Dann, ganz wichteg, wann ee wëllt objektiv vergläichen, ass dee sougenannte Z-Score. Wat ass dat? Dat ass, wann een d'Mortalitéit kuckt an et relativéiert een dat. Et kuckt een, wéi wäit d'Ofwäichen ass vun der Normalitéit. Dat hunn ech dann och nach eng Kéier de Moien nogekuckt. A wa mer erëm eng Kéier kucken: Am Joer 2021 läit Lëtzebuerg fir dëst Joer konstant ënnert där rouden Linn. Do gëtt et eng rout Linn, an ab där Linn schwätzt ee vun enger substanzier Hausse. Lëtzebuerg ass konstant drënner. Dat ass net de Fall fir Irland, si si wäit driwwer gewiescht dëst Joer. Et ass net de Fall fir England, et ass net de Fall fir Schveeden, och si si wäit driwwer gewiescht. Et ass net de Fall fir Frankräich, déi waren och wäit driwwer, Däitschland war wäit driwwer, Holland war wäit driwwer an d'Belsch war och wäit driwwer.

Dir sot Nee, Madamm Hansen. Ass dat falsch, wat ech soen?

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech soe just, dat mir net den iresche Modell gefrot hunn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Ministesch erlaabt Der, dat den Här Wiseler lech eng Zwëschebro stellt?

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo, gären.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Wiseler, wannechgelift.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Madamm Minister, Dir maacht hei e Verglach vun Zuelen zwëschent Irland a Lëtzebuerg. Wann Dir géift gutt zitéieren, wat ech gefrot hu sengerzäit, war dat, dat d'Lëtzeburger Regierung soll e Stufeplang en place setzen. Ech hunn zu kengem Moment gesot, dat Der an deem Stufeplang déi selwecht Moosnamen an där selwechter Reiefolleg mat méi oder manner Rigueur wéi Irland sollt en place setzen.

Ech hunn lech just gefrot ... a mir hätte gären als CSV e Stufeplang, fir datt d'Leit dobausse kéinten an all deene Sparten, déi mer kennen, eng Previsibi-

litéit hu vun deem, wat kënnt, datt mer eis kéinten Zilsetzunge setzen an datt mer genau wéissten, wou mer géifen histeiere mat deene Politicken, déi mer maachen. Dat ass dat, wat ech gefrot hunn. Do kënnt Der elo déi dote Vergläicher vun den Zuelen hei maachen, déi sinn awer an deem Sënn sënnslos, well et net dat ass, wat ech gefrot hunn.

■ **Une voix.**- Ganz gutt!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dat ass richtig, Dir hutt e Stufeplang gefrot. An ech wëll just illustréieren, wat dat bedeit. Et sinn e puer Länner, déi Stufepläng haten, dont Irland.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Neen. De Stufeplang bedeit dat net.

(*Brouhaha*)

(*Coups de cloche de la présidence*)

De Stufeplang bedeit dat net. Et sinn am Fong déi Mesuren, déi Der an de Stufeplang setzt, déi dat bedeuten.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Nee, wat ech wëll soen, wou ech wëll drop eraus, wann Der mech och wéilt fäerdeg schwätze loosse: Et sinn e puer Länner effektiv, déi Stufepläng haten, déi ware ganz rigid. Firwat? Well et schwéier ass, e figéierte Stufeplang ze maachen, deen net ganz rigid ass. An dofir hu mir de Choix vun der Flexibilitéit eebe geholl.

Huelt Däitschland: Wa mer géifen de Stufeplang vun Däitschland huele mat enger Inzidenz iwwer 100, wou mer nach ëmmer sinn, da wäre mer bei der Handbrems hei. Dann hätte mer nach e ganz anere Couvre-feu a Frankräich. An ech wëll lech soen: Ech kenne kee Stufeplang, deen esou eng Flexibilitéit méiglech gemaach hätt, deen esou vill Öffnungen méiglech gemaach hätt, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mee kuckt emol déi Resultater ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... wéi mir se hei haten ouni Stufeplang. Dat ass am Fong mäi Message. Ech weess, dass Der net op den Detail agaange sidd.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Ech wollt just der Transparenz halber de Leit awer och soen, wat esou e Stufeplang bedeite kann.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Der Transparenz halber wëll ech awer och soen, datt déi Zueleresultater, déi Der zwëschent September an Dezember hat, déi schlechsten an Europa, quasiment op der Welt waren.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Dat ass net richtig, wann Der d'Moyenne vun 2020 kuckt.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Et ass awer richtig, wann Der September bis Dezember kuckt, d'zweet Well.

(*Brouhaha*)

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Mir kënnen och op een Dag kucken.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Ma mir kënnen gären de Bilan zéien. Ech mengen, d'Kris ass eng Kéier eriwuer an dann ass et e gudder Moment, dat doten nach eng Kéier objektiv oppen ze leeën. Och do géif ech soen ...

(*Brouhaha*)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Wuert huet elo eleng d'Madamm Gesondheetsministesch.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Objektiv gesinn, wéi gesot, nom Oxford-Index sinn eis Mesurë verhältnisméisseg wierklech labber a liberal. Eis Resultater sinn am Géigenzuch gutt, wann ech vergläichen, erëm eng Kéier Januar op Abrëll, dat ass jo déi Zäit elo rezent, déi eis interesséiert. Op den Intensivbetter leie mir bei 38 an der Moyenne, Däitschland bei 48, dat sinn 10 % méi Beleeung, Frankräich bei 59, dat sinn 21 % méi héich Beleeung, d'Belsch 8 % méi Beleeung. Bref, mir si mat labberen a flexibele Mesuren, déi mer geholl hunn, bei engem Resultat, wat am Verglach sech dach awer weise léisst. A mir waren net véier Méint laang strikt zou.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Mir wurschtelen. Dat kréie mer ëmmer erëm gesot. Dat mag sinn. Mee am Endeffekt ass d'Resultat am Verglach dach awer net esou schlecht. Aner Länner hu vill méi grouss Service-juridiqué wéi mir. Déi wurschtele warscheinlech och a se hunn nach manner gutt Resultater ënnert dem Stréch. Ech kann nëmmen an deem Sënn soen, dass mer nach iergendwéi gutt dobäi ewechkomm sinn.

Eis Schnellteststrategie hu mer d'lescht Woch presentéiert. Si ass elo matten an der Ëmsetzung.



D'Këschte sinn ënnerwee an d'Restauranten, an d'Wäistuffen. Dat ass um Lafen. Mir hunn nach Zäit bis de Sonnden. Ech sinn zouversichtlech, dass eis Leit do nach ganz villes wäerten hikréien. Eis Ambitioun ass et, dat Gesetz hei ëmsetzbar ze maachen. Haut ass de Vott.

Et ass richtig, dass mer en Hickhack hate mat verschiddenen Ausféierungsbestëmmungen. Dee Cadre légal, deen huet eis och vill beschäftegt. Mir hu vill diskutéiert. Do passe mer natierlech de reglementaire Kader un. An et ass richtig, dass eng Croche dra war. Dat hu mer gemierkt am Laf vum Moien. Mir hunn effektiv eng Obligatioun dra gehat fir Privatleit, déi missten hiert Schnelltestresultat deklaréieren. Dat huet keng Base légale. L'erreur est humaine. A wat hu mer gemaach? Mir hunn dat schnellstméiglech iwwer Mëtteg geännert, nach eng Kéier eng Procédure silencieuse gemaach, fir dass dat alles propper a korrekt ass.

Mee et ass richtig, dass e Feeler geschitt ass. Ech stinn absolutt derzou. Esou eppes kënt vir, zemools, wann een ënnert deenen Ëmstänn muss schaffen, wéi mer dat an deene leschte Wochen a Méint maachen.

■ **Une voix**.- Voilà!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- D'Schnelltester, nach eng Kéier ganz kuerz am Resümee. E Schnelltest, wat ass e Schnelltest am Géigesaz zu engem PCR-Test? E Schnelltest ass en Test, dee ka mat esou engem klenge Kit sur place ausgewäert ginn, e bësse wéi e Schwangerschaftstest. Deen ass an der Zäit gemaach ginn iwwer e Prelevement ganz hannen an der Nues, den nasopharyngé. Dee konnt nëmme bestëmmtent Personal maachen. Haut hu mer déi selwecht Tester, wou ee just vir brauch an der Nues ze prelevéieren, wou natierlech eng aner Populatioun dee ka maachen. Dat kann am Fong jiddweree maachen. Et ass wichteg, dat kloerzestellen.

Et ass alles komplizéiert, mir sinn eis däers bewosst, et ass technesch. Mee esou ass dat nun eeben emol. Déi Elementer evoluéiere ganz schnell. Et kommen Erfarungen, et kommen nei Produiten op de Maart. Mir sinn op alle Fall elo mat de rezenteste Produiten ënnerwee an hoffen och, dass déi Kommunikatioun, déi Flyeren, déi dat wäerte begleeten, de Leit déi néideg Erklärunge wäerte ginn, wéi se domadder ënzegoen hunn.

Den Triptyque, d'Ouverture vum Green Certificate, deen Der ugeschwat hutt, dat ass e Projet, wou drop geschafft gëtt. Mir hunn niewent der Gestiouen vum der Pandemie och ongeféier zéngmol esou vill Reuniounen op europäeschem Plang am Moment lafen, déi mer mussen assuréieren. Lëtzebuerg schafft do intensiv drun. D'Ambitioun ass, fir deen Triptyque Mëtt Juni stoen ze hunn.

Den Här Reynders huet getweet, e fret sech - den 12. Mee war dat - iwwert de „promising start“, mir wäer „well on track“. D'Infrastruktur ass getest gi mat fënnf Frontrunner, fënnf Länner sinn do mat derbäi. Ech brauch lech net ze soen, dass Lëtzebuerg mat do derbäi ass. Hien huet sech driwwer gefreet, dass mer dat hikritt hunn an ass zouversichtlech, dass déi Aarbechte wäerten ofgeschloss si bis den nächste Mount. Ëmmerhi lafe se awer nach. Déi Aarbechte sinn am Lafen. Déi genau Detailer, wat wéi afléisst, do gëtt nach vill drop geschafft, grad eeben um Geneesungszertifikat. A mir si bestrieft, eis do anzébréngen fir eng gemeinsam Positioun, dat ass eis wichteg, dass mer e gemeinsamen Nenner fannen als Europa. A mir sinn, wéi Der kënt aus deem Tweet och erauslesen, bei deene fënnf Länner un der Front, déi dat doten testen. Dat ass eis Ambitioun, ganz schnell do derbäi ze sinn, natierlech op där Pist, déi europäesch wäert zréckbehale ginn. An do si mer nach net derduerch.

Et kënt derbäi, dass hei an der Chamber vill Froen opgeworf gi sinn. Wéi huet et sech mat de Reinfektiounen? Wéi ass dat, wa Leit geimpft sinn? Wéi ass dat, wa se sech nach eng Kéier infizéieren? Mir hunn eng Enquête lafen. Dir wollt et méi am Detail wëssen. Och mir wëllen et méi am Detail wëssen, mee nach leeft déi Enquête. Dofir waarde mer ganz gären déi Resultater of. Mir wëssen, dass Leit hiert Liewe verluer hunn, obwuel se scho geimpft waren. Mir waarde ganz gären dat of, wat eis Experten eis wäerte soen. Mir hunn ons jo och gäre bereet erkläert, och dat ass vill Aarbecht, déi am Moment leeft niewent eiser normaler Aarbecht, fir mat auslänneschen Experten dat alles eng Kéier duerchzeschaffen. Soubal mer déi Resultater hunn, spiere mir eis méi à l'aise, fir nächst Schrëtt ze huelen an eeben och dee Certificat auszewäiten. D'Zil ass, fir den nächste Mount domadder fäerdeg ze sinn. D'Diskusiounen sinn um Lafen. Et brauch also e bësseleche Gedold, fir déi gemeinsam Positioun ofzewaarden.

Den nächste Mount, dovunner erwaarde mer eis ganz vill. Wa mer d'Situatiounsaschätzung kucken, bei eis an och am Ausland, da kann een Hoffnung hunn, dass, wann een dese Mount nach virsiichteg ass, dass ee wierklech den nächste Mount e grouse Schrëtt kann huelen. Dat ass dat, wat mer eis wënschen. Et ass do, wou mer drop hischaffen.

Mee trotzdeem, et dierf een net vergiessen, dass dese Mount e kritesche Mount bleift. Dat gëtt vun allen Experten ervirgehuewen. Et gëtt och gewarnt, dass mer net sollen deen nämmelechte Feeler maachen, dee schon emol geschitt ass virun de Feierdeeg, wou et net séier genuch gaangen ass mat Ausnamen an Opmaachen. Et ass och elo erëm e ganz kritesche Mount, well de Virus nach ganz present ass, well mer Varianten hunn, well mer nach net genuch Leit duerchgeimpft hunn. An dat ass eng Situatioun, déi d'Epidemiologen als geféierlech aschätzen. Mir sollen déi Situatioun mat grousem Respekt huelen an déi Fräiheeten, déi mer hunn, wierklech virsiichteg notzen, mat vläicht e bësse lästegen Oplagen nach. Mee an deem Sënn hale mer eis un dat, wat mer gesot kréien. Mir kucken, dass mer wierklech virsiichteg sinn an net ze vill grouss Schrëtt huelen, fir net erëm mussen eng Kéier zréckzeschrauwen.

Déi selwecht Virsiicht ass och gefuerdert vun der Cheffin vun der EMA. D'ailleurs, déi hat eng Pressekonferenz d'lescht Woch, wou se och dorobber opmierksam gemaach huet. Et ass e Risiko vu Variantens d'échappement grad an deem Mount hei. Dat huet näischt mat engem Auspuff ze dinn, mee dat si Varianten, eeben, wann ee vill Mouvement huet an nach net genügend Impfstoff, dann ass et e grouse Risiko, dass de Virus erëm eng Kéier mutéiert. Dofir muss ee wierklech virsiichteg bleiwen an dat an der Hoffnung, dass mer lues a lues eeben de Maximum u Leit duerchgeimpft kréien.

Vläicht nach ganz kuerz e Wuert, wann Der erlaabt, zu dem Couvre-feu. Ech hunn dat schon oft gesot: Mir hunn net déi wëssenschaftlech Basis fir ze soen, dass dat wierklech dat ass, wat wierkt! Et sinn d'Päck, déi evaluéiert ginn. Et gëtt leider net wierklech eng wëssenschaftlech Basis, déi engem eent zu eent eng Äntwert op eng Mesure gëtt.

Ech wollt just drop hiweisen, dass mer, wa mer global kucken, wéi mer mat eise Mesuren do stinn, déi - ech soen et nach eng Kéier - am Ranking international labber sinn, wat wierklech e ganz vivable Pak ass mat ville Fräiheeten, gutt Resultater hunn. De Couvre-feu gehéiert derzou, an dat veruloosst eis - zumindest emol nach dese Mount hu mer déi Virsiicht -, en einfach nach wëlle bäizehalen.

Ech wëll och drop hiweisen, dass, wa mer am Ausland ronderëm kucken, mer mat eisen Inzidenzzuelen definitiv net déi eenzeg wäeren. An Däitschland wär en da bei zéng Auer mat Inzidenzen iwwer 100, a Frankräich wär e bei siwen Auer, déi gi jo elo eréischt fir den 19. Mee op zéng Auer erop. An an Eisträich ass en am Moment bei aacht, dee soll den 19. Mee op zéng Auer goen. Also, mir sinn net déi eenzeg. Ech sinn net deen, dee behaupt, déi absolutt wëssenschaftlech Basis ze hu fir ze soen, par a plus b, dass dat dat ass, wat eis rett. Alles an allem ass eise Pak iergendwéi esou geschnürt, dass e fonctionéiert. Dat ass essenziell. An ech wënsche mer selwer och, dass dat den nächste Mount dann endlech der Historie soll ugehéieren.

Grouss Hoffnung setze mer natierlech op de Vaccin, dass et virugeet. Grouss Hoffnung och op déi Erfahrung, déi mer kënnen an deem Mount mat eranhuelen, mat entgéinhuelen. Well mir hu vill Proximitéit. Déi Schrëtt, déi mer huelen, si wuel encadréiert mat testen, mee nawell gëtt et vill méi Aktivitéit. Dat brauch eng gewësse Virsiicht. Ech hoffen, dass jiddwereen do matmécht. Ech wënsche mer, dass mer zesummen optimisteslech bleiwen.

An ech géif och eng Kéier all menge Leit Merci soen an hinne soen: „Loosst de Kapp net hänken, wa mer gesot kréien, mir géife schludderen.“ Ech weess, dass Dir Äert Bescht maacht an ech stinn zumindest zu 100 % hannert lech a si ganz dankbar fir dat, wat geleescht gëtt.

Wann Der erlaabt, kann ech e Wuert zu de Motiounen soen? Oder?

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Vläicht duerno, datt mer dann déi Zäit duerno notzen.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools der Madamm Gesondheetsministesch. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un de Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Just, well ech mierken, dass ech eng Rëtsch vu Gemengeresponsabelen hei am Sall hunn, déi mech elo gefrot hunn, wéi dat geet.

Also, d'Inneministesch wäert muer de Moien och eng Circulaire erausginn, wou ganz genau d'Preziounen drop stinn.

Éischstens, ...

(**Brouhaha**)

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- De Premierminister huet d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Dat schéngt verschidden CSV-Leit net ze interesséieren.

(**Brouhaha**)

Mee da Respekt fir déi aner, Madamm Hetto, et wier vläicht gutt, dass déi aner et awer matkréien. De Fait ass ganz einfach: Muer de Moie kënt eng Circulaire, ab muer de Mëtten oder e Sonndeg kënnen d'Gemengen dat maachen, et muss keng Gemeng dat maachen. Dat hei ass e Service, deen de Staat, zesumme mat de Gemengen, deem engen oder aneren offréiert, fir et méi einfach ze maachen, dass déi Leit an hirer Lokalitéit, déi wëllen an de Restaurant goen oder dohin, wou se esou en Zertifikat brauchen, kënnen ee kréien.

Déi Circulaire gëtt muer de Moie vun der Inneministesche gemaach, wou e Modell drop ass, wéi eng Zertifikatioun soll ausgesinn, wou och d'Adressen drop sti fir déi Gemengen, déi der méi wëlle bestellen, dass déi och déi Adresse kënnen kréien, wou de Fournisseur ass. Mir gi jo Kits de départ. Et ass e Service, deen hei d'Gemenge kënnen hire Bierger offréieren. Ech muss lech soen, ech fannen dat doten eng Approche, wou mer och op Demande vu Gemenge gesot kritt hunn: „Kéinte mer dat doten net maachen?“ Ech fannen et e Service supplémentaire, deen eng Gemeng hire Bierger kann offréieren, wou de Staat kuckt - eebe well mer wëssen, dass d'Leit net vun haut op muer d'Material kënnen kréien -, dass se 20 %, selon la population, vun deenen Tester kënnen kréien, mat den Adressen a mat dem Formulaire an och, well déi musse jo validéiert gi vum Här Schmit, dat heescht, der E-Mailsadress, wou een dann och d'Lëscht kann eraginn, fir dass déi Leit och direkt d'Homologatioun kënnen kréien, fir déi Zertifikatioun kënnen ze maachen. Dat kënt alles muer de Moien iwwer Circulaire. Ech wollt dat dote just preziséieren an och der Inneministesche an nach eng Kéier och dem HCPN an der Santé Merci soen, dass si dat dote rapid organiséiert hunn.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools dem Premierminister. Parole après ministre fir d'Madamm Hetto.

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV)**.- Jo, wéinst Fait personnel. Merci fir d'Wuert, Här President. Ech wollt am Fong geholl just dem Premierminister soen, dass dat keng Saach ass, déi mat Respekt ze dinn huet. Ech wollt lech just soen, wann Dir de Mëtteg ...

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Madamm Hetto, et wier vläicht gutt, wann Der bei de Mikro kéimt, datt een lech och héiert.

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV)**.- Ech wollt mech am Fong just un de Premierminister adresséieren. Et ass guer keng Saach vu Respekt, Här Premierminister. Mee wann Dir de Mëtten hei annoncéiert, dass dat muer de Mëtteg disponibel ass, wou ech denken, dass vill Leit heibanne si vun de Gemengen, déi frou sinn a vun deem Service da wäerte profitéieren, fannen ech et e bësse schued, wa muer de Moien, um Samschdeg Moien eng Innenministesche soll eng Circulaire erausginn. Do leeft net vill samsdes moies op de Gemengen. Duerfir wier dat flott gewiescht, wann dat schonn de Mëtten hätt kënnen stattfannen. Méi war et net, wat ech wollt soen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Madamm Hetto. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Et ass gefrot ginn, den Artikel 48 vum Chambersreglement geltend ze maachen an e Vote séparé iwwert den Artikel 10 ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert deen Artikel ofstëmmen.

Vote séparé sur l'article 10 du projet de loi 7820

Wien d'accord ass mat dem Artikel 10 vum Projet de loi, dee soll mat Jo stëmmen. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

D'ADR-Fraktioun, déi hunn nach iwwerhaupt net gewielt. Déi sollen dann emol, voilà, elo fänkt et esou lues un.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

(**Appel nominal pour votes par procuration**)

Domadder ass den Artikel 10 mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7820. Den Text steet am Document parlementaire 7820¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7820 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(**Appel nominal pour votes par procuration**)

Domadder ass dese Projet de loi mat 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

Motions

Da kéime mer zur Diskussioun respektiv dem Vott vun de Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, dat ass déi, déi vun der CSV deposéiert ginn ass, wou et ëm déi praktesch Modalitéite geet, wat de Protocole sanitaire ubelaangt, deen am Artikel 4 Paragraf 5 vum Projet de loi virgesinn ass. Wie wëllt nach Stellung huelen zu deser Motioun? D'Madamm Ministesch.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Jo, merci, Här President. Dozou ass ze soen, et gëtt gefrot, fir kloer ...

Pardon, hunn ech elo déi richtig hei? Waart emol.

■ **Une voix**.- D'Motioun 1.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Et ass déi Motioun, wou et drëm geet, ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Voilà! Ech hat dat falscht Blat. Et ass d'Modalité pratique fir déi Derogatiounen, déi den Direkter géif ginn. Do wëlle mer dervunner ofroden, fir déi festzeleeën, dat géif eis ganz vill Flexibilitéit huelen. De Prinzip ass déi normal Reegel. Ab 150 ass et: Sëtzen op zwee Meter, mat Mask. Wa mer hei aus deem Konzept erausginn, ass et wierklech an enger Optik, fir Testprojeten ze maachen, wou mer eis justement wëlle Flexibilitéit ginn, fir eebe ganz spezifesch, fallbezunn ze kucken, wat kéint Sënn maachen.

Wa mer dat musse virfigéieren, ass dat ganz schweier. Ech mengen, da géife mer näischt esou proposéieren. Da wäer mer warscheinlech einfach bei der Reegel bliwwen. Et ass eng Ouverture eeben am Sënn vun enger Pilotphas, wou ee wierklech au cas par cas soll kucken. An ech hunn do absolutt Vertrauen an den Direkter vun der Santé. Dat Amt,



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Mediahuis Luxembourg SA
60, rue des Bruyères
L-1274 Howald

Editpress SA
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

wat hie bekleet an dëser Pandemie, ass en Amt, wat eng grouss Wichtegkeet huet a Pandemien.

A Schweede loosse Leit sech säin Equivalent op den Aarm tatouéieren. Ech mengen, et ass scho gutt a richtig, dass mer dem Direkter vun der Santé vertrauen, dass en déi Konzepter do mat deem néidege Seriö ausschafft. Ech sinn op alle Fall iw-zerzeegt, dass dat dee richtige Wee ass, an dass, wa mer dat wéilte festneelen, ee sécherlech net kéint déi Erfarungen eranhuelen, déi mer awer gären hätten, fir dann idealerweis an enger nächster Phas besser Schrëtt kënnen ze huelen an eeben opgrond vun deenen Erfarungen da justement generell Reegelen ze erstelle fir Evenementer mat méi Leit.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lenert. Wëllt nach een d'Wuert zu där Motioun ergräifen?

(Négation)

Da kënnen mer zum Vott vun där Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Aدهم, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Motion 2

Da komme mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass déi, fir zwee Autoschnelltester der Tranche d'âge tëscht 18 an 29 gratis zur Verfügung ze stellen. Wie wëllt nach d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? De Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, zwou Saachen. Déi éischt Saach ass, elo kënn't jo déi Circulaire muer de Moien. An ech wëll och just der Madamm Hetto soen, dass et de Prinzip ass an enger Demokratie, dass en Innenminister waart, bis eng Chamber en Text gestëmmt huet, fir eng Circulaire mat den Applikatioune vun den Texter ze maachen. Well wa mer net gewaart hätten a se schonn haut de Moien oder gëschter verschéckt hätten, hätt Der gesot: „Dir wësst jo net, wéi d'Resultat ausgeet!“ Duerfir sinn ech frou, dass mer elo gewaart hunn. An dat kann elo erausgoen. An ech wollt lech och scho warnen, dass déi Circulaire géif muer kommen, just zur Informatioun.

Mat där Circulaire, Här President, a mat deene 17 Milliounen Tester, déi elo verdeelt ginn, mengen ech, ass dat dote wirklech superfetatoire, fir elo nach hei spezifesch ze soen, dass jiddwereen der zwee muss kréien. Mat 17 Milliounen wäerten d'Leit der souwisou méi wéi zwee kréien. An déi Méiglechkeet, duerch déi Gemengen, déi dat doten och offréieren, dass ee souwisou och egal wéini ka bei deem engen oder aneren deen Test maache goen, mengen ech, geet am Fong vill méi wäit wéi dat, wat dës Motioun vun der CSV proposéiert.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Premierminister. Ass nach een, deen d'Wuert zu dëser Motioun wëllt ergräifen? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Jo, merci, Här President. Just fir dat nach ze erklären, wat ech op der Tribün gesot hunn. Ech hu jo och mech derfir staark gemaach, dass een déi Tester soll maachen, net wëssend awer, wéi se elo presentéiert gëtt. 17 Milliounen Tester gi verdeelt. A wann ee weess, das an de Schoulen effektiv jo all Jonken zwee Tester kritt, dass d'Leit op der Aarbechtsplaz elo och alle-guernten Tester kréien, an dass déi, déi net am Aar-bechtsprozess dra sinn, Bonge kréien, fir se an d'Apdikte sichen ze goen, dann, mengen ech, kéint een déi heite Motioun ofleenen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. Ech gesi keng Wuertmeldung méi. Da kënnen mer zum Vott kommen.

Vote sur la motion 2

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Aدهم, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3, dat ass déi, wou et drëm geet, dass verschidde Beruffer sollen als Professions exposées prioritär consideréiert ginn. Ass nach een, deen d'Wuert zu dëser Motioun ergräift? Den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Merci, Här President. Wéi Der wësst, hate mer jo, wéi ech dat schonn dës Woch erkläert hunn, e reegelméissegem Echange och mat de Sozialpart-ner a mir haten och ee mat der CGFP, wou mer och hinnen erkläert hunn, dass mer jo géifen dem Alter no goen, well den Alter nach ëmmer dee Krittär wier, fir d'Leit esou staark wéi méiglech ze prote-géieren, an dass dem Alter no dann eeben och fir de Gros vun der Populatioun besser wier, fir se esou ze protegéieren, an dass mer de Comité

d'éthique jo saiséiert hätten, fir déi Fro ze stellen. Hei steet jo zum Beispill dran, dass et d'Police grand-ducale oder d'Personnel enseignant wier.

Ech hunn d'Beispill och mat der CGFP geholl: Wat maacht Der um Flughafen? Um Flughafen hutt Der och en Douanier, Dir hutt en Här vun enger privater Sécherheitsfirma, deen Är Bagagé kontrolléiert, deen lech oftaascht, wou Der d'Schong ausdot, dee vill méi no ass bei lech wéi eng Persoun oder en Douanier, deen do Äert Gepäck opmécht. An dann hätt Der zum Beispill just e Polizist, deen dann och geimpft wier. Do krut ech gesot, dach, mir kéinte jo vläicht déi eng oder aner nach impfen.

Dowéinst: Mir hunn d'Commission nationale d'éthique wirklech saiséiert, fir dat doten ze ma-chen. Mir mengen, dass et hei eng eethesch Fro ass, ob e Beruff prioritär muss sinn. Well Dir schwätzt hei zum Beispill net vun enger Vendeuse, déi de ganzen Dag an enger Keess sëtz't. Dir schwätzt net vun engem Coiffer oder vun engem Serveur, deen all Dag stonnelaang steet an enke Kontakt mat de Leit huet. Dir schwätzt net vun de Métiers de proximité an de Kontakt, wéi zum Beispill enger Esthéticienne, engem Kiné, engem Masseur, deen och déi ganzen Zäit nieft de Leit steet.

Dowéinst: Här President, ech géif wirklech recommandéieren, dass mer hei op den Avis vun der Commission national d'éthique waarden an net an eng Surenchère falen, fir ze kucken, bei deem engen oder bei deem anere Punkten ze sammelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Premierminister. Den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Jo, déi Motioun ass eis am Prinzip sympathesch, datt een, wa mer genuch Impfstoff hätten, sollt ee jiddwereen esou séier wéi et geet impfen. De Fakt ass, an dat ass kee Geheimnis: Mir hunn net genuch Impfstoff a mir hu mam Ethikrot eng Piori-séierung op Basis vum Alter. Dovunner kann een elo halen, wat ee wëllt. Et ass awer dat, wat mer am Moment hunn an et ass dat, mat deem mer elo gutt verfuert sinn. Et féiert derzou, datt mer d'Leit der Rei no duerschimpfen.

A wa mer elo ufänken, hei déi eng Beruffsgrupp géint déi aner auszespillen, a wa mer dann nach ufänken, hei eng Extrawurscht fir déi eng, well se da gutt vertrauede sinn a well se fir de Staat schaffen, déi ze prioriséieren, während d'Botzpersonal, wat heefeg soustraitéiert ass - ech mengen, dat ass e grouse Kampf vun de Kollege vun déi Lénk, wou se jo och e Succès hei an der Chamber haten -, wa mer déi dann net prioriséieren, gläichzäiteg, wéi de Premier gesot huet, déi um Flughafen, déi dann och gréisstendeels soustraitéiert sinn, déi net priori-séieren ... An ech weess net, wou mer nach iwwerall Leit hunn, déi vill méi am Kontakt mat deenen een-zelne Biergerinnen a Bierger sinn, an déi net géife prioritär ... - ech mengen da kréie mer dat, wat mer am Moment wirklech fäerten: An dat ass den Impfneid, dat ass eng Onrou, dat ass eng Onze-friddenheet, an dat brauche mer net.

Mir brauche Leit, déi sech wëllen impfe loos-sen. Mir brauche virun allem eng Impfcampagne, déi esou séier wéi méiglech weidergeet. An do sollt mer all nei Debatt probéieren ze verhënneren. Fir eis ass et ganz kloer: Mir hunn e Plang, wéi mer doduerchkommen, an esou laang mer hei net ge-nuch Impfstoff fir jiddwereen hunn an net jiddwer-engem kënnen eng Offer maachen, sollt mer opha-len, iergendee wëllen ze prioriséieren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. Da freet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert a kritt et och.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An e seet lech vill-mools Merci dofir, Här President. Ech mengen, datt mer hei och sollten e bësse kucken, wat an eisen Nopeschlänner geschitt. Ech wëll just d'Beispill aus Däitschland nennen: E Lëtzebuerger Polizist, deen an Däitschland wunnt - deen ass och do gemellt als Po-lizist -, dee gëtt an Däitschland prioriséiert a geimpft; e Lëtzebuerger Polizist, deen zu Lëtzebuerg wunnt, gëtt net als systeemrelevant consideréiert an also net geimpft.

Dat ass eng Fro ..., ech mengen, dat weist ganz dait-lech en Ënnerscheid an der Konzeptioun. An Däitschland gëtt definéiert: Wien ass systeemrele-vant? Zum Beispill alles, wat am medezinnesche Secteur schafft, och zum Beispill bei de Veidokteren an esou weider, dat gëtt alles als systeemrelevant consideréiert. Dee ganze Justizapparat gëtt als systeemrelevant consideréiert. Elo bei de Bundes-tagswalen, zum Beispill, si Leit, déi sech als Wal-helfer mellen. Dat kënnen Studente sinn. Mee well se u Walen deelhuele, déi de Staat um Liewen halen an enger Zäit vu Pandemie, gi se als systeemrelevant consideréiert. Also kréie se eng Impfprioritéit. Et geet hei net ëm Jalousien. Et geet schonn drëm, fir staatlech Interessien am An ze behalen. Dat hate mer bei de Polizisten, bei de Giischercher, am En-seignement - iwwerall do, wou et wirklech wichteg ass, datt de Staat viru fonctionéiert. Dat ass einfach eng funktional Analys an dofir sinn et eebe virun allem Staatsbeamten, déi concernéiert sinn. Mee dat

ass eng funktional Analys. Et geet net drëm, Privilee-gie fir Beruffsgruppen, déi beim Staat sinn, per se ze privilegéieren, mee ze kucken: Wat brauche mer, fir d'Land um Fonctionéieren ze halen? Wat brauche mer, fir besonnesch exposéiert Leit ze schützen?

Ech mengen, dat ass eng legitimm Approche a mir sollen hei net an eng Jalousiediskussioun goen, mee an eng rational Diskussioun. An an deem Sënn, als eng objektiv Analys an am Interess, datt mer de gemeinsame Staat, dee mer hunn, kënnen um Liewen an um Fonctionéieren halen, denke mer, datt d'Prioriséierung vu verschiddene Beruffskategorien absolutt Sënn mécht. An dofir ënnerstëtze mir dat hei och mat.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Awer just, fir dräi Saachen ze soen a richtiggestel-len.

Ech wëll just soen, wann hei vun deem engen oder deem anere Riedner gesot ginn ass, datt een net soll an deene Beruffskategorien denken, da wëll ech awer just drun erënneren, datt dat am Ufank vun der Impfcampagne souwisou scho gemaach ginn ass, well mer d'Santésberuffer logescherweis virgeimpft hunn, well mer de CGDIS virgeimpft hunn, wat ech och logesch a richtig fonnt hunn.

Wat ech net méi verstanen hunn, dat ass, firwat de CGDIS virgeimpft gëtt an d'Polizeibeamten, déi awer um Terrain mat engem Kontakt heiansdo musse liewen ... - net onbedéngt d'Direktioun, déi hunn en anert Beruffsbild wéi am Fong d'Beamten, déi um Terrain musse schaffen. Dat ass déi éischt Remark.

Déi zweet Remark ass: Wann Der déi Motioun hei liest, ass et net nëmmen ëm d'Staatsbeamte gaangen, mee et ass ëm systeemrelevant Beruffer gaangen. Do sinn der zwee opgezielt hei, mee et sinn och nach anerer, déi eis effektiv kënnen am Fon-cionnement vum Staat noutwendeg sinn an hëllefen.

An drëttens, wat net gesot ginn ass, mee wat och an der Motioun hei steet, dat ass, datt mir net eng abso-lutt Privilegéierung hei froen oder Prioriséierung hei froen, mee datt mer gesot hunn, datt mer innerhalb vun den eenzelne Gruppen, esou wéi et hei steet, datt mer « dans l'étape de vaccination qui les concerne individuellement », datt mer am Fong eng Prioriséierung fir jiddwereen a senger Etapp gefrot hunn. Elo si mer an der Etapp 6, dat heescht déi Beamten, déi concernéiert sinn an där Etapp, wou se sinn, datt een déi an där Etapp prioriséiert behandelt, ass eng absolutt grouss Nuanciatioun, déi mer par ailleurs wëll ech lech soen, Här Staatsminister, säit zwee Méint esou froen, elo hei eng Kéier formuléiert hunn, mee nach ëmmer d'selwecht gefrot hunn. Esou, dat just zur Explikatioun, wat déi Motioun ueget.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wiseler. Den Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech muss soen, ech deelen d'Analys vum Sven Clement. Ech mengen och, datt wa mer elo ufän-ken, sechs Wochen, iert all erwuessene Lëtzebuer-ger, wann alles gutt geet, eng Inviatioun fir eng éischt Impfung kritt, nach innerhalb vun deenen, déi net geimpft sinn, vun deene 70 %, d'Systeemrele-vanz ze detektéieren, da komme mer an eng ganz komesch Diskussioun, well da muss een op eemol ufänken ze soen: Ok, wat sinn dann d'„close contact“-Beruffer?

An da soe mer: „Ok, ma dann huele mer verschidde Beruffsgruppen.“ An ech soen elo nëmmen d'Botz-personal, dat géif dann eventuell als esou eent detektéiert ginn. Vun där Beruffsgrupp wäerte mer awer och just 10 % impfe kënnen, well déi aner Netlëtzebuerger sinn, respektiv Frontaliere sinn an an deene jeeweilege Länner dra sinn. Mir kommen, mengen ech, an Däiwelskichen. An ech fäerten, datt se gutt gemengt ass, mee datt se, wann een dat elo géif maachen, datt dat net sënnvoll wier. An duerfir si mer och dergéint.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Marc Baum. Da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun ... Nee, den Här Premierminister nach eng Kéier.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech wollt just preziséieren, dass mer déi Fro - well et ass elo keen drop agaangen - un d'Commission nationale d'éthique gestallt hunn. Ech wëll dat just nach eng Kéier soen. Ech mengen, hei wier d'Opportunitéit vläicht, fir d'Motioun zrëckzezéien, ze waarden, bis den Avis vun der Commission nationale d'éthique kënnt, an dann driwwer ze diskutéieren. Mee wann d'CSV dat eeben net wëllt ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech kucken nach eng Kéier op den Auteur. Dat schéngt net de Fall ze sinn, datt d'Motioun zrëckgezu gëtt.

Da kënnen mer zum Vott kommen.



Vote sur la motion 3

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 25 Jo-Stëmme a 35 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischö, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

On voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4, wou et drëm geet, d'Limitt vun der Altersgrupp, déi sech kënnen op d'Waardelëscht fir den AstraZeneca-Vaccin setzen, op déi Tranche d'âge vun 18 bis 29 ze erweideren. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Esou wéi mer bei der viregter Motioun ofwaarden, wat den Ethikrot eis wäert soen, si mer hei der Meinung, dass mer sollen eise Conseil supérieur des maladies infectieuses suivéieren. Deen huet sech de 16. Abrëll ausgelooß zu dëser Fro. Do ass ganz kloer ofgerode ginn, fir dëse Vaccin u manner wéi 30-Järeger ze verofreechen. Dat ass déi Approche, déi mer hunn, an dofir kënnen mer dat heiten net ënnerstëtzen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Gesondheetsminister. Da kritt den Auteur d'Wuert, den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech wëll effektiv soen, datt dat Argument, wat d'Ministesch hei bruecht huet, mir absolutt aliicht. Ech muss soen, ech hu bal all Text gelies, deen ech heizou kritt hunn an deen ëm deen Dossier hei gaangen ass. Deen do hunn ech awer net gelies, deen Avis vum Conseil supérieur des maladies infectieuses. Wann dat esou kloer ass, an ech hunn dat nogekuckt, datt dat eng Recommandatioun ass, fir den AstraZeneca net ze impfen an deem Alter, zéien ech dës Motioun selbstverständlech zréck.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. Domadder ass d'Motioun zréckgezunn?

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, wann Der d'accord sidd, Här President, hunn ech dat proposéiert.

(Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Da brauche mer net méi iwwert déi Motioun ze befannen.

(La motion 4 de M. Claude Wiseler est retirée.)

Motion 5

Da kënnen mer zur Motioun Nummer 5 kommen. Do geet et drëm, d'Validitéit, wat d'Dauer vun de Schnelltester ubelaangt, unzepaasen.

Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo merci. Dat sinn dräi Voleten. Dat éischt ass eng kéier d'Fro, fir d'Validitéit vun engem zertifizierte Schnelltest op 48 Stonnen ze setzen. Dat maache verschidde Leit. Mir hunn hei ganz bewosst méi eng virsiichteg Approche geholl fir dëse Mount; ech assuméieren déi och zu 100 %. Mir maache vill Ouverturen, mir hunn eng Rei Erfarunge mat Schnelltester - an hei kréie mer nach zousätzlecher ; et ass eis méi sécher, à ce stade bei 24 Stonnen ze bleiwen, dat opgrond vum deene Warnungen, déi mer kritt hu vun enger EMA, vun de Conseil-scientifiquen a Frankräich, vun eisen eegene Leit. Mir sinn an engem Mount, deen dach awer e Risiko vun engem Rebound huet, an do bleiwe mer léiwer op der virsiichteger

Schinn. Dat ass kloer eng virsiichteg Schinn, mee déi assuméiere mer à ce stade.

Dann deen zweeten Tiret, do geet et drëms, do gëtt gefrot, dass mer eis sollen engagéieren, déi Schnelltester fir de 16. Mee, wann d'Restauranten opginn, auszedeelen. Ma do muss ech soen: Dat ass scho geschitt. Menges Wëssens sinn déi op der Plaz ukomm. Dat eriwwegt sech also.

An dat anert ass, dass mer déi selwecht Richtung sollen huele wéi Däitschland, déi sech op d'Strategie vun der Unioun géifen alignéieren. Do muss ech soen, dat ass esou net richtig: D'Strategie vun der Unioun steet nach net, dat ass Work-in-progress. Dat ass dee Green Certificate; do si lafend Aarbechtsgruppen, wou mer ganz vill dra beschäftegt sinn. Asoufern ass et net richtig, dass Däitschland sech alignéiert. Däitschland gräift vir, dat dierfe se maachen. Mir maachen dat net. Mir waarden of, mir waarden op eng gemeinsam Position a virun allem wëlle mer ofwaarden, bis mer och éischt Resultater vum sanitäre Volet vun där Enquête hunn, déi hei vun der Chamber gefrot ginn ass an déi mer och an deem Sënn ënnerstëtzt hunn, mat auslänneschen Experten, déi eis dat wäerte belichten, wéi et sech mat de Reinfektioun huet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. Da freet den Här Sven Clement d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Wat soll ech zu där Motioun hei soen? Et ass e bëssen ...

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Dir musst näischt soen!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Nee, et muss ee vill derzou soen. Här Premierminister, leider muss ee ganz vill derzou soen, well et soll net hei den Uschäin erwecken, datt d'Chamber sech hei einfach nëmmen op iergendwellech Zuelen, déi ee gewürfelt huet, géif festleeën.

Déi 24 Stonnen, déi mer fir d'Schnelltester festgesat hunn, dat berout a mengen Aen op engem grouesse wëssenschaftleche Fundament. An dat muss ee soen, datt mer eis wierklech op Basis vu Wëssenschaft Beginn an net op Basis vun eppes würfelen. Ech hunn e bëssen d'Gefill, datt eis Nopeschlänner sech hei an der Vergaangenheet e bëssen d'Zuele gewürfelt hunn. Firwat soen ech dat?

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Et ass gutt, dass Der geschwat huet.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- E PCR-Test - just fir et eng kéier ze erklären - amplifiéiert d'Presenz vun engem Gen vum Virus, während e Schnelltest dat net mécht. Dat heescht, e Schnelltest reagéiert dee Moment, wou een eng vill, vill méi héich - an dat ass e puer Gréisstenuerdunge méi - Viruslaascht a sengem Spaut oder a sengem Kierper huet. Deementsprechend kann een an engem PCR-Test scho positiv sinn an an engem Schnelltest nach net. An duerfir hu mer déi 72 Stonne bei engem PCR-Test, a mir hu bei engem Schnelltest keng 72 Stonnen.

Duerfir ass et och ... Dat muss ech dann awer och lassginn: Ech verstinn net, firwat mer dann um Findel aner Delaien hunn , awer do och Schnelltester akzeptéieren. Dat muss ech dann awer och soen. Mir sollte vläicht och do déi Direktiv, déi jo elo bis den 30. Juni gëllt, dann och op 24 Stonne fir d'Schnelltester applizéieren an net do 72 Stonne virgesinn, wéi dat am Moment de Fall ass - dat vläicht och nach lasszeginn.

An da schlussendlech, wat iergendwellech Rechter oder zousätzlech Rechter fir geimpfte Leit oder geneese Leit ugeet - dat hunn ech virdrun a menger Ried gesot, mee ech soen et hei nach eng kéier -: Soulaang keng Offer fir jiddwereen do war, sech impfe kënnen ze loossen, soulaang mer net sécher sinn, datt jiddweree kann d'nämmlecht vun alle Grondrechter profitéieren, wäerte mer op kee Fall higoen an eng Zwouklassegesellschaft zwëschent Geimpften an Netgeimpfte schafen. Duerfir wäerten d'Piraten och géint dës Motioun stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Villmools merci, Här Clement. An dann ass d'Wuert fir den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der CSV Merci fir dës Motioun. Déi ass wierklech extreem wichteg, awer mir ginn net mat op de Wee, deen d'CSV hei proposéiert. Mir halen déi Propositionen eigentlech fir relativ geféierlech fir eis Gesellschaft.

A mir ginn och vill méi wäit wéi d'Piraten: Hei geet et net drëm, ze waarden, datt jiddereen eng Geleeënheet huet, fir sech impfen ze loossen, fir kënnen eng Differenz zwëschent verschiddene Leit ze maachen. An ech wëll kuerz an e puer kuerze Wieder erkläre firwat.

Dat Éischt ass: Déi fundamental Rechter, déi mer an der Verfassung hunn, déi si jo net conditionéiert an déi dierfen net conditionéiert ginn - weeder an der Verfassung nach an eisen internationale Mënschrechtskommissioun, déi mer ratifizéiert hunn, gëtt et Konditiounen fir den Exercice vu Grond-

rechter. An dat féiere mir net an. Dofir ass dat déi éischt Observatioun.

Dat Zweet ass d'Perséinlechkeetsrecht: Et geet hei net per se ëm de Secret médical, well et si jo net ëmmer Dokteren oder Leit aus deem Beräich, déi déi medezinnesch Informatiounen solle kontrolléieren, déi do musse kontrolléiert ginn, mee egal wéi ee Bierger kann eventuell domadder konfrontéiert sinn, datt e medezinnesch Informatiounen, confidentiel Informatiounen vun engem anere Mënsch soll kontrolléieren. Dat ass jo d'Iddi dohannert. „Sidd Dir geimpft?“, dat ass elo hei d'Fro. Wann net, da sinn domadder Konsequenze verbonnen. Dat ass eng medezinnesch Informatioun. Dat ass e Verstouss géint d'Perséinlechkeetsrechter vun de Leit.

Mir wëlle kee glieserne Bierger an et ass e bëssen och ... Ech muss de Kollege vun der CSV dat och soen: Mir hunn déi Offensiv, déi si gestart hunn, och fir d'Tracingapp hei anzeféieren, nach a schlechter Erënnerung. Och dat huet vun eiser Säit aus déi selwecht Consideratiounen ervirgeruff, datt och dat e Verstouss ass géint d'Bewegungsfräiheet a géint d'Fräiheet vun de Leit.

Also do ass d'CSV haut e bësse Widderholungstäter. Mir hunn eng aner Approche, mir verdeedegen d'Fräiheet.

Dat Drëtt ass: Wie kontrolléiert?

(Coups de cloche de la présidence)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Hei nach e puer Minutte Gedold.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech wëll just soen, e Polizist, deen dierf net ënner egal wéi enge Konditiounen d'Carte d'identité vun engem anere kontrolléieren. Do muss e ganz gutt oppassen, datt e sech u gewësse Rahmenbedingungen hält. Hei kann awer zum Beispill e Wiert e Resultat kucken, e kann dat mat der Identitéit ofgläichen, fir sécher ze sinn, datt dann dat Testresultat oder deen Impftifikat och där Persoun gehéiert, déi e produzéiert. All dat si ganz geféierlech Evolutiounen. Wien dierf wat kontrolléieren hei am Land? A schlussendlech ass et e Prezedenzfall.

Mir schwätzen haut iwwert de Covid, eng Krankheet, déi ganz sécher eng geféierlech Krankheet ass, awer et ass nach bei Wäitem net déi eenzeg geféierlech Krankheet an et gëtt vill Krankheeten, déi wäit méi geféierlech sinn. An d'Fro stellt sech dann: Awéiwäit ass dat do e Prezedenzfall fir aner Krankheitsbiller oder aner Phenomena, wou vläicht herno esou de Wonsch opkënn, dat ze kontrolléieren. Dat wësse mer alles elo nach net. Dat heescht, och an där Hisiicht musse mer oppassen, datt mer net e Prezedenzfall schafen, fir d'Perséinlechkeetsrechter ze kontrolléieren, Grondrechter anzëschränken. An all dat ass eng geféierlech Demarche, an dofir musse mer eise Kollege vun der CSV mat Bedauere matdeelen, datt mir net op deen do Wee matginn. Voilà, merci.

■ **Plusieurs voix.**- O!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Voilà!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Da kritt den Här Marc Baum d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, merci, Här President. Ech hunn och a menger Interventioun virdruschonn, mengen ech, kloergemaach, datt mir net domadder averstane sinn, wat dës Motioun elo ugeet.

Zwee Punkten: Et ass, och wat ech gelies hunn, de wëssenschaftleche Konsens, am Moment op jidde Fall, vun deene 24 Stonnen. Ech kann dat net aschätzen, mee wann dat de wëssenschaftleche Konsens ze si schéngt, da maachen déi 24 Stonne fir mech awer och op jidde Fall Sënn.

Da wat d'Fro ass vun datt Geimpfter keen Test méi bräichte virzeweisen. Dat fannen ech eng ganz geféierlech Richtung, op déi mer op kee Fall solle goen, éischtens, well et medezinnesch a sanitär iwwerhaupt net erweisen ass, datt een, wann ee geimpft ass, eng zweet Dosis huet, de Virus iwwerhaupt net kéint weiderginn. Dat heescht, do géife mer eventuell souguer eng Lück opmaachen, déi, mengen ech, aus sanitärer Hisiicht net intelligent wier.

An deen anere Grond ass ... Jo, mech géif dat natierlech arrangéieren: Ech war positiv getest gi viru knapp zwee Méint, ech hunn eng éischt Impfung, ech bräicht elo keen Test méi virzeweisen. Mee ech mengen, datt dat grad awer eng geféierlech Entwécklung ass. A mir hunn andauernd ëmmer gesot, mir mussen als Gesellschaft zesummen a kollektiv duerch déi eenzel Mesuré goen. Mir sollen dat och elo kuerz viru Schluss net ophalen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Marc Baum. Den Auteur vun der Motioun kritt nach d'Wuert, den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Just ganz kuerz, fir hei e puer Argumenter ze soen.

Ob de wëssenschaftleche Konsens op de 24 Stonnen, esou wéi en hei gesot gëtt, esou evident a kloer ass, dat woen ech awer ze bezweifelen, well eng ganz Rei Länner déi 48 Stonnen ageféiert hunn an och exercéieren, soudatt de Konsens zumindest dorop awer vläicht net onbedéngt esou europa- oder weltwäit deen ass, wéi Der en elo beschriwwen hutt.

Wat d'Perséinlechkeetsrechter kontrolléieren ugeet: Ech kann d'Argument zwar verstoen, mee ech muss soen, ech verstinn dann net op där enger Säit, datt ee seet, et ass eng Perséinlechkeetsrechtkontroll, wann Der frot ob ee vaccinéiert ass oder net, mee et ass keng Perséinlechkeetsrechtaschränkung, wann Der ee frot, fir sech bei de Leit zesummen ze testen an da säi Gesondheetsetat iwwert den Test ze kucken. Sot mir just, wat den Ënnerscheid ass bei de Perséinlechkeetsrechtkontrollen. Dir kënn awer net dat eent froen an dat anert da condemnéieren.

Vill Länner sinn op deen do Wee gaangen, dee mir hei proposéieren, och mat constitutionellen Iwwerleeungen. Notamment an Däitschland ass déi constitutionell Iwwerleeung, fir d'Fräiheet zereckzeginn - respektiv Fräiheet zréckginn ass vill gesot, normal Basisrechter, Grondrechter zréckgi fir déi Leit, wou et net méi proportionell an necessaire ass, fir se anzëschränken - eng formal juristesche Diskussioun konstitutioneller Natur, déi duerchaus hire Sënn mécht an déi mir einfach hei an dësem Moment ignoréieren.

An da wollt ech soen, wa mer elo an engem Mount deen nächste Gesetzestext duerchschwätzen - well dat ass jo a ronn engem Mount -, a wa mer da gesinn, datt déi Diskussiounen, déi mer hei féieren, op europäeschem Niveau weiderlafen an datt dat kënn, wat elo amgang ass, an Europa ausgeschafft ze ginn a wou mir elo hei mat grouse Philosophien an Theorië soen, dat wëlte mer op kee Fall, da wëll ech awer ganz interesséiert nolauschteren, ob hei nach déi selwecht Philosophie an déi selwecht Theorien an engem Mount entwéckelt ginn oder ob mer da soen: „Mee dat ass elo dee richtige Wee, dee mer endlech mussen huelen.“ Ech si ganz gespaant, wat Der an engem Mount sot!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler. Da kritt nach den Här Sven Clement d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo, merci, Här President. Also ganz kuerz zu deem wëssenschaftleche Konsens: Ech hu virdu gesot, ech hunn e bëssen d'Gefill, datt am Ausland déi Zuele gewürfelt goufen. Dat soen ech net fir näischt, well d'Wëssenschaft seet u sech, datt déi Schnelltester genau dat sinn, nämlech eng Momentopnam a soss näischt. Reng theoreetesch a wann een ... souguer sechs Stonne si laut der Wëssenschaft ze laang fir e Schnelltest. Wëssenschaftler soen, wann ee se freet, u sech: E Schnelltest seet, datt Der elo, dëse Moment, net ustiechend sidd mat 80 % Warscheinlechkeet.

■ **Une voix.**- An e PCR?

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- PCR-Tester sinn eppes ganz aneschters: Déi amplifiéieren, dat hat ech virdrun erkläert. Mee déi Schnelltester amplifiéieren net, déi soen eppes, wat elo ass. Mir hu bei där Viruslaascht eng exponentiell Kurv, an do gëtt et e schéint Beispill: Wa mer deen neie Fussballstadion géifen huelen a mir géifen all Sekonn do mat Waasser ..., géif sech de Volume, deen erafléisst, verduebelen. Da géif d'Waasser während enger ganzer Woch ganz licht uklassen, an dann innerhalb vun e puer Sekonne wär op eemol de ganze Fussballstadion voll. Dat ass eng exponentiell Kurv, wa sech eppes verduebelt. Et geet op eemol ganz séier.

(Brouhaha)

An duerfir sinn déi Schnelltester eeben da sënnvoll, wann een infektiéis ass. An dat wollt ech just soen: Et geet ëm d'Wëssenschaft a mir sollten hei ophalen, d'Zuelen ze würfelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. Da kéime mer elo zum Vott vun dëser Motioun.

(Brouhaha général)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also, Här Clement. ... Den Här Clement ass deen neie Virolog vun heibanen. Ech soen lech awer, dat do ass eng Risikoaschätzung wéi iwwerall, ob 24 Stonnen, ob 12 Stonnen, ob 6 Stonnen, ob 3 Stonnen oder ob 48, wéi gesot, dat ass eng Fro vu Risikoaschätzung ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Hei wannechgelift, e bësse méi roueg! Den Här Wiseler huet d'Wuert.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... an eng Fro vu praktescher Realisatioun vun deem, wéi Der d'Gesellschaft kënn fonctionéiere loosse. An do muss jiddweree seng Responsabilitéit huelen. Mir hunn eis Meinung hei presentéiert. Déi ass déi selwecht, wéi et an aneren europäesche Länner och gemaach gëtt. Dat ass keen Zesummewürfele vun Zuelen, well dat de Leit gefält. Et ass eng Risikoaschätzung, wéi ee mengt, datt ee kéint eng Gesellschaft uerdentlech a propper fonctionéiere loosse.

Déi selwecht Fro stellt sech bei den Tester vun 72 Stonnen. Dat ass och eng Risikoaschätzung, déi 72



Stonnen, wéi viles wat mer hei maachen. Et gëtt am Fong gekuckt, wat sënnvoll ass, wéi wäit ech de Risiko kann an der Responsabilitéit iwwerhuelen a wéi wäit net. Dat ass d'Fro. An net esou virologesch Ausernanersetzungen a Beléierungen, wéi mer se elo just kruten.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci, Här Wiseler.

■ **M. Georges Engel (*LSAP*).** - D'Opposition ass sech net eens!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Da kéime mer awer elo zum Vott.

Vote sur la motion 5

D'Ofstëmme fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Ech géif Iech bidden, setzen ze bleiwen aus elementarem Sënn vu Respekt an Disziplin, bis datt de Vott ofgeschloss ass.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 21 Jo-Stëmmen an 39 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise

Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies ,Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François

Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Domadder si mer elo um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 18., 19. an 20. Mee virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.19 heures.)

Sommaire des séances publiques n°s 53 et 54

53 ^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 774
Communications.....	p. 774
Changements de composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales	p. 774
Ordre du jour.....	p. 774
Dépôt d'une motion par M. Fred Keup.....	p. 774
Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet des perspectives de la situation socio-économique du pays, sur la base des nouvelles données issues du « Panorama social 2021 » de la Chambre des Salariés.....	p. 774-779
Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement.....	p. 779
Question élargie n° 99 de M. Aly Kaes au sujet des syndicats des communes	p. 779
Débat de consultation au sujet de la refonte de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.....	p. 779-788
Motion de M. Marc Spautz relative à la convocation d'une réunion du Comité de coordination tripartite.....	p. 788-790
7823 - Proposition de loi portant modification de	
1. la loi électorale modifiée du 18 février 2003	
2. la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques au	
registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux registres communaux des personnes physiques et portant modification de	
1) l'article 104 du Code civil ;	
2) la loi modifiée du 30 mars 1979 organisant l'identification numérique des personnes physiques et morales ;	
3) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;	
4) la loi électorale modifiée du 18 février 2003	
et abrogeant	
1) la loi modifiée du 22 décembre 1886 concernant les recensements de population à faire en exécution de la loi électorale et	
2) l'arrêté grand-ducal du 30 août 1939 portant introduction de la carte d'identité obligatoire	p. 790
Ordre du jour (suite)	p. 790
54 ^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 790
Déclaration de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé	p. 790
7820 - Projet de loi modifiant :	
1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;	
2° la loi modifiée du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises	p. 790-805



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live op
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui : retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.